



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 26.04.2019
ET DU 07.06.2019





SOMMAIRE

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 26 AVRIL 2019

Séance publique

RAPPORT SOMMAIRE EN FRANÇAIS

1. CORRESPONDANCE	12
2. FINANCES COMMUNALES	12
2.1. approbation d'un contrat de fermage avec les époux Marques Pereira – Grilo Sebastião	
2.2. approbation d'un acte de cession gratuite avec les époux Rafet Kajevic et Safeta Hodzic	
2.3. approbation de la convention de collaboration avec la commune de Roeser au sujet du cimetière en forêt régional Diddeleng – Gehaansbierg	
2.4. approbation du contrat de bail commercial de sous-location du local de commerce sis 77, avenue Grande-Duchesse Charlotte	
2.5. subside extraordinaire à allouer	
3. APPROBATION D'UN CHANGEMENT DANS LA COMPOSITION DES COMMISSIONS CONSULTATIVES	19
4. OFFICE SOCIAL	19
4.1. approbation du décompte annuel de l'exercice 2018	
4.2. plan pluriannuel de financement initial de l'exercice 2019 (pour information)	
5. PERSONNEL	22
5.1. création d'un poste de salarié pour l'école régionale de musique	
6. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	24



Séance à huis clos

7. PERSONNEL

- 7.1. engagement avec décision de classement de plusieurs employés communaux, catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social (éducation et accueil)
- 7.2. engagement avec décision de classement de plusieurs employés communaux, catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social (éducation et accueil)
- 7.3. démission à accorder à une employée communale, catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social (éducation et accueil)
- 7.4. engagement avec décision de classement d'une employée communale, catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social (éducation et accueil)
- 7.5. nomination de deux fonctionnaires communaux, catégorie de traitement C, groupe de traitement C1, sous-groupe administratif (office des citoyens)
- 7.6. nomination définitive d'une fonctionnaire communale, catégorie de traitement C, groupe de traitement C1, sous-groupe administratif (office des citoyens)
- 7.7. nomination provisoire d'un fonctionnaire communal, catégorie de traitement A, groupe de traitement A2, sous-groupe scientifique et technique (gestion et maintien du patrimoine)
- 7.8. nomination définitive d'un fonctionnaire communal, catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe technique (architecture et domaines)
- 7.9. promotion à accorder à un fonctionnaire communal, catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif (enseignement)
- 7.10. promotion à accorder à un fonctionnaire communal, catégorie de traitement A, groupe de traitement A2, sous-groupe scientifique et technique (architecture et domaines)
- 7.11. mise à la retraite progressive d'une employée communale, catégorie d'indemnité D, groupe d'indemnité D1, sous-groupe administratif (service culturel)

Séance publique

8. PERSONNEL

- 8.1. reconversion d'un poste de fonctionnaire communal, catégorie de traitement A, groupe de traitement A2, sous-groupe scientifique et technique en poste d'employé communal de la même carrière (gestion et maintien du patrimoine)



SOMMAIRE

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 7 JUIN 2019

Séance publique

RAPPORT SOMMAIRE EN FRANÇAIS

1. CORRESPONDANCE	30
2. CIRCULATION	30
2.1. confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation - rue de la Fontaine	
2.2. confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation - rue Jean Friedrich	
2.3. confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation - rue Jean Jaurès	
2.4. confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation - rue Dominique Lang et avenue Grande-Duchesse Charlotte	
2.5. confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation - PAP rue Dominique Lang	
3. FINANCES COMMUNALES	32
3.1. approbation d'un acte notarié de vente avec Monsieur Christian Luis Fernando Besch et Madame Liljana Savic	
3.2. approbation d'un acte notarié de vente avec les époux Armand Pierre Loehr Caroline Jeanne Esch	
3.3. approbation d'un acte notarié de cession gratuite conclu avec les époux Gérard Tagliaferri et Mariette Pauly ainsi que Madame Eliane Tagliaferri	
3.4. approbation du devis pour la mise en conformité de l'école Boudersberg par rapport aux personnes à mobilité réduite	
3.5. approbation d'un crédit spécial pour la mise en conformité de l'école Boudersberg par rapport aux personnes à mobilité réduite	
3.6. approbation du contrat de bail conclu avec l'État concernant la location de locaux dans l'ancien presbytère	
3.7. approbation de décomptes	
3.8. subsides ordinaires à allouer aux associations locales - exercice 2018	
4. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL - APPROBATION DE L'ORGANISATION PROVISOIRE DE L'ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL POUR L'ANNÉE SCOLAIRE 2019/2020	45
5. AMÉNAGEMENT COMMUNAL - APPROBATION DE LA CONVENTION ET DU PROJET D'EXÉCUTION RELATIFS AU PLAN D'AMÉNAGEMENT PARTICULIER «LIDL»	60



6. AVIS À DONNER AU SUJET DE LA DEMANDE D'ATTRIBUTION D'UNE CONCESSION DE PHARMACIE SUPPLÉMENTAIRE POUR LA VILLE DE DUDELANGE	71
7. APPROBATION DE LA CONVENTION «NATUR GENÉISSEN» CONCLUE AVEC LE SYNDICAT DE COMMUNES SICONA SUD-OUEST	75
8. AUTORISATION À CONFÉRER AU SYNDICAT DE COMMUNES STEP POUR CONSULTER LES BASES DE DONNÉES NÉCESSAIRES POUR LA GESTION DES CARTES D'ACCÈS POUR LES PARCS À CONTENEURS (PARCS DE RECYCLAGE)	78
9. APPROBATION DE CHANGEMENTS DANS LA COMPOSITION DES COMMISSIONS CONSULTATIVES	79
10. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	79

Séance publique

11. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

- 11.1. admission retardée de deux écoliers dans l'enseignement fondamental
- 11.2. proposition de réaffectation des institutrices et instituteurs de l'enseignement fondamental sur la première liste - cycle 1
- 11.3. proposition de réaffectation des institutrices et instituteurs de l'enseignement fondamental sur la première liste - cycles 2 à 4

12. PERSONNEL

- 12.1. démission à accorder à une employée communale (égalité des chances)
- 12.2. démission à accorder à deux employés communaux (éducation et accueil)
- 12.3. engagement d'un employé communal, catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe éducatif et psycho-social, pour une durée déterminée de 12 mois (éducation et accueil)
- 12.4. prolongation de stage à accorder à un fonctionnaire communal
- 12.5. affaire disciplinaire à l'encontre d'un fonctionnaire communal - décision du conseil de discipline
- 12.6. démission à accorder à un fonctionnaire communal (gestion et maintien du patrimoine)
- 12.7. démission à accorder à une fonctionnaire communale (office des citoyens)

RAPPORT SUCCINCT DE LA RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 26 AVRIL 2019

Présents: Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre; Loris Spina; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Sylvie Andrich-Duval (à l'exception du point numéro 7.1 de l'ordre du jour), Martine Bodry-Kohn; Messieurs Bob Claude, Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Robert Garcia (à l'exception des points numéros 7 et 8 de l'ordre du jour), Henri Glesener; Madame Romaine Goergen; Messieurs Vic Haas, Yves Jadin; Madame Michèle Kayser-Wengler; Monsieur Claude Martini; Madame Emilia Oliveira et Monsieur Romain Zuang, conseillers.

Patrick Bausch, secrétaire communal.

Absent: Monsieur René Manderscheid, échevin, excusé.

Début de la séance à 08.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres.

La réunion est marquée par le décès de S.A.R. le Grand-Duc Jean en date du 23 avril 2019. La Ville de Dudelange pleure le décès d'un grand chef d'Etat. Monsieur le bourgmestre rappelle les événements à l'occasion desquels le Grand-Duc Jean a visité la Ville de Dudelange pour les garder en bonne mémoire. Des sincères condoléances de la part du conseil communal et de tous les citoyens de Dudelange sont exprimées à la famille Grand-Ducalé.

Le conseil communal marque ensuite une minute de silence en hommage à S.A.R. le Grand-Duc Jean.

Le bourgmestre informe ensuite le conseil communal que des démarches ont été entamées près des instances étatiques compétentes pour voir attribuer à la Ville de Dudelange une quatrième concession pour pharmacie. Le dossier sera soumis à l'assentiment du conseil communal en temps opportun.

Il est de suite procédé à la liquidation de l'ordre du jour.

Point numéro 2 de l'ordre du jour – finances communales

Le conseil communal approuve par des Votts unanimes respectifs, les dossiers suivants:

1. le contrat de fermage aux termes duquel les époux Marques Pereira – Grilo Sebastião louent de la Ville de Dudelange une partie d'une par celle de jardin au lieu-dit «rue Grand-Duc Adolphe», d'une contenance d'environ 2,20 ares;
2. l'acte de cession gratuite aux termes duquel les époux Rafet Kajevic et Safeta Hodzic cèdent gratuitement à la Ville de Dudelange une parcelle de terrain au lieu-dit «rue Jean Friedrich», d'une contenance de 0,79 are pour l'intégrer dans la voirie publique;

3. la convention de collaboration avec la commune de Roeser au sujet du cimetière en forêt régional Diddeleng – Gehaansbieng.

La convention a pour objet de fixer les droits et devoirs des parties contractantes par rapport à l'aménagement, l'exploitation et le fonctionnement du cimetière en forêt régional;

4. le contrat de bail commercial de sous-location, aux termes duquel la Ville de Dudelange sous-loue à la société Kùb S.à r.l., un local commercial sis à Dudelange, 77, avenue Grande-Duchesse Charlotte pour y implanter un concept-store;
5. l'allocation d'un subside extraordinaire de 100,- à l'association «SOS Détresse - Mir hëllefen iwwer Telefon an online» en tant que support financier afin de concrétiser ses projets.

Point numéro 3 de l'ordre du jour – composition des commissions consultatives

La démission de Monsieur Marc Dany comme membre de la commission des affaires culturelles est acceptée à l'unanimité.

Point numéro 4 de l'ordre du jour – office social

Le décompte annuel de l'exercice 2018 de l'office social est approuvé avec les voix de tous les conseillers communaux.

Subséquentement, le plan pluriannuel de financement de l'office social est porté à la connaissance du conseil communal.

Point numéro 5 de l'ordre du jour – personnel en séance publique

En vue de créer un département danse auprès de l'Ecole régionale de musique de la Ville de Dudelange, le conseil communal décide unanimement de créer un poste de salarié (chargée de cours de l'enseignement musical) en vue d'entamer ce projet.

Point numéro 6 de l'ordre du jour – questions au collège des bourgmestre et échevins

3 questions ont été soumises au collège des bourgmestre et échevins, questions auxquelles le collège fournit des réponses séance tenante:

- question de la fraction « CSV » au sujet du tableau d'affichage de la vitesse des véhicules près de l'école Ribeschpont;
- question de la fraction « CSV » au sujet de la reconnaissance digitale des plaques d'immatriculation des véhicules automobiles à l'entrée du parking souterrain public « Am Duerf »;
- question du conseiller indépendant Vic Haas au sujet de l'état de la place de l'Hôtel de Ville.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos pour des décisions de personnel (point 7).

Sont ainsi engagés comme employés communaux près du service éducation et accueil (maison relais, crèches), les personnes suivantes (différentes tâches): Mesdames, Messieurs Evelise Alves Fernandes, Kim Remacle, Jeff Kremer, David Pires Pereira, Cynthia Pazzaglia, Sandy Sa De Oliveira, Nicandro Basile, Mona Seyler, Denis Rampin, Melanie De Jesus Pinheiro, Yannick Krippeler, Muriel Kurt, Laure Mariette, Sandy Porqueddu Pinto, Solange Simoes, Sandra Thurmes.

Monsieur Settimio Mauro Rotolo et Madame Kim Noël sont nommés au postes vacants de fonctionnaire communal C1 (administratif) auprès de l'office des citoyens. Madame Sarah Bonaria est nommée au poste de fonctionnaire communal C1 à titre définitif.

Le conseil communal décide de ne pas nommer de candidat au poste vacant de fonctionnaire communal A2, technique, près du service gestion et maintien du patrimoine.

Monsieur Ivica Repusic est nommé au poste de fonctionnaire communal B1 (technique) au service architecture et domaines.

Des promotions sont accordées à Messieurs Marc Wozniak, service enseignement et Tom Schroeder (architecture et domaines).

L'admission à la retraite progressive est accordée à Madame Angèle Klein, service culturel.

Point numéro 8 de l'ordre du jour – personnel en séance publique

Finalement, le conseil communal décide à l'unanimité de convertir le poste vacant de fonctionnaire communal, catégorie de traitement A, groupe de traitement A2, sous-groupe scientifique et technique en poste d'employé communal, catégorie d'indemnité A, groupe d'indemnité A2, sous-groupe scientifique et technique à raison de 40 heures par semaine et à durée indéterminée pour les besoins du service gestion et maintien du patrimoine.

Fin de la séance vers 10.05 heures.

RAPPORT SUCCINCT DE LA RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 7 JUIN 2019

Présents: Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre; Loris Spina, René Manderscheid; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Sylvie Andrich-Duval, Martine Bodry-Kohn; Messieurs Bob Claude, Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Henri Glesener; Madame Romaine Goergen; Messieurs Vic Haas, Yves Jadin; Madame Michèle Kayser-Wengler; Monsieur Claude Martini; Madame Emilia Oliveira et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

Absent: Monsieur Robert Garcia, conseiller, excusé.

Début de la séance à 08.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres.

En début de séance Monsieur René Manderscheid informe le conseil communal qu'à l'occasion de la journée du pacte climatique, qui s'est tenue en date du 4 juin 2019, la Ville de Dudelange a su consolider sa position en atteignant 68% de ses objectifs déclarés. En supplément le prix du bon vivre ensemble a été décerné à la Ville pour la mise en œuvre de la 1^{re} phase de la zone de rencontre « shared space ».

Monsieur le bourgmestre complète les informations en annonçant les résultats du compte provisoire de l'exercice 2018. Ainsi, ce compte se clôture vraisemblablement avec un boni définitif de 21,8 millions d'euros. A signaler que la recette de la dotation de l'Etat s'est accrue de 3,3 millions et que la recette de l'impôt commercial communal a augmenté de 1 million d'euros.

Il est ensuite procédé à la liquidation de l'ordre du jour.

Point numéro 2 de l'ordre du jour – circulation

Le conseil communal confirme, chaque fois à l'unanimité, 5 règlements d'urgence à caractère temporaire, édictés par le collège des bourgmestre et échevins:

1. à l'occasion des travaux de déploiement de la fibre optique par la Poste dans la rue de la Fontaine;
2. à l'occasion des travaux de raccordement des infrastructures et du réaménagement de la chaussée de la rue Jean Friedrich;
3. à l'occasion de l'installation d'un passage pour piétons provisoire à la hauteur des immeubles numéros 32-36 et 35, rue Jean Jaurès, nécessaire en raison des travaux de déploiement de la fibre optique sous la direction de la Poste ainsi que des travaux de raccordement d'infrastructures de la Ville;

4. pour le marquage horizontal de deux passages pour piétons provisoires dans la rue Dominique Lang, dû aux travaux en relation avec la 2^e phase du chantier « shared space » dans l'avenue Grande-Duchesse Charlotte;
5. en raison des travaux d'infrastructures en relation avec la mise en œuvre du projet d'aménagement particulier « rue Dominique Lang » et le déploiement de la fibre optique par la Poste.

Point numéro 3 de l'ordre du jour – finances communales

Le conseil communal approuve par des votes unanimes respectifs, les dossiers suivants:

1. l'acte notarié de vente aux termes duquel la Ville vend à Monsieur Christian Luis Fernando Besch et à Madame Liljana Savic deux parcelles de terrain d'une surface cumulée de 23 centiares, sises à Dudelange, section C de Dudelange, lieu-dit « route de Burange » pour le montant de 500,- €;
2. l'acte notarié de vente aux termes duquel les époux Armand Pierre Loehr et Caroline Jeanne Esch vendent à la Ville une parcelle de bois, sise à Dudelange, section A de Boudersberg, d'une contenance de 20,77 ares, pour le prix de 28.000,- €. L'acquisition est faite dans un but d'utilité publique, à savoir l'augmentation de la réserve foncière;
3. l'acte notarié de cession aux termes duquel les époux Gérard Tagliaferri et Mariette Pauly ainsi que Madame Eliane Tagliaferri cèdent gratuitement à la Ville une parcelle de terrain à Boudersberg, lieu-dit « rue Gaffelt », d'une contenance de 73 centiares pour l'intégration de la parcelle de terrain dans le domaine public;
4. le devis pour un montant de 60.000,- € pour les travaux de mise en conformité de l'école Boudersberg par rapport aux personnes à mobilité réduite;
5. le crédit spécial de 60.000,- € relatif au dossier qui précède;
6. le contrat de bail, aux termes duquel la Ville loue

à l'État du Grand-Duché, une partie de l'immeuble « ancien presbytère », 14, rue des Écoles, à savoir une surface de bureaux de 22,44 m² pour un loyer mensuel de 350,- €, pour les besoins du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse – Office National de l'Enfance (ONE);

7. les décomptes de travaux respectivement d'acquisitions extraordinaires suivants:

- création de logements sociaux et chambres meublées dans la maison sociale:
27, rue du Commerce..... 2.276.131,45- €
25, rue du Commerce..... 730.607,45- €
- aménagement de 4 salles de classe dans l'école Gaffelt..... 2.263.601,93- €
- installation d'un bain froid « cryo spa » au Centre sportif René Hartmann..... 27.423,68- €
- aménagement d'une aire de jeux au parc Casino..... 65.420,40- €
- déplacement et renouvellement de la station de gaz naturel près du Centre sportif René Hartmann..... 149.989,86- €
- projet sculptures près des passages à piétons dans les quartiers résidentiels.. 14.651,24- €
- remplacement des appareils électroniques « Politess » des agents municipaux.. 9.364,00- €
- installation de stores de protection soleil à l'école Lenkeschléi..... 5.322,08-€
- acquisition d'un camion pompiers à grande échelle pour le Centre d'Intervention Dudelange (C.I.D.) 665.179,34-€

Le décompte relatif aux travaux de démolition et de reconstruction d'un nouveau complexe sportif « Centre Sportif René Hartmann » pour un montant global de 27.345.034,27- € est approuvé avec treize voix et cinq abstentions.

8. l'allocation de subsides ordinaires pour l'exercice 2018 aux clubs et associations est approuvée avec 12 voix et 6 abstentions.

Point numéro 4 de l'ordre du jour – enseignement fondamental

Le conseil communal, approuve avec les voix de tous les conseillers communaux, l'organisation provisoire de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2019/2020.

Point numéro 5 de l'ordre du jour – aménagement communal

Avec 12 voix et 6 abstentions sont approuvés la convention relative au plan d'aménagement particulier « LIDL » conclue avec la société LIDL BELGIUM GmbH & Co.KG ainsi que le projet d'exécution du plan d'amé-

nagement particulier afférent élaboré par le bureau d'ingénieurs Best Ingénieurs-conseils s.à r.l..

Point numéro 6 de l'ordre du jour – pharmacies

Le conseil communal s'accorde unanimement pour demander à Monsieur le Ministre de la Santé de conférer une quatrième concession de pharmacie à la Ville de Dudelange. Le conseil communal propose aussi au Ministre de fixer le périmètre d'implantation de la nouvelle concession dans le nouveau quartier « NeiSchmelz » (dans un des quatre plans d'aménagement particulier en voie d'élaboration) pour y être exploitée en temps voulu.

Point numéro 7 de l'ordre du jour – syndicat de communes SICONA-Ouest

Le conseil communal approuve avec toutes les voix la convention « Natur genéissen » conclue avec le syndicat de communes SICONA-Ouest et ayant pour objet d'organiser l'achat des denrées alimentaires pour les besoins du service d'éducation et d'accueil selon les critères d'un cahier des charges basé sur des méthodes de production durables.

Le projet « Natur genéissen » vise à encourager une alimentation durable dans les maisons relais en utilisant un maximum d'aliments produits de manière soutenable dans la région et un pourcentage minimal d'aliments biologiques. La finalité est une alimentation saine, saisonnière et durable pour les enfants au sein des maisons relais. Le projet veut également promouvoir le marché de vente des producteurs agricoles de la région prêts à remplir des conditions de production respectueuse de l'environnement et de la nature. Le projet ambitionne ainsi des finalités de protection de l'environnement, de la nature et du climat sur un niveau régional.

Point numéro 8 de l'ordre du jour – syndicat de communes STEP

Avec la voix de tous les conseillers communaux, l'autorisation est conférée au syndicat intercommunal pour l'exploitation de la station d'épuration de Bettembourg et pour la réalisation de toutes activités de recyclage et de gestion écologique (STEP), pour consulter les bases de données nécessaires de la Ville de Dudelange pour la gestion des cartes d'accès pour les parcs de recyclage du STEP, par l'intermédiaire de l'accès aux bases de données GESCOM gérées par le Syndicat Intercommunal de Gestion Informatique SIGI.

Point numéro 9 de l'ordre du jour – composition des commissions

Le conseil communal avalise à l'unanimité les changements suivants dans les commissions communales:

- commission des subsides pour études secondaires et post-secondaires: Monsieur Eric Antoine remplace Monsieur Guy Dentzer en tant que membre;
- commission culturelle: Monsieur Joël Reisdorf remplace Monsieur Marc Dany en tant que membre.

Aucune question n'a été posée en amont de la réunion aux collèges des bourgmestre et échevins et la réunion se poursuit directement à huis clos.

Point numéro 11 de l'ordre du jour – enseignement fondamental

Deux admissions retardées d'écoliers à l'enseignement fondamental sont acceptées.

Sont proposés sur la 1^{re} liste de réaffectation des institutrices et instituteurs de l'enseignement fondamental pour le cycle 1: Mesdames Jill Nürenberg (institutrice) et Jessica Classen (surnuméraire 2019/2020) et pour le cycle 2-4: Monsieur Gilles Loes (surnuméraire).

Point numéro 12 de l'ordre du jour – décisions de personnel

Démission sur demande est accordée aux employés communaux suivants: Madame Jeannette Sinnes (égalité des chances), Messieurs Yannick Kripler et Daniel Zenari (éducation et accueil).

Monsieur Cédric Moreira est engagé comme employé communal pour une durée déterminée pour le service éducation et accueil.

Le service provisoire de Monsieur Pascal Steichen, fonctionnaire communal est prolongé pour une durée d'une année.

Démission sur demande est accordée aux fonctionnaires suivants: Monsieur Alain Boos (gestion et maintien du patrimoine) et Madame Thessy Erpelding (office des citoyens).

Fin de la séance vers 12.10 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 26. ABRËLL 2019

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Léif Kollegen a Kolleginne vum Schäffen- a Gemengerot, ech géif lech fir dës ëffentlech Sëtzung begrëssen, wou de René Manderscheid sech entschëllegt huet. Et ass eng Sëtzung vum Gemengerot, déi an engem bësse méi spezielle Kader stattfënnt no der Annonce vum Doud vum fréiere Staatschef, dem Grand Duc Jean, wou mir och de Kader setze vum Deuil national an dofir wëilt ech hei stellvertriedend fir de Gemengerot e puer Wieder riichten.

Léif Kollegen a Kolleginnen aus dem Gemengerot, Lëtzebuerg trauert, d'Stad Diddeleng trauert ëm säi beléiften a besonnene Staatschef, de Grand-Duc Jean, deen am Alter vun 98 Joer vun eis gaangen ass. Am Déngscht vun der Allgemengheet a vun eiser Heemecht war Hien ëmmer e Virbild fir säi Vollek, Hie war staark mat sengem Vollek verbonnen a gouf dofir vill geschätzt.

Seng Präsenz zu Diddeleng behale mer a gudder Erënnung. De Grand-Duc Jean war oft an eiser Stad, och dat zesumme mat der Grande Duchesse. Seng Präsenzen hei zu Diddeleng weisen d'Verbonnenheet, déi Hien hat mat eiser Stad.

Mir wëssen alleguerten, dass Hie fir eis Fräiheet gekämpft huet, dass de Grand-Duc Jean an der Normandie dobäi war an och bei der Befreiung vu Lëtzebuerg an den 12. September 1944 waren de Prënz, deemools de Prënz Jean an de Prënz Felix hei zu Diddeleng bei der Befreiung.

Den 2. Juni 1945 ass d'Groussherzogin Charlotte mat der ganzer herzoglecher Famill op Diddeleng komm.

E puer Joer méi spéit, den 20. Juni 1951, wéi déi hollännesch Kinnigin Juliana op Diddeleng komm ass, war de Prënz Felix och dobäi.

De 26. Juli 1954 huet de Groussherzog a seng Fra en Tennisterrain hei zu Diddeleng ageweit mat de lokalen Autoritéiten.

1955 hunn se och alle béid eng Visitt gemaach vun der ARBED.

Wéi den 18. Juli 1965 d'Begriefnes war vum deemolege Minister, den Nic Biever, war hien och hei zu Diddeleng fir eise deemolege Minister eng lescht Eier ze erweisen. Sou wéi mir dat hei och haut zesumme maachen.

Den 13. Oktober 1973, wéi de Centre sportif René Hartmann ageweit gouf, war Hien och zu Diddeleng fir bei där Feier dobäi ze sinn.

Am Ufank vun den 80er Joeren huet Hien eng Visitt gemaach vun der Galvalange well och Diddeleng als Industriestanduert bekannt war.

Den 22. Juni 1988 bei der Virfeier vum Nationalfeierdag huet Hien och do eng Visitt vun Diddeleng gemaach.

An och dat selwecht Joer mam deemolege Buergermeeschter Louis Rech ass eng Visitt gemaach gi vum gréisste Naturreservat hei zu Lëtzebuerg, vun der Haardt.

1988 war eng Aweigung vun engem Deel vum Laminoir an och do war Hien dobäi, och do huet Hie Verbonnenheet gewise mat der Industriestad Diddeleng.

An de Grand Duc Jean war och bekannt als Scoutschef, als Chefscout, a wéi elo déi Gréng Scouten hire Chalet ageweit hunn, war Hien och do 1996 dobäi.

An och wéi hei zu Diddeleng deen éischten Deel vum Bau vum Altersheim fäerdeg gestallt gouf, an der Pierre Dupont Strooss, deen nom Grand Duc Jean benannt ass.

E kompetenten a sympathesche Mënsch geet vun eis, deen eist Land während 36 Joer staark mat geprägt huet an dat vun 1964 bis 2000.

E Symbol vun eise Land. Au revoir Monseigneur.

Am Numm vun der Stad Diddeleng an hire Bierger drécke mir dem Grand Duc Henri an der ganzer groussherzoglecher Famill eist opriichtegt an häerzlecht Bäileed aus, mir deelen Hir Trauer an ech géif de Gemengerot bidden, elo eng Gedenkminutt fir de Grand Duc Jean anzeleeën. Merci.



1. KORRESPONDENZ

Elo géife mir op den Ordre du jour vum Gemengerot iwwergoen.

Ech wollt awer eigentlech bei der Korrespondenz – quitte, dass deen nächste Gemengerot och domadder befaasst gëtt well en en Avis muss ofginn – soen, et ass esou, dass mir ufanks des Joers de Gesondheitsminister saiséiert hunn.

Dir wësst, de Moment hu mir dräi Aptikten hei zu Diddeleng. Mir hunn an deem Courier un de Minister d'Fro gestallt ob d'Méiglechkeet géif bestoen, well a priori fir all 5.000 Awunner eng zousätzlech Konzessioun ausgestallt gëtt, ob et do méiglech wier eng 4. Konzessioun fir Diddeleng ze kréien.

Mir hu matgedeelt kritt, dass natierlech eis Demande weidergeleet gouf un d'Direktioun vun der Santé an un de Collège médical pour avis a mir hunn elo virun enger Woch d'Äntwert kritt vum Gesondheitsminister, dass hien eiser Demande wäert nokommen, dass hie wëlles huet, eng 4. Konzessioun auszuschreiwen, wat eppes Positives ass fir d'Stad Diddeleng well de Moment si mir op 21.100 Awunner an effektiv solle mir dann och als Gemengerot en Avis ofginn.

Mir setzen dat op den Ordre du jour vum nächste Gemengerot am Juni a wa mir och do geschlossen e positiven Avis ofginn, wier dat och am Interêt vun der Stad Diddeleng a vun hire Bierger a generell och vun der Gesondheitsversuergung an dëser Stad.

Ech wollt lech dës Informatioun net virenthalen an deen nächste Gemengerot wäert also och domadder saiséiert.

Dat ass alles aus der Korrespondenz, et gëtt keng weider Froen, da fueren ech weider mam nächste Punkt.

2. GEMENGEFINANZEN

2.1. Approbatioun vun engem Pachtvertrag mat der Koppel Marques Pereira – Grilo Sebastião

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Bei de Finances communales hu mir d'Approbatioun vun

engem Contrat de fermage, et ass e Stéck Wiss, dat der Gemeng gehéiert an dat mir verpachten un den Här Luis Miguel Marques Pereira an d'Madame Belisa Carina Grilo Sebastião. Mir verpachten hinnen dat dote Stéck, mir befannen eis an der Grand Duc Adolph Strooss, direkt niewent der Struktur vum Eecherdall, wou och d'Spillplaz vun der Gemeng ass, an et geet hei ëm e Stéck Wiss, dat wéi gesot knapp 2,20 Ar huet an d'Iddi wier fir hei dee Contrat de fermage op 3 Joer ze setzen, vum 1. Abrëll 2019 bis den 1. Abrëll 2022, dass mir eng Reconduction tacite maachen, all kéiers fir e Joer, dass natierlech, wa mir déi Wiss brauchen, well se jo och do ass fir d'Extensioun vun der Spillplaz, wou – wat een awer de Moment muss soen - och kee Besoin besteet fir déi Spillplaz auszebauen, respektiv awer kucken och mat der Evolutioun vun NeiSchmelz, wat mir generell mat der Struktur am Eechendall maachen, dass een och ëmmer deen Terrain kann huele fir aner Projeten do ze realiséieren.

Et muss een awer och do soen, dass déi Koppel, wéi se un eis erugetruede war, och dorunner interesséiert war, deen Terrain ze kafen. Do hu mir awer ganz kloer gesot, Neen, dass mir dat éischter hale fir weider Projeten, dass mir eis déi Dier net wëllen zoumaachen, mä dass mir eis kënne virstellen, dass mir déi zoumaachen, vu dass mir de Moment kee Besoin hunn, fir déi dote Wiss ze verpachten. Et muss een och soen, dass déi Leit, déi viru gutt 3 Joer Proprietären gi si vun deem Haus, vun deem viregte Proprietär, deem se d'Haus ofkaaft hunn, gesot kruten, et wier kee Problem, deen Terrain vun der Gemeng ze kréien.

Si sinn natierlech voller Hoffnung bei d'Gemeng komm fir deen Terrain ze kafen, a mir soten hinnen, et wier éischter eng Fin de non recevoir wat de Kaf ugeet, mä mir kéinten eis virstellen - zemoools well se dann och 2 Kanner hunn - dass mir hinnen déi Wiss einfach verpachten ënnert verschidde Konditiounen, déi fënnt een dann och hei erëm: Dass wa mir déi Wiss brauchen, dass mir zu all Moment kënnen eng Resiliatioun maache mat engem Preavis vun 3 Méint, dass mir fir déi Wiss e Präis froe vun 250 Euro d'Joer, dass natierlech deen, wou hei déi Wiss zur Verfügung gestallt kritt, also am Fong d'Koppel Pereira-Sebastião, dat muss propper halen an dass se keng Konstruktioun dierfen drop maachen. Dat heescht, all Konstruktioun Richtung Terrass oder e Gaardenhaische gëtt hei net méiglech an och mat



deene Konditiounen do waren se averstanen, dofir hu mir hei deen heite Pachtvertrag op d'Bee gesat. Voilà, ech hu probéiert, déi néideg Erklärungen ze ginn. Wa Froe sinn, d'Diskussioun ass op.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci Här Buergermeeschter Dir sot, et kënnt keng Konstruktioun drop. Wa mir eis virstellen, déi Leit géifen en amovibele Schapp fir Gaardegeräter dohinner setzen, dat misst jo erlaabt sinn.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Alles wat amovibel ass, wat ee ka beweegen, ass an der Rei, mä näischt wat verankert ass.

Da géif ech proposéieren, dass mir zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem Pachtvertrag averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

2.2. Approbatioun vun engem Acte de cession gratuite mat der Koppel Rafet Kajevic - Safeta Hodzic

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mir eriwier op eng Cession gratuite, dat ass den Här Kajevic an d'Madame Hodzic. Déi Cession gratuite schreift sech an an déi Diskussiounen, déi mir am leschte Gemengerot haten, dat ass d'Suite logique ronderëm d'Aarbechten, déi an der Friedrich Strooss stattfannen an hei gëllt et och eng Situatioun ze regulariséieren.

Den Här Kajevic an d'Madame Kajevic si Propriétaires vun am Fong enger Parzell an der Friedrich Strooss, dat ass en Trëttoir vun 0,79 Ar, an déi klassesch Cession gratuite, déi mir maachen, maache mir am But vun der Utilité publique, dat heescht, dass am Fong deen Trëttoir an d'Voirie publique integréiert gëtt, dofir ass hei keng nei Situatioun, wou da Privatleit Trëttoiren hunn, wou mir dann hei probéieren iwwer dee Wee dat ze regulariséieren.

Ass de Gemengerot domadder averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

2.3. Approbatioun vun der Zesummenaarbechtskonventioun mat der Gemeng Réiser fir de regionale Bëschkierfecht Diddeleng – Gehaansbierg

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dann, den nächste Punkt, dat ass d'Finalisatioun vun der leschter Konventioun. Mir haten hei ronderëm de

regionale Bëschkierfecht d'Konventiounen guttgeheescht vun de Gemenge Beetebuerg a Rëmeleng, elo ass der Dritte im Bunde, dat ass d'Gemeng Réiser, déi effektiv dann och an hirem Gemengerot zu der Decisioun komm ass, dass se dem Bëschkierfecht och wëll bäitrieden an och hei sinn d'Konditiounen déi selwecht.

D'Konventioun ass en vigueur ab dem 1. Januar 2019 fir eng Durée indéterminée. Normalerweis ass dat esou, dass d'Participation financière déi selwecht ass wéi bei deene anere Gemengen, 5.000 Euro Participation financière unique, an da järelech 1.000 Euro wou se sech musse finanziell betätegen. Och do behale mir déi selwecht Logik bei dëser Konventioun bei wéi och mat de Gemenge Beetebuerg an Rëmeleng.


Jean-Paul Gangler (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech hu keng Fro zu der Konventioun. Dat ass jo gutt, dass d'Gemeng Réiser do bäitritt. Ech wollt just nach eemol zeréckkommen op eis Ouverture vun deem Kierfecht.

Do hate mir deemools gefaart, et kéint zu vandalisteschen Akte kommen, a leider ass dat schonn ageetratt: Et hu Leit do Begrieffnesser gehalen, wou se gesinn hunn, datt op Bänken topeg Spréch geschriwwen gi sinn. Och um Pavillon ass eppes futti-gemaach ginn.

Wat awer eng aner Saach war: ech hat eng Famill vu Leit, déi deelweis aus der Stad komm si fir hei ee bäizesetzen an déi hu bedauert, datt de Kierfecht net besser gezechent ass. Ech hat scho mam Här Buergermeeschter eemol rieds ob een net kéint ënnen op d'Strooss e Schëld setze well an aneren Uertschaften, wou e Bëschkierfecht existéiert, do steet e Schëld "Cimetière en forêt". Ech mengen, dat wier net vu Muttwëll wann een dat hei géif hisetzen.

Wann Dir elo sot, dat zitt nach méi Vandalen un, dann ass dat bedauerlech, mee déi Leit, déi do vandaliséieren, sinn zu manner wéi déi aner, déi aus aneren Uertschaften kommen, an déi dat net fannen.

Dat ass ëmmer ganz schuet well do hate mir Leit, déi si bis op d'Haard gefuer, déi wousste wierklech net, wou dat ze fanne war.



Et gouf och gesot, dass et en Depliant gëtt, deen och am Büro läit wou een e Stierffall melle kënnt. Ech weess net ob do genau drasteet, wou de Bëschkierfecht ze fannen ass.

Dat wier och nach eng kleng Korrektur, déi ee kann dobäimaachen, villäicht e Blat dobäi leeë mat engem Plang fir dass een et fënnt. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir Är Remarken Här Gangler.

Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP): Merci, effektiv, dat stëmmt dass do uewe schonn d'Barrière futtigmaach gouf, déi schonn ersat gouf. Et ass esou, dass et de Moment net gezeechent ass, just, dass de Panneau an den Depliant net vun eis gemaach ginn, dat heescht dat gëtt vum Ministère de l'Environnement gemaach.

Mir hunn e kritt, mir hunn en am November ugefrot, mir hunn en elo virun engem gudde Mount kritt, mir hunn e komplett missen ëmschreiwen, mir maachen den Drock net, mir maachen och de Panneau net, dat heescht, et hänkt guer net un eis. Mir hunn awer elo, well mir de Panneau nach ëmmer net hunn, wou drop hiweist, dass do e Bëschkierfecht ass, hu mir de Servicer gesot, si sollen e kleng Panneau maache vun eis, wou dann awer drop steet "Veuillez respecter les lieux", well ech mengen net, dass onbedéngt all Mënsch weess, dass dat geduecht ass fir e Bëschkierfecht.

Et ass éischter esou, dass do Leit och picknicke well jo eigentlech néierens gezeechent ass, dass dat e Bëschkierfecht ass. Dofir hu mir am Virfeld - wou mir nach ëmmer waarden, dass mir de Panneau kréien, mir kënnen en net selwer maachen, well iwwer d'ganz Land Bëschkierfechter dee selwechten Depliant an déi selwecht Panneauen hunn, dat hänkt net un eis, si sinn amgaang en ze maachen, mä mir hunn am Virfeld dofir gesuergt, dass wéinstens d'Leit drop higewise ginn, dass et e Bëschkierfecht ass. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, a fir et nach méi einfach ze maachen, hu mer festgehalten, dass eng Beamtin bei der Administration de la Nature et des Forêts der Meenung war, dass mir hei zu Diddeleng an eisem regionale Bëschkierfecht kee Flyer bräichten.

Dunn hu mir mat Nodrock gesot, dass et net méiglech ass, dass bei anere Bëschkierfechter hei am Land dat de Fall ass an hei zu Diddeleng net. Mir hunn eis do awer kloer duerchgesat. Just dat emol fir ze soen, wéi heiansdo de Staatsapparat funktionéiert.

Voilà, dëst gesot huele mir déi dote Remarken op wat d'Signalisatioun ugeet.

Deemno wou mir et signaliséieren, brauche mir den Accord vu Ponts et Chaussées. Et kann een awer iwwerleeën ob een net carrément - wann een op de Gehaansbiërg eropfiert - e Panneau mécht um Wee fir drop hinzeweisen, en attendant, dass mir och do déi néideg Autorisatiounen vun de staatleche Stelle kréien.

Mir maachen do en interne Panneau, mir kucken dat mam Fierschter.

Ass de Gemengerot domadder averstanen, dass d'Gemeng Réiser bäitrëtt? Dat ass **unanime**. Merci.

2.4. Approbatioun vum Contrat de bail commercial fir d'Sous-locatioun vum Geschäftslokal op 77, avenue Grande-Duchesse Charlotte

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mir op deen nächste Punkt, do geet et ëm de Contrat de bail an ëm d'Sous-location commerciale op Nummer 77, Avenue Grande-Duchesse Charlotte.

Dir kënnt lech erënneren, dass mir virun e puer Wochen hei am Gemengerot unanime ofgestëmmt hunn, dass mir dat Lokal op Nummer 77 an der Avenue Grande-Duchesse Charlotte loune sollen als Gemeng, och mat der Iddi, dass mir herno kënnen eng Sous-locatioun maachen.

Dat war jo e resolute Choix, dee mir hei gemaach hunn, eng volontaristesche Approche fir och dee Choix kënnen ze treffen, wien dohinner soll kommen a wien net. Do hate mir jo schonn eemol festgehalten, dass alles wat ronderëm Architektbüroen, respektiv Agence-immobiliéren, dass dat net sollt dohinner kommen.

Ech muss generell soen, wéi mir dat hei decidéiert hunn, dass dat sech och dobaussen erëm geschwat huet, dass d'Gemeng deen dote Wee geet, dass och eng ganz Rei Demandë komm sinn, mol seriöser,



mol manner seriöser, wéi dat de Fall ass, mä de Contrat de bail de sous-location, deen Dir hei virfannt, deen ass ganz villverspriedend well hei am Fong jonk Diddelenger Kreativer wäerten an déi Richtung goe vum Concept Store, dofir ginn ech hei an dee Contrat de bail de sous-location eng Kéier duerch.

Deen Exploitant, dee mir fonnt hunn, dat si jonk, kreativ Diddelenger, déi a Richtung vun engem Concept Store ginn, also och hei eng Plusvalue si fir de Stadkär. Et si Leit, déi schonn als Independanten tätig waren, déi also schonn eng gewëssen Erfahrung hunn, a wou mir mat der Société Küb S.à.r.l., vertrueden duerch den Här Eickholt an den Här Ecker, déi allen zwee Gerant sinn, wou mir dat wäerte verlounen.

Et ass e Lokal vun 180 Metercarréen, et ass Richtung Exploitation commerciale, wou dat geet, also a Richtung Concept Store, sou wéi dat klassesch bekannt ass, wou och eng Diversitéit vu Produits kennen ausgeschafft ginn. Dat heite si Leit, mat deene mir ze dinn hunn, déi ganz gutt Reseauen a Lienen hunn an der Lëtzebuerger kreativer Zee, also och hei eng Plus-value wäert komme fir den Diddelenger Stadkär, mä mir hunn awer och mat hinnen uitgemaach, dass keng Agence immobilière, keng Architektbüroen an och keng Restauratioun dohinner kennt, dat war och ganz kloer an der Récksprouch mat de Concernéierten.

D'Durée vun dësem Contrat de bail ass fir 3 Joer, leeft ab dem 1. September 2019, vu dass awer déi Leit, déi dat heiten iwwerhuelen - de Moment muss ee soen, sinn se tätig am 1535 zu Déifferdeng - déi hunn do gekënnegt a wäerten ab dem 1. Juni 2019 mat den Aarbechten ufänken. Et mussen eng Rei Amenagementen gemaach ginn, do si mir awer och mat hinnen eens, wann se d'Amenagementen maache vu Juni un, an eréischt am September d'Exploitation ufänken - déi Flexibilitéit kann een sech ginn als Gemeng an och als Privatpersoun - dass een da kee Loyer freet, well déi Zäit wou se den Amenagement maachen, hunn se keng Recetten, dat heescht och do eng Startméiglechkeet ginn, fir dass se och ukommen, ab September wou d'Activité commerciale dann och richtig lassgeet.

Ech mengen, dass dat wat mir och hei beschwat hu virun enger Rei Wochen, dass mir och e progressive Loyer aféiere wou mär eis eens sinn, dass mir fir dat

1. Joer 1.625 Euro froen, dat 2. Joer 1.625 an dat 3. Joer 2.275 Euro. also e progressive Loyer an effektiv, wann déi 3 Joer oflafen an se renouvelléieren, an si och etabléiert sinn, dass mir dann de volle Loyer spille loosse vun deenen 3.250 Euro, wat hei probéieren iwwer dene Wee, hinnen ënnert d'Äerm ze gräife bei dem neien Challenge, deen si och deementspriedend aginn.

Natierlech ass och kloer, datt si als Sous-Locataire keng Modifikatiounen maachen dierfen un de Gebaier, a wann eppes futti ass, mussen se dat natierlech och mellen.

Wéi gesot, Assurancen mussen se och ophuelen, géint den Incendie, géint de Risque locatif an natierlech - wat hei och flott ass, a wat Bestanddeel vun der Diskussioun war - dass mir elo hei eng Sous-Location maachen, mä dass och d'Méiglechkeet besteet vun enger Sous-Sous-Location.

Ech wëll kuerz drop agoen, wat domadder och gemengt ass. Et waren natierlech eng Rei Leit, déi - wéi se héieren hunn, dass mir dat Lokal als Gemeng ulounen - ugeklappt hu fir a Richtung Pop-up Store ze goen, villäicht 1 Mount, 2 Méint oder 2 Wochen, déi elo net bereet ware wéi déi heiten, sech direkt fir 3 Joer ze installéieren, mä ech mengen, déi Leit déi hei de Contrat de sous-location ënnerschriften hunn, den Här Eickholt an den Här Ecker, si hunn als nei Sociéitéit déi Iwwerleeung, an dem Concept Store och eng Rei am Raum selwer, Slotten och anere Kreatoren a kreative Leit zur Verfügung ze stellen, wou déi eng Rei Saache verkafen an exposéieren kennen.

Do fale mir natierlech an d'Sous-sous Location, dat ka ganz flott sinn, well an deem Konzept och déi Iddi vum Pop-up bleift, respektiv awer och iwwer deen dote Wee eng Plus-value erakënnt, wat d'Offre commerciale ugeet a vu, dass si gutt verlinkt sinn am kreative Reseau hei zu Lëtzebuerg, an och scho Kontakter opgeholl hunn an och schonn Interessenten do sinn, an déi Leit déi un der Dier ugeklappt hunn, hei bei der Gemeng, déi an der Iddi ware vum Pop-up Store, déi hunn och scho mat hinne Kontakt opgeholl, fir an hiert Konzept mat integréiert ze ginn, sou dass mir do eng ganz flott Win-Win Situatioun hunn, wat de Concept Store och ugeet.

Hei eng flott innovativ Approche, eng flott Dynamik, déi sech kann entwéckelen, mir musse soen, dass dat



heiten och e bëssen Neiland ass, fir Lëtzebuerg a fir Diddeleng well dat gëtt et schonn am Ausland, wann Dir e bëssen a Grousstied gitt, ginn et déi Konzepter schonn an et ass dat wat se hei kloer erabruecht hunn, fir och dat hei zu Diddeleng an Ugrëff ze huelen.

Mir sinn awer och esou verblíwwen, dass wann si dee Wee ginn, dass se – an dat fënnt een och am Artikel 6 - mat eis och Récksprouch huelen, dass mir dat och zesumme kënne steieren, dass si eng gewësse Fräiheet kënnen hunn, fir dat ze maachen, awer och duerch d'Diskussioun, déi mir de Moment hunn, dass mir eis hei zu Diddeleng anescht wëllen opstellen och wat de Commerce ugeet, och wat de City Manager ugeet, dass och do wann do Saache sinn, dass een dat gemeinsam kann undiskutéieren a steieren.

Dann natierlech och kloer de Code civil, deen hei spillt fir alles wat den Entretien, d'Reparatiounen ugeet, ass et natierlech esou, dass e Locataire, dass mir kënne virenthale fir hei de Contrat de sous-location kënne kënnege wann déi regulär Obligatiounen net agehale ginn.

Dat weist hei, dass engersäits de Choix, dee mir als Gemeng hei gemaach hu fir e Lokal wat matzen am Stadkär ass, dat unzelounen, dass dat de richteg Choix war well d'Echoen, déi hei ugetruede sinn, fir Sous-Locataire ze sinn, ganz positiv war.

Déi wou manner positiv waren, dat waren déi Projekte ronderëm Agence-immobilière oder d'Restauratioun, deenen hu mir ganz kloer gesot, an déi Richtung wëlle mir grad eben net goen, an déi Fräiheet hu mir eis iwwer de Kader vum Contrat de bail an de Contrat de sous-location ginn, sou dass mir hei e Projet virfannen, dee sécherlech eng Plus-Value ass fir d'Stad Diddeleng an och eng Plus-Value ass fir den Diddelenger Commerce.

Dat zu den Ausféierungen, wat dëse Contrat de Sous-Location ugeet an d'Diskussioun ass op. Merci.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter, et ass wéi Dir gesot hutt, dat ass unanime heibannen ofgestëmmt ginn, mir waren averstanen, dass mir als Gemeng sollen e Lokal lounen an och weider verlounen.

De Creneau war awer, dass mir eng Plus-Value vun eiser Stad solle kreéieren andeems mir Saachen an

deem Lokal ubidden, déi et hei zu Diddeleng nach net gëtt, ech weess dass och Kontakt opgeholl ginn ass mat engem Betrib deen nohalteg produzéiert an och eng sozial Aufgab huet andeems hie Produiten ubitt, déi an Ateliers protégés produzéiert ginn.

Meng Fro ass firwat dee Wee net weider gaange ginn ass, firwat dee Produzent net weider behale ginn ass?

Concept Store, dat ass eppes wat zu Berlin, Wien, Paräis an iwwerall gemaach gëtt, ech froe mech awer ob Diddeleng grouss genuch ass fir déi Iddi och hei bei eis an eiser klenger Stad, ob dat awer och deen Impakt huet an och déi Plus-Value huet fir eis Bierger well déi 2 Sociétaires dat si jo bekannt Artisten, besonnesch den Här Ecker ass bekannt als Kreateur vun der mauver Melusina, dat geet jo awer éischer an déi Richtung vu kënntleresche Kreatiounen a meng Fro ass, ob do awer, Dir sot d'Dier muss opbleiwe fir e Pop-up Store oder fir eppes kuerzfristeg un ze bidden, ech denken et sinn ëmmer mol Leit, déi Bijoue kreéieren oder ech weess dass mir zu Diddeleng eng Madame hunn, déi mécht ganz flott Kannerspillsaache bzw. Outils fir kleng Bëbeeën, déi och gefrot hat fir do Saache kënnen ausstellen, ob déi zwee Sous-Locataires dann awer averstane si fir méi eng banal Offer unzbidden, wat awer villäicht eisen Diddelenger Clientee méi entgéint kënnt?

Villäicht ass do e bëssen e Bedenken, wéiwäit mir als Gemeng Matsproucherecht behale fir do déi Sous-Sous-Location och ze begleeten. Net dass dat awer ze vill eppes "Abgehobenes" gëtt, ech ka mir net virstellen dass mir hei vill Acheteuren hunn, déi dem Här Ecker seng Produiten hei kéinte kafen, net dass dat einfach eng Galerie gëtt, ech denken, där hu mir hei zu Diddeleng, Verkafgalerien an och anerer, dofir si mir e bëssen enttäuscht, dass mir op dee Wee gaange si fir mat zwee Artisten dëse Wee ze goen. Näischt natierlech géint deene Leit hir kreativ Tätegkeet.

Dofir, wéi gesot, mir hunn do e bësse Bedenken net, dass dat de But war vun deem wéi mir eis dat virgestallt hunn dass d'Gemeng dat Lokal soll louéieren a weider louéieren.

Eng weider Fro ass awer och, wat ech e bësse komesch fonnt hunn, dass déi Societétéit Küb s.à r.l., déi déi zwee Häre gegrënnt hunn, dass déi hire Siège



och an deem Lokal hunn, dat fannen ech e bëssen eng komesch Aart a Weis. Kréie mir dann, wa mir soen, dat ass net déi Iddi. déi mir eis virgestallt hunn, wa mir deene Leit wëlle kënnegen an déi hunn awer hire Siège do, ass dat dann esou einfach ze handhaben?

An ech denken, souwäit ech matkritt hunn, ass déi S.à r.l. och net deposéiert am Mémorial. Dat hat ee mir zoukomme gelooss.

Do wollt ech meng Bedenken och e bëssen an déi Richtung schécken, net dass mir eis do Leit hisetzen, déi sech do incrustéieren an déi mir herno net méi erauskréien - natierlech näischt géint déi Leit - wann sech sollt bewahrheiten, dass dat net esou ass wéi mir an d'Diddelenger eis dat allgemeng virstellen. Mir hunn do gewësse Bedenken. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, sinn nach weider Stellungnamen?

Martine Bodry Kohn (LSAP): Jo, ech wëll och hei zu deem Punkt eppes soen, well ech selwer hei während 10 Joer zu Diddeleng e Geschäft bedriwwen hunn, dofir kann ech wuel gutt beuerteelen, wat dat bedeit, déi Erausforderung, an enger mëttelgrousser Stad wéi Diddeleng hei e Geschäft ze féieren an ëmmer erëm d'Leit unzezéien an och ze fideliséieren.

Ech wëll, éier ech meng Ausféierungen ufänken, villäicht eng Kéier kuerz op d'Definitivoun agoe vun engem Concept Store. Ech erlabe mir dat op Däitsch ze maachen:

“Der Begriff Concept Store bezeichnet im Einzelhandel einen Laden mit einer ungewöhnlichen, meist hochwertigen Kombination von Sortimenten und Marken. Concept Stores vertreten eine moderne Auffassung von erlebnisreichem Einkaufen und Kundenbindung. Ein Concept Store ist eine konzeptionelle Mischung aus Warenhaus und Boutique.“

E puer Stéchwierder sinn hei gefall, op déi ech wëll agoen. Well et ass esou, dat war och schonn de Fall wéi ech mäi Geschäft hat, et muss een hei ënnerscheeden tëschen engem Site wou een e grouss Va-et-Vient huet u Clientèle. Et ass sécher eppes anescht ob s du elo op enger touristescher Plaz, also an enger Tourismusstad, wou vill Leit laanscht kommen, e Buttek hues, do kanns du zéng mol dat selwecht verkafen, dat ass guer keen Thema.

Wann s du awer an enger Stad bass wéi Diddeleng, wou s du deng Leit hues, déi hei akafen, déi hei an d'Duerf ginn, da muss d'Offer dauernd wiesselen. Dat mëscht et esou interessant. Dee Concept Store a mengen Aen ass déi Nisch, déi mir bis elo nach net besat hunn hei zu Diddeleng, nämlech op klengem Raum dauernd kleng Butteker dauernd um Dréinen ze hunn. Dass dat héichwäerteg muss sinn, mengen ech, ass e Muss, well mir müssen en Ënnerscheid maachen zu deem wat et schonn iwwerall gëtt, dee “Schrott”, mir müssen eppes ubidde wann ee wëll engem e schéine Kaddo maachen, da gees de an dee Buttek a keefs Dir eppes Schéines, wat et villäicht soss net gëtt, villäicht och en Eenzelstéck, eppes wat e Kënstlecher gemaach huet, eppes wat eben den Ënnerscheid mécht tëschen deem heiten oder Amazon oder wat weess ech. Also gees de dohinner an du keefs eppes Guddes. An déi Offer muss dréinen, dat ass essentiell.

Dat ass ganz wichteg, dofir gëtt dat och op klengem Raum gemaach, déi Butteker dréinen andauernd. Déi bidden Diddeleng hei eppes un, wat et soss néierens gëtt an ech mengen, dass dat eppes ass, wou d'Leit vu baussen op eemol kommen, an och vläicht méi eng jonk Clientèle, déi seet, hei do ass nach eppes, do kanns de mol erëm kucke goen, an do kanns de och a 6 Woche kucke goen, well dat ännert erëm.

Dat zitt nees Leit u fir erëm eemol de Wee dohinner ze fannen an dat ass déi Nischepolitik, dat modernt Konzept, wat mir hei brauchen. Mir kënnen net mat-hale mat iergend eppes Grousses an ech mengen, dat ass och dat, ob dat elo zu New York, Berlin oder soss enzwousch ass, an deene Quartieren, wou déi Concept Stores sinn, dat ass hir Nische, déi zéien nämlech d'Leit vun iergendwou a Berlin, aus de grouss Stroossen, wou déi grouss Marquen sinn, fort, an si zéien se dohinner well et do eppes Extraes gëtt an dat ass dat wat herno hei kann Erfolleg versprechen.

An datt dat Kënstlecher sinn a selwer Kreateure sinn, ass fir mech eng Assurance, dat si Leit, déi hunn de Feeling dofir. Déi hunn de Feeling, dass dat funktionéiert an déi hunn de Feeling, wat op eemol och déi Qualitéit an awer och déi Kreativitéit muss kënnen assuréiere fir dass d'Leit erëmkommen.

Ech denken, dass déi zwee dat gutt maache well se aus deem Business kommen, well se selwer Kënstlecher sinn a wëssen, wéi se dat sollen upaken.



Ech gesi guer net schwaarz, ech fannen dat flott, ech géif och dee Wee fannen. Wier dat enzwousch anescht wéi zu Diddeleng, da géif ech mech och elo villäicht op dee Wee maachen. Hei ass et ëmgedréint a mir maachen hei e gudden Choix, fir d'Leit heihinner ze zéien, besonnesch och eng méi jonk Clientèle. Merci.

Romain Zuang (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, ech hunn eng kleng Fro zu der Sous-Sous-Location. Ech hu jo richteg gelies a richteg verstanen, dass eier eng Sous-Sous-Location gemaach gëtt, dat am Fong mam Consentement gemaach muss gi vun der Gemeng. Ass et och do wou de Präis festgeluecht gëtt vun deem Loyer, also vun där Part, wann do sous-sous-louéiert gëtt?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir d'Fro, sinn nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da géif ech generell op déi verschidde Punkten agoen.

Dee Choix, dee mir gemaach hu fir engersäits eis ze ënnerscheede par rapport zum besteende Commerce, andeems mir e Lokal ulounen, respektiv och weiderverlounen ass fir ganz kloer eng Nischepolitik ze maachen, well ech mengen, et ass dat wat den Ënnerscheid ka maachen an d'Madame Bodry huet et gesot, et ass och dat wou mir als véiertgréisst Stad de Wee sollen aschloe well et sinn net déi grouss Marken, déi op Diddeleng wäerte kommen, mä et ass iwwer eng gewëssen Nischepolitik am Einzelhandel, wou mir en zousätzlechen Attrait kënnen schaffen.

Déi zwee Leit, déi hei mat eis an d'Sous-Location gi mat hirer Sociéitéit, respektiv si zwee net eleng, hir zwou Dämme sinn och dobäi, déi sinn och am kreativen Secteur aktiv dat si véier Leit, déi hei täteg wäerte sinn, quitte, dass se hei allen zwee Gerant sinn, dat si Leit, déi net nëmmen an Diddeleng gutt vernetzt sinn, duerch hir professionell Aktivitéit jorelaang, mä och landeswäit gutt vernetzt sinn. Et si Leit, déi am Réseau Lët'z Go Local vernetzt sinn. Et si Leit, déi vernetzt sinn am kreativen Cluster vun der Lux-innovation, och mat deene gëtt zesumme geschafft.

Dat heescht, mir hunn hei Leit, déi awer e gewësse Portefeuille hunn, dat ass eng Garantie, dofir verstinn ech zwar engersäits d'Bedenke vun der Madame Kayser, ech deelen se awer net well mir wëssen, dass mir hei Leit hunn, déi e gewësse Portefeuille hunn an déi gutt vernetzt sinn.

Déi Leit, déi ugeklappt hunn, Richtung Pop-ups fir eng kuerz Zäit, déi sinn an de Gespréicher, déi mir mat hinnen haten, awer e bësse méi zeréck bliwwen an hu gesot, wann hei eppes Laangwiereges kënnt wou d'Méiglechkeet besteet, sou Slotten oder Dealer vum Lokal ze kréien, domadder kënnen mir ganz gutt liewen, do fanne mir eis och dran erëm.

Do kommen dann och déi Leit, wou mir Kontakter haten, sief dat sozial Projeten, déi Leit wësse jo och Bescheid, sief dat Leit, déi ugeklappt hu ronderëm d'Konscht, ronderëm Bijouen, respektiv och Leit, déi ugeklappt hunn, déi kreativ sinn an der Konfektion, déi och hir Saache wëllen ausstelle well, wat generell e Problem ass hei zu Lëtzebuerg - an och do kënnen mer iwwer déi Nischepolitik, déi mir hei maachen, eng Äntwert ginn - et gi ganz vill Kreativer, déi kreativ sinn, déi Saache kreéieren, mä déi keng Plaz hu fir hir Kreatiounen auszustellen an dat wat mir haut hei virleien hunn, ass eng Äntwert drop an déi Leit, déi hei d'Sous-Location maachen, déi probéieren och drop ze äntweren.

Dat heescht, och drop anzegoen an och an deem Réseau wou se sinn, deene Kreativen eng Méiglechkeet ze ginn, hir Saachen auszustellen, dat geet a vill Richtungen an natierlech muss ee bedenken, déi Leit, déi do ausstellen oder eng Sous-Sous-Location maachen, déi hunn och hire Réseau, dofir wäerten do sécherlech eng ganz Rei Leit vun ausserhalb op Diddeleng kommen an dat ass e kloeren zousätzlechen Attrait, dee mir schaffen engersäits mat kreativen awer och mat soziale Projeten, also hei probéiere mir déi mat ze vereenegen an och ze verbannen, wëssend, dass déi heite Leit och mat där Struktur, déi eischter sozial Projeten hunn, och an der Gesellschaft mat zesumme geschafft hunn an do och Kontakter scho lafen, dofir kënnen mir och eise Kapp hei a Rou leeën, quitt, dass dat och en Challenge ass fir d'Gemeng awer och fir déi Leit, déi sech hei etabléieren.

D'Sociétéit ass kreéiert. Och wann se elo net am Mémorial publizéiert ass, déi Fro misst een sech dann och stelle vis-à-vis vun ASBLen, déi et ginn an déi hiren Update am Mémorial nach net gemaach hunn, si ass constituéiert, déi Sociétéit, an si musse kucken fir och déi néideg Autorisatiounen ze kréien an och do lafen d'Demarchen an d'Sociétéit Kùb s. à r. l. ass an de Startlächer, si waarden am Fong just drop, dass mir hei formell de Go ginn an se dann och kënnen lassleeën.



Och grad fir Demandë kënnen opzehuelen ass am Artikel 6 bei der Cessioun a Souslocatioun steet: "le Souslocataire peut sous-sous-louer le commerce après concertation et avec le consentement du locataire principal" also si mir do mengen ech an engem gemeinsamen Dialog, wou mir eis och ofschwätzen unhand vun der Sous-Sous-Locatioun gëtt dann och definéiert wéivill de Loyer dann och ass. Dat heescht dass dat ganz propper a kloer iwwer d'Bühn leeft.

Jean-Paul Gangler (CSV): Ech wollt just Merci soe fir déi propper Ausféierunge vun der Madame Kohn a vum Här Buergermeeschter, déi hunn eis esou effektiv am Ufank gefeelt. Fir eis huet dat heite komesch ausgesinn, eise Vott wäert dann och beaflosst ginn duerch déi gutt Informatiounen, déi mir elo kritt hunn. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir nach déi dote Präzisioun a Remark. Da géif ech proposéieren, dass mir zum Vott iwwer ginn, ass de Gemengerot mat dësem Contrat de sous-location averstanen? **Dat ass unanime**, da soen ech dem Gemengerot Merci.

2.5. Verdeele vun ausseruerdentleche Subsiden

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géife mir op d'Subsiden iwwergoen. An do hu mir e Subsid virleie vun 100 Euro fir SOS Détresse, mir hëllefen iwwer Telefon an online.

Ass de Gemengerot mat dësem Subsid averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

3. APPROBATION VUN ENGEM CHANGEMENT AN DER ZESUMMENSETZUNG VUN DE BERODUNGSKOMMISSIONEN

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dann hu mir nach bei de Kommissiounen, an der Commission des affaires culturelles, d'Demissioun vum Här Marc Dany. Ass jiddereen domat averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

4. OFFICE SOCIAL

4.1. Approbation vum järelechen Dekont fir d'Geschäftsjoer 2018

4.2. Initiale pluriannuelle Finanzplang fir d'Geschäftsjoer 2019 (als Informatioun)

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géife mir iwwergoen op den Office social 2018 an och de PPF, pour information, deen eis och presentéiert gëtt.

Voilà, d'Powerpoint-Presentatioun ass prett, dofir géif ech elo stellvertredend fir den Office social dem Carole Wagner d'Wuert ginn.

Carole Wagner (Office social): Gudde Moien, ech hunn eng kleng Presentatioun gemaach vun eise verschiddenen Dekonte vun 2018.

Dat ass eemol d'Konventioun 0 tëschent dem Ministère de la Famille an der Gemeng Diddeleng, dann hu mir eis Konventioun 2 mat den Avancen an de Gestiounen, mir hunn eis Konventioun mam SNAS an d'Konventioun vun der Gemeng Diddeleng, wou 100% Gemeng Diddeleng ass mam Logement.

Dat heescht, den Dekont vun der Konventioun 0 - 50% Ministère de la Famille 50% Ville de Dudelange - do komme mir op eng Participatioun vun 418.182,93 Euro fir d'Joer 2018.

Ech hunn e klengen Tableau gemaach och vun der Evolutioun vun där Participatioun vun 2011 un, do gesäit een, dass mir bal d'selwecht leien ewéi 2014.

Et war eng Zäit erofgaangen, d'Evolutioun ass haaptsächlech duerch d'Paien. Hei gesäit een dat och méi genau. D'Frais de personnel stellen dee gréisste Posten duer, dat heescht fir 2018 ass d'Personal 78% vun der ganzer Konventioun. Eben hei och am Grafik op deene leschte 4 Joer gesäit een dat och, d'Secourse sinn och e bëssen erofgaangen.

Ech hunn och eng Grafik gemaach vum gréisste Poste vun de Secoursen an de leschten 3 Joer, do gesäit een, dass d'Cotisation-socialen en décke Posten ass, wou awer och elo 2018 e bëssen erofgaangen ass, d'Garantie Loyer, deen ass ganz vill erofgaange



well mir haaptsächlech iwwer d'Avancë fueren, Avance-remboursablen.

De Loyer ass plus minus selwecht wéi d'lescht Joer, also 2017.

Gas, Elektresch ass e bëssen erofgaangen. D'Taxe-communalen och.

An dann alles wat Dokter ass, Pharmacie an Hospitalisation, Médecin, dat ass awer plus minus d'selwecht bliwwen.

De Secours Médecin, dat sinn nëmmen d'Part-patients, déi 7.000 Euro.

Dann de Secours Argent de poche ass e Secours, deen e bëssen an d'Luucht geet well mir vill Leit aus dem Foyer hunn, déi Täschegeid kréien.

E klengen Tableau ebe vun de Secourse vun de Loyere vun 2011 un, natierlech sinn do och eis Wunnengen, wou ganz vill Hëllef fir déi Problemer do e bëssen erofzesetzen.

Duerno kënnt den Tableau mat den Avancen an de Gestiounen, dat ass eis Konventioun 2. do gesäit een, dass vun 2012 – 2018 den Total, déi Konventioun sech verduebelt huet och haaptsächlech duerch d'Gestiounen wou enorm an d'Luucht gaange sinn.

D'Avances remboursables par le bénéficiaire, do leie mir bal d'selwecht wéi 2017, mir ginn och ëmmer méi op déi Schinn fir d'Leit e bësse méi ze responsabiliséieren, dass se awer musse kucken fir hir Saachen zeréck ze bezuele wou se accordéiert kréien.

D'Gestiounen, do gesäit ee vun 2012 un, wou mir bei 360.000 Euro louchen, leie mir 2018 op 956.000 Euro, fir 2019 leie mir – denken ech – scho bei iwwer enger Millioun Euro wou mir vun Akommes geréiere fir déi Leit wou an der Gestiouen sinn, an der Gestion financière volontaire.

D'Avances récupérables auprès de la CNS, dat sinn Dokteschrechnungen wou mir en charge huelen a wou mir och vun der CNS erëmkreien, do lounge mir 2018 bei 76.000 Euro.

An dann hu mir eis Konventioun 4, déi vum SNAS, do ass haaptsächlech d'Personal, dat ass eng

Konventioun vun 283.000 Euro. Déi wäert och fir 2019 e bësse méi an den Detail goen, well se och elo vill méi Fraisen iwwerhuele wéi och Loyer an esou Saachen, wou se all déi Jore virdrun net gemaach hunn.

Dann hunn ech nach eng kleng Grafik gemaach och vun der Konventioun 1, dat ass d'Konventioun vun der Gemeng Diddeleng, wou eben och de Logement dran ass. Vun 2015 op 2018 gesäit een och do vun den Depensen hir Evolutioun, dass mir awer elo vun 80.000 Euro op bal 390.000 Euro sinn, do gesäit een, dat ass och dat wat eng grouss Konventioun gëtt.

Dann de Plan pluriannuel financier, dee muss den Office social och maachen, ech ginn do net ze vill an den Detail well mir hunn u sech keng Projeten, et ass jo haaptsächlech fir Projeten. D'Evolutioun, do ass eben ëmmer d'Evolutioun vun der Populatioun vun Diddeleng an den Index, respektiv d'Paien, dat wat mir vum Ministère do als Base ukréien. Voilà. Dofir ginn ech do net ze vill an den Detail, et ass haaptsächlech fir den Extraordinaire a mär hu keen Extraordinaire. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Carole Wagner fir déi Präzisierungen. Här Gangler.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Madame Wagner, Dir sot Dir hutt keng Projete fir déi nächst Joren. Do ass jo awer elo de Projet vum Veräinshaus amgaangen, dat geet elo bis 2022, da kéint dee scho bal ulafen. Do soll den Office social e ganze Stack mat bezuelbare Wunnenge kréien. Spigelt dat sech net an den Zuele vum Plan pluriannuel financier erëm?

Carole Wagner (Office social): Neen, et ass effektiv esou, et ass effektiv e Projet, dee mir hunn, an der rue du Commerce, mä dee Projet leeft indirekt iwwer d'Gemeng, dat heescht, en ass bei der Gemeng am Extraordinären, ech schwätzen elo vu 37 rue du Commerce, an deen anere Projet ass vun der Oeuvre Grande Duchesse Charlotte an do wäerte mir herno esouvill Appartements an Zëmmeren a Locatiounen kréien, mir hunn awer elo do am Ufank keen Invest, sou dass mir keen Extraordinären do hunn.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Jo Merci Här Buergermeeschter, ech wëlt dann och dem Carole Wagner Merci soe fir d'Presentatioun vun de Konte vun 2018.



Merci och fir d'Grafiken, déi dat Ganzt an e Kontext setzen an Iwwerbléck ginn iwwer d'Ausgabe vum Office social.

Dës Dekonte confirméieren déi Evolutioun, déi mir och schonn am Tätigkeetsbericht am Dezember gesinn hunn, dofir kann ech mech och kuerzfaassen.

D'Ausgabe vun der Gemeng a vum Ministère sinn 2018 fir den alldeegeleche Fonctionnement mat 418.000 Euro ongeféier um selwechten Niveau wéi 2014, nodeems se liicht erofgaange sinn, an si entspriechen och ongeféier de Previsioun vum Budget. Dat huet vill mat de Personalkäschten ze dinn, déi dee wäit aus gréissten Deel ausmaachen. Dat erkläert sech doduerch, dass den Encadrement bei der Sozialarbecht dee wichtigsten Deel ass, well d'Leit an Nout jo solle laangfristeg gehollef kréien, woufir d'Berodung extrem wichteg ass.

Eng laangfristeg Hëllef sinn och d'fräiwëlleg Gestoun vun de Leit, déi iwwerschelt sinn, do geet d'Zuel och an d'Luucht.

Wat awer déi alldeegelech Secourse betrëfft, sou fält op, dass bei deenen an der Lescht vill méi oft Zomme virgestreckt gi sinn, déi dann herno erëm gefrot ginn, dat ass besonnesch de Fall bei Leit, wou eng Besserung vun hirer finanzieller Situatioun erwaart gëtt.

D'Hëllef, déi ausbezuelet gi fir Loyer, si méi kleng ginn, wat ënnert anerem mat eiser Cellule Logement ze dinn huet, déi ëmmer méi Wunnenge weider verlount.

De Succès dovunner gesäit een och bei der Lëscht vun den Demandé fir déi Wunnengen, déi ëmmer méi laang gëtt a mir haten et och am Carole senger Grafik gesi vun der Konventioun 1.

Dës Wunnenge bidden eng ganz gutt Iwwergangsléisung, kënnen awer de Problem vum bezuelbare Wunnraum net léisen. Dofir misste vill méi Wunnengen zu bezuelbare Präisser ugebuede ginn. Dat wier alles wat ech dozou ze soen hätt. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci der Madame Goergen. Här Martini.

Claude Martini (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech hu just eng kuerz Fro: Déi Leit, déi komme fir Hëllef ze kréie fir Dokteschrechnungen ze bezuelen,

sinn déi meescht do awer affiliéiert oder ass do eng Tendenz no uewen, dass do Leit net méi affiliéiert sinn oder keng Krankeess hunn duerch iergendwellech Emstänn?

Carole Wagner (Office social): Also de Secours Cotisations sociales, dat ass well mir d'Affiliatioun bezuelen, mä déi heiten Dokteschrechnungen déi sinn all affiliéiert, do kréie mir d'Suen och erëm.

Claude Martini (CSV): A vun deenen, déi net méi affiliéiert ginn, geet do Tendenz an d'Luucht?

Carole Wagner (Office social): Nee dat war fir 2018 elo manner.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir d'Fro. Madame Kayser.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci, et ass mir elo nach en cours de route eng Fro agefall. Mir hu gesot, dass dat eng gutt Saach ass, dass mir Sozialwunnengen zur Verfügung stellen an et ass wéi d'Madame Goergen sot, et ass geduecht, dass dat eng Iwwergangsléisung soll sinn. Meng Fro ass: Wéi gesäit et aus mam Turnover?

Ech weess, dass dat de grouse Problem ass, wann s de Leit eng Wunneng zur Verfügung stells, wéi kréie mir se op deen normale Marché, herno staut sech dat jo erëm no hannen, wéi sinn do Är Experienze mam Turnover an dës Wunnengen? Wéi laang bleiwen d'Leit an „eise“ Wunnengen?

Carole Wagner (Office social): Also besonnesch an der Lescht hu mir enorm vill Leit, déi och elo eraus ginn, mir hunn nei Clienten, déi eng nei Wunneng kréien, do sinn der dobäi, déi effektiv eppes konnte kafen, dat heescht déi 3 Joer gutt ugespuert hunn a genuch Apport hate fir kënnen eppes ze kafen, en Appartement oder esouguer en Haus, sou dass mir u sech do e gudd Roulement hunn an eise Wunnengen.

Et ass wierklech eng gutt Saach, dass d'Leit elo mussen e Projet de vie hunn a musse kucke fir hir Situatioun ze verbesseren an et ass eben och eis Liste d'attente, déi méi laang gëtt, fir datt och déi Leit eng Chance kréie fir eben och eng Wunneng ze kréien.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ech denken, och an deem Zesammenhang ass och déi Gestion financière



volontaire extrem wichtig. Ech denken, dass een dat de Leit och mat op dee Wee gëtt, well herno, wann se eppes kafen, dann hunn se jo och Scholden, dat ass eng gutt Aufgab, dass een hinnen dat mat op de Wee gëtt, fir den Office social.

Et ass eng Diskussioun am Land, dass all Office social och e bësse seng eegen Zopp mécht, mä ech fannen, dass mir hei zu Diddeleng ëmmer gutt do stinn a villäicht kéinten anerer sech bei eis e Beispihl huelen, well ech denken, et geet net duer, einfach Suen auszedeelen.

Den Numm vum Aarmebüro, wéi et fréier war, dat ass jo wierklech net dat wat mir gärén hätten, dofir wëll ech an eisem Numm och der ganzer Mannschaft vum Office social felicitéiere fir hir gutt an och ganz mënschlech Aarbecht. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci och fir déi Zoustëmmung. Nach weider Froen, Stellungname? Här Zuang.

Romain Zuang (LSAP): Ech wollt just bemierken, vu dass méi Wunnengen op eis zoukommen, dass mir effektiv duerch déi Gestion financière, déi d'Leit müssen unhuelen, dat effektiv no Personal rífft, dat heescht, d'Assistente huet elo 35-37 Dossieren, mat deenen neien Appartementer, Lenkeschlei ... vun all deem wat aussteet, si mir villäicht an 2 Joer op 79-80 Wunnengen, sou dass mir do eng Assistante musse bäikréie fir déi Zuel vun deene Gestiounen ze packen.

D'Gestioune brauche vill Zäit, d'Leit gi vill gesinn, si müssen all Mount eng Kéier passéieren, an ech gesinn, dass och d'Kontrollen um Terrain vill Aarbecht verlaangen, sou dass do muss opgestockt ginn. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, da schloen ech vir, dass mir hei zur Approbatioun eriwwer ginn, mir brauchen hei just den Dekont ze maachen, de PPF ass jo reng informativ, genee wéi beim Gemegebudget ass et bei Office social net anescht, dofir den Dekont vum Exercice 2018, wien ass domadder averstanen? Dat ass **unanime**. Merci dem Gemengerot an och Merci Carole Wagner fir déi néideg Explikatiounen.

5. PERSONALFROEN

5.1. Creatioun vun engem Salariésposte fir d'regional Musekschoul

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mir op deen nächste Punkt dat ass d'Personal vun der Musekschoul. Ech begréissen hei den Direkter Bob Morhard an et geet dorëms, Posten ze kreéiere punkto Danz-Departement, also och nei Weeër, déi d'Musekschoul wëll goen, an do ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Merci, bon et steet um Ordre du jour eng Création de poste, Dir gesitt dass et ëm e bësse méi geet, de Buergermeeschter huet et kuerz och ugeschnidden, dofir ass de Bob Morhard, den Direkter vun der Musekschoul de Moien och präsent fir lech Äntwerten ze gi falls herno nach Froe sinn.

Dir wësst villäicht oder Dir wësst villäicht net, dass am initiale Projet vun eisem Centre culturel régional opderschmelz aus dem Joer 1992, wou och eis Musekschoul dran ass, do waren deemools Säll fir Danzcourse virgesinn, déi hunn awer du schlussendlech – wéi dat dacks de Fall ass an der Planungsphas – misse Plaz maache fir deen heitege Petit auditoire, also den Examenssall vun eiser Musekschoul.

Aktuell gëtt Danze schonn a 5 Strukture vum Enseignement musical zu Lëtzebuerg enseigniert. Dat ass an der Stad, zu Esch, zu Ettelbréck, zu lechternach an och zu Gréiwemaacher. An zwou weidere Schoulen ass et deemnächst awer och geplangt, zu Déifferdeng an zu Wolz.

Wann een dat mat Frankräich vergläicht, do huet all Schoul vu vergläichbarer Gréisst mat eiser en Danzdepartement. Vu dass Danzcoursen ëmmer kollektiv Coursë sinn, sinn an déi néideg Personalressourcen, déi een dofir brauch, och zimlech bescheiden.

Et ass also méiglech, mat relativ wéineg Opwand sämtlech Niveauen, déi vun der nationaler Programmkommissioun virgesi sinn, unzebidden, an dat souwuel wat de klassischen Danz, awer och d'Danse moderne ugeet.



Danzen, deen transversalen Aspekt, also d'Zesummenaarbecht mat deene verschidden existenten Departementer déi mir schonn hunn an eiser Museksschoul, dat ass sécherlech och en essentielle Punkt vun deem dote Projet, sou kann een zum Beispill bei groussen Evenementer sech virstellen, dass d'Museksschoul och Danzeinlage kann ubidde fir dat Ganzt e bësse méi ervirzehiewen.

D'Infrastrukturen, déi mir fir esou en Danzcours brauchen, déi sinn och schonn do an zwar am Centre sportif René Hartmann, wou e Sall disponibel ass an och reservéiert ass, fir dee ganze Cours no an no dann och kënnen opzebauen an dat, dat well ech och eraushiewen, dat ouni eng Plage vun engem Club oder Veräin ze beanträchtegen.

Da feelt just nach den Enseignant fir den Danzdepartement an eiser Museksschoul unzebidden oder unzefänken an dat ass dee Posten, deen haut um Ordre du jour steet an dee mir haut wëlle kreéieren. Dat wier fir dat éischt Joer just 6 Stonnen an dat kann een dann no an no opbauen.

Mir haten den Dënschdeg Owend och eis Musekschoulkommissioun zesummen, do ass dee Projet och unanime begréisst ginn, och vun eise Partnergemengen a mir wëllen do och Pub maachen op der Porte ouverte an och zesumme mat de Partnergemengen an hire respektive Gemengen.

Dat wiere fir mech déi initial Erklärungen, déi ech wollt ginn. Ech weess net ob den Direkter direkt eppes wëll soen, wann net, da kann den Här Buergermeeschter d'Ronn opmaachen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dofir, dann ass d'Ronn op. Éischt Froen? Madame Goergen.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Merci, mir hu keng Froen, ech wëll just vun eis aus soen, dass mir déi Initiativ begrëssen, sou wéi mir dat och an der Musekschoulkommissioun gesot hunn.

Si kennt enger Demande no an et passt immens gutt an eist Angebot vun der Museksschoul, also an deem Sënn gëtt et kee Problem.

Et wier awer noutwenneg ze soen dass déi Danzcoursen och fir Jongen op sinn. Ech insistéiere fir

drop hinzewiesen, besonnesch well op der Reklamm lauter nett kleng Meedercher ze gesi sinn a rosaen Tüttüen, an et ass eigentlech déi klassesch Aart a Weis, wéi een dat esou duerstellt. Et ass dann net selbstverständlech, dass dat richteg ukënnt well mir hu gesot kritt vun engem Kolleg vun eis, dass säi klengt Meedchen, wat drun interesséiert ass, nogefrot huet, ob Jongen iwwerhaupt dierfen do matmaachen.

Da muss een sech wuel soen, dass mir dem entgéintwierke mussen an dass do eppes schifgelaf ass. Bon, fir d'nächst Joer muss een drop oppassen, dass déi Reklamm net sou klischeehaft eriwuer kënn. Dat ännert awer näischt un eiser Zoustëmmung. Et muss een awer nach soen, dass den Danzcours och fir Jongen op ass. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci der Madame Goergen, sinn nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, Här Morhard, Dir hutt d'Wuert an duerno d'Claudia dall'Agnol.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schëffin): Jo, ech wollt just op déi Pub reagéieren, déi Pub gëtt et nach net, dat ass d'internt Aarbechtsdokument vum Direkter an et ass néierens gesot ginn, et dierfte keng Jonge matmaachen an et ass néierens gesot ginn, et wier nëmme fir Meedercher, et ass sous-entendu, dass dat wat mir organiséieren op ass fir béid Geschlechter. Déi Pub gëtt et nach net a mir wäerten awer drop oppassen, dass dat gendergerecht wäert sinn. Den Direkter huet dat jo elo och matkritt.

Bob Morhard (Direkter vun der regionaler Musekschoul): Et ass eng grouss Demande do fir dat opzemaachen, lues a lues gëtt et méi a méi Schoulen am Land, wou dat ugebuede gëtt. Wat fir eis wichteg ass, dat ass de sozialen Aspekt an déi sozial Tarifstruktur.

Danze gëtt haaptsächlech a Privatschoulen ugebueden, wou et immens deier ass. Mir hunn eng Museksschoul mat enger super Struktur wou all Kand ka participéieren, dat geet an déi richteg Richtung, och do fir am Beräich Danze fir jiddereen eppes unzebidden. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, Här Gangler.



Jean-Paul Gangler (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech hat elo net opgepasst mä et interesséiert mech fir meng Enkelin, ab wéi vill Joer kann déi kommen?

Bob Morhard (Direkter vun der regionaler Museksschoul): Ab 5 kann ee kommen an dat gëtt lues a lues opgebaut bis mir d'Struktur hu fir bis 17 Joer innerhalb vu 6 Joer.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): An d'Enkele sinn och wëllkomm.

Jean-Paul Friedrich (CSV): Just als Fro, et muss ee jo net an der Museksschoul dofir sinn, dat heescht, et muss een net en Instrument spille fir dohinner ze kommen? Ass dat richteg?

Bob Morhard (Direkter vun der regionaler Museksschoul): Et ass esou, et muss ee keen Instrument maachen, et kann ee just danze kommen, et ass awer sou, dass duerch d'Programmskommissioun ab dem 3. Joer och en obligatorescht Niewefach do ass, dat ass entweder déi klassesch Formatioun-Solfège oder eng Formation musicale expresse pour danseur. Do gëtt et e ganze Curriculum. Dee vum Ministère virgeschriwwen ass.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, ass de Gemengerot da mat der Kreatioun vun deem Posten averstanen? Dat ass **unanime**. Da kënne mir déi nächst Editioun vu Letzdance hei zu Diddeleng organiséieren. Merci fir déi Zoustëmmung. Da gi mir eriwier bei d'Froen un de Schäfferot.

6. FROEN UN DE BUEGERMEESCHTER AN DE SCHÄFFEROT

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dat sinn zwou Froe vun der CSV vum Här Martini, do geet d'Claudia Dall'Agnol drop an, mir ginn se esou duerch wéi se och erakomm sinn an déi drëtt Fro vum Här Haas, do wäert ech drop agoen. D'Claudia Dall'Agnol huet d'Wuert.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Jo, ech fänken esou un, wéi ech se do leien hunn, an zwar déi mam Parking Am Duerf, do schreift d'CSV-Fraktioun, dass zanter e puer Méint beim Parking am Duerf déi Nummreschëlter, déi do parke kommen, gespäichert

an op de Parkticket gedréckt ginn an hir Froe wiere folgend:

Ass de Schäfferot iwwer dës Ännerung informéiert ginn? Gëtt et dobäi e Konflikt mam Dateschutzgesetz? Och net wann d'Nummere vun deene Leit gespäichert ginn, déi de Bezuelungsdéngscht OP'n'GO net benotzen?

Wéi laang a wou ginn déi Donnéeën gehalen a wou gi se gespäichert?

Gëtt mat dësen Donnéeën geschafft fir d'Parkverhale vun de Visiteuren ze analyséieren?

Zu der éischter Fro: Jo, mir goufen informéiert vun der Firma Indigo fir de System mat de Kameraen ze installéieren. Dat war am Laf vum Mount, Oktober d'lescht Joer. Dee System erlaabt, de Parking ze verlossen ouni de validéierten Ticket herno nach eemol mussen an den Apparat ze stiechen. Am November-Dezember d'lescht Joer, also 2018, gouf de System installéiert a vun do u steet och d'Plackenummer um Ticket drop.

Ab dem 1. Abrëll dëst Joer gouf d'Applikatioun OP'n'GO fir de Parking Am Duerf a Betrib geholl. Déi Applikatioun, déi meescht kënnen se, déi och schonn op deenen anere Parkingsméiglechkeeten hei an Diddeleng funktionéiert a relativ kammoud ass fir den Utilisateur. OP'n'GO ass selbstverständlech vun der nationaler Dateschutzkommissioun genehmegt.

Iwwregens ginn och d'Benotzer vun OP'n'GO ausdrécklech hir Zoustëmmung fir dass d'Sociétéit d'Date ka benotze fir d'Exploitatioun vun der App, spréich fir eben d'Bezuele vun de Parkinggebühren esou einfach wéi méiglech ze maachen.

Beim Parking Am Duerf do ass d'Firma Indigo responsabel fir den Traitement an net d'Gemeng a wann dann also Indigo déi Daten ophieft fir hire Business, an dësem Fall d'Exploitatioun ebe vum Parking Am Duerf ze maachen, an déi och net illicite benotzt, dann ass do och kee Problem. Et ass och an dësem Fall just d'Plackenummer ouni iergendeng perséinlech Donnée an nodeems den Auto de Parking verlosst huet, ass déi Plackenummer och geläscht, déi ginn also weder gehalen nach gespäichert.

Dee selwechte System ass och installéiert an der Stad an der Coque, an d'Parkinger "Europe" an "Dräi Eechelen" sollen och elo nach domadder opgerüst ginn.



Zur Fro 2, also et gëtt kee Konflikt mat der Datenschutzkommissioun well déi Nummere net gehalen an net gespäichert ginn an zur Fro 3, déi ass och beäntwert: Nom Verloosse vum Parking ass, vu datt näischt gehalen a gespäichert gëtt, ass déi Plackenummer och direkt geläscht.

An zu der Fro 4, och nach eng Kéier Neen, am Parking gëtt guer näischt gespäichert, och net fir Statistiken oder iergendwellech Parkverhale vun den Utilisateuren ze maachen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi Äntwert op déi dote Froen. Här Gangler ech kann lech net d'Wuert ginn, den Här Martini huet déi Fro gestallt an et ass och just hien, dee kann eng Präzisiounsfro stelle wann eng néideg wier. Dat ass esou wéi mir dat bäibehalen, soss maache mir op eemol hei eng Diskussioun op an dat ass net de Sënn vun der Fro. Dofir géif ech proposéieren, op déi nächst Fro weiderzegoen.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Jo, dat ass och eng Fro vun der CSV-Fraktioun, den Här Martini schreift, datt d'Bewunner bei der Schoul Ribeschpont sech iwwer dee schnellen Trafic um Schoulwee beschwéiert hätten an dass dowéinst jo eng Rei Moosssname geholl goufen, déi zu der Verkéiersberouegung bäigedroen hunn, ënnert anerem gouf en Tempodisplay bei d'Schoul gesat, deen d'Vitesse uweist, déi do gefuer gëtt.

Seng Froe sinn, ob den Display eng Späicherfunktoun huet a wa Jo, wat mat deenen Donnéeën geschitt, ob virun eng Analys gemaach gëtt vun der Vitesse fir duerno kënne Verbesserunge feststellen, no wéi enger Strategie se opgestallt ginn a wou an - zu gudder Lescht - ob mir wëssen, wou déi meeschte Vitessedepassementer gemooss goufen a wéi eng Strategie mir hu fir dogéint virzegoen.

Zu der Fro 1, mir hunn d'lescht Joer am September eng Petitioun kritt gehat vu Bierger fir en zweeten Zebrastreife beim rue Leborn an deen Här hat deemools och gemengt, dass mir als Gemeng den Höcker ewechgeholl hätten, dee mir virdu just installéiert haten, dat war eng falsch Informatioun, dat wësst Dir, deen Höcker ass eis zweemol geklaut ginn an e wollt och e Spigel installéiert hunn. De Spigel, dat war kee Problem, deen z'installéieren, Zebrastreifen, dat hunn ech scho gesot, déi maache mir do net well

et ass e bësse méi erof ee mat enger roudere Luucht, wat e sécheren Iwwergang ass a vu – dat kënnt elo nach derbäi – datt dat elo eng Zone 30 ass, hu laut staatlecher Verkéierskommissioun keng Sträifen do ze sinn. Si hunn awer net gesot dass mir dat wat do ass sollen ewechhuelen, sou dass ech hoffen, dass et dobäi bleift.

Dat mam Höcker hat sech gekläert, dee war net ewechgeholl mä geklaut ginn. Eisen Ingenieur, den Nic Krumlowsky, war och selwer deemools mam Initiator vun der Petitioun op d'Plaz kucken, vun de Leit selwer koom keng Demande fir esou en Tempodisplay opzeriichten. Firwat hu mir dann awer grad do een installéiert? Majo Dir kënnt lech un dee leidegen Dossier erënneren, dass mir déi Vitesse op deem Feldwee net erofgesat kréien op 30 km/h mä dass d'staatlech Verkéierskommissioun no laangem diskutéieren endlech agewëllegt huet, dass et net méi 90km/h soll sinn, mä dass et kéint 50 km/h sinn.

Mir hunn och deemools de Go kritt gehat fir, dass endlech do eng Zone 30 installéiert gëtt, wat mir jo 2013 eng éischte Kéier verworf kritt haten an ech ginn dovunner aus, wann net de Minister selwer op enger Informatiounsreunioun, déi hei an der Gemeng war, vu rosene Bierger drop ugeschwat gi wier, dass d'staatlech Verkéierskommissioun hei sécherlech och net sou séier agelenkt hätt. A well mir eben aus enger Zone 50 oder Zone 90 kommen, an nom Höcker direkt an eng Zone 30 kommen, hu mir deen Display installéiert fir nach eemol kënne drop opmierksam ze maachen, dass net nëmme hei eng Schoul ass, mä dass et virun allem eng Zone 30 ass. Dir hutt jo och gesinn dass mir d'Strooss nach eemol optesch verengt hu mat engem Bac op der Héicht vum Entrepreneur.

Zum Apparat, deen huet keng Späicherfunktoun. D'Radarmiessunge mat eisem Radar, dee mir hunn, dee späichert awer Datum, Auerzäit a Vitesse. D'lescht Joer hat de Radar folgend Resultater erginn, op der Héicht vun der Schoul Ribeschpont innerhalb vu 7 Deeg waren et ronn 10.400 Gefierer, déi do laanscht gefuer sinn, V85, Vitesse 85 dat ass déi Vitesse, déi ausschlaggebend ass ob gerannt gëtt oder net, dat heescht am Fachjargon V85, wier hei 44 km/h gewiescht a mir sinn, wéi gesot, an enger Zone 30. Déi héchsten do gemoosse Geschwëndegkeet waren 82 km/h. Héchstgeschwëndegkeeten, déi ginn et ëmmer an



iwwerall, dat sinn awer Gott sai Dank op alle Plazen
ëmmer nëmmen Ausnamen an och nëmmen Eenzelfäll
mä et ginn ëmmer Onverbesserlecher.

Déi Vitess do war nach e Grond méi fir deen Tempo-
display hei opzestellen.

Virun all Opstelle vun engem Tempodisplay maache
mir eng Analys vun der Situatioun, dat heescht mir
stellen eise mobile Radar op a mir kucken, wéi séier
do gefuer gëtt, an natierlech koordinéiere mir eis
all Kéier mat der Police déi hir eege Vitesskontrolle
mécht.

Da gëtt de Diddelenger Bierger eis natierlech och
permanent Feedback, wou senger Meenung no ge-
rannt gëtt an och doropshi setze mir dann de Radar
eemol op a mir ginn all Doleance weider un d'Police fir
dass si da kënne hir Vitesskontrolle maachen.

Mir kucken och ob mir baulech eppes erwierke fir
kënne géint Vitesse virzegoen. Wann näischt baulech
méiglech ass, an dat ass leider op ville Plazen de Fall,
oder et ass schonns alles gemaach ginn, wat méi-
glech ass, well Dir wësst, d'Stroosse mussen trotz
allem eng gewësse Breet hunn, déi kënne net à l'in-
fini verengt ginn, eleng schonn wéinst de Pompjeeën
an dem Müllwon, déi musse laanscht kommen.

Da kucke mir fir Tempodisplayen opzestellen, fir de
Chaufferen och nach eemol an Erënnerung ze ruffen,
wéi schnell se dann ënnerwee sinn, an der Hoffnung,
dass dat dann och hëlleft.

Nei Tempodisplaye si geplangt an der Rue de la Vallée
op der Héicht vun den Haiser 90 an 109, an an der
Soibelkaul, op der Héicht vun der Kräizung rue des
Lamineurs. Firwat? Majo, well d'Miessungen an der
rue de la Vallée am Mäerz 2018 an enger Zone 30
hunn deemools erginn: +/- 16.400 Autoen an enger
Woch, d'Vitesse V85, 43 Km an d'maximal Vitesse
87 km/h. Ee Joer méi spët war déi Vitesse 85 op 47
km/h an d'maximal Vitesse, haalt lech un, an enger
Zone 30, 103 km/h.

D'Soibelkaul ass keng 30er Zon, dat ass eng 50er
Zon, do hunn d'Miessungen erginn, 13 500 Autoen
an enger Woch, d'Vitesse V85 64km/h an d'Vitesse
maximale 84 km/h. Deen Tempodisplay hei ass virun
allem geduecht fir d'Chauffere wéi iwwerall un d'Vi-
tess ze erënneren, mä awer och well do eng Part-

ie riets Virfaarte sinn, Dir wësst an der Soibelkaul
do gesäit ee relativ wäit, dat verfëiert oft fir Gas
ze ginn, mir wëllen dann domadder erënneren, dass
et 50 ass, an dass et net eemol zu engem Accident
kennt wéinst enger Virfaart.

Déi meeschte Vitessdepassementer ginn et rezent
an der rue de la Vallée an an der rue Ste.-Barbe an an
der rue du Parc. Moossunge sinn ëmmer 7 Deeg, eng
Woch laang vun donneschdes op donneschdes. An
der rue Ste. Barbe, eng 30er Zone och, koum eraus,
10.400 Autoen, d'Vitesse V85 40km/h an d'maxi-
mal Vitesse 73 km/h. An der Parkstrooss ass et 50,
23.250 Autoen, Vitesse V85 55 km/h an d'Vitesse
maximale 92 km/h.

An der Parkstrooss gouf dofir och schonn d'lescht
Joer op Demande vun de Bierger a - wéi gesot - no
eisen eegene Vitessmiessungen en Display opgeriicht.

De Jugendgemengerot huet rezent och eng Demande
gemaach fir en Tempodisplay tëschent dem Lycée an
dem Jugendhaus opgeriicht ze kréien. Hei lafen awer wéi
gesot nach Analyse well mir fir d'éischt musse kucke wéi
do d'Vitesse sinn an och wou mir e kéinten opriichten.

Wat kéinte mir als Gemeng maachen ass gefrot ginn,
ech sinn deels drop agaangen, baulech Moossnamen,
Inselen, Verengungen, Marquagen, Backen, fir
d'Bierger och drun ze hënneren, ze schnell ze fueren,
mä bon, ech sinn drop agaangen, et ass op ville
Plazen respektiv net méiglech oder scho laang ge-
schitt, an et ginn awer ëmmer Leit, déi rennen, där
Onverbesserlecher.

Dann natierlech reegelméisseg Koordinatiounssitzunge
mat der Police, fir dass mir och zesumme mat hinne
virginn, fir dass och si geziilt do kënne kontrolléieren,
wou de Bierger eis et mellit. Well leider ass et nach
ëmmer sou, dass just wa muss bezuelt ginn, wann et
also wéi deet, wann se Léiergeld bezuelen, da léiere
si et wahrscheinlech och.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci
fir all déi Erklärungen. Wann elo nach eng Fro ass.

Claude Martini (CSV): Merci Claudia Dall'Agnol, dat
si relativ erschreckend Chifferen, déi dobäi eraus-
kommen, an awer wësse mir genee de Problem, wéi
en ass, ech hu mär och näischt anescht erswaart
wéi déi Chifferen.



Ech si just erstaunt, dass den Tempodisplay näischt späichert well ech hat gemengt, dee géif se späicheren, da kéint een eng Analys maachen, wéi ass et virdrun a wéi ass et duerno. Dat maache mir de Moment net. Dat heescht, et wier interessant nodeems den Tempodisplay do ass, no 6 Méint de mobile Radar op deene selwechte Plazen opzestellen, fir ze kucken huet dee gehollef a wa Jo, dann ass dat e gutt Resultat, da kéint een déi Displayen op méi Plazen opstellen. Fir dat erofzedrécken.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Dat hat ech vergiess, vu dass deen näischt späichert, stelle mir duerno eise mobile Radar och nach eemol op. De Problem ass awer, mir hunn net esouvill Radaren, dass mir permanent se kënnen op deene selwechte Plazen opstellen. Mä selbstverständlech, esou bal Creneau fräi sinn, stelle mir en nach eng Kéier do op wou en Display ass, fir ze kucke wat erauskom, mä wa mir en Display opgestallt hunn, da gi mir dat ëmmer direkt un d'Police weider, fir dass si och ka genau do eng Kontroll maache wann den Display bis do steet.

Claude Martini (CSV): Also ech hat dat bëssen nogekuckt, et ginn där Displayen, wou d'Vitesse späicheren, do kéins de dann och gesi wann s de an d'Uertschaft erafiers an du hues 90 km/h drop, et ass awer just 50 km/h, dass den Auto dann ofbremst, an et sinn Displayen, déi späicheren déi Saachen of. Dat wier eng interessant Approche fir an Zukunft ze hunn.

Da war ech frou driwwer dass bei der Ribeschponter Schoul esouvill Aktiounen gemaach...

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech wëll kuerz agräifen. Dir hutt eng Fro gestallt an Dir hutt eng Äntwert kritt, et gëtt elo net, dass een nach 3-4 Froen nach dohannert stellt. D'Iddi war ëmmer, de Conseiller stellt eng Fro, e kritt eng Äntwert vum zoustännegen Schäffen, e kann dann à la rigueur par rapport zu där Fro, déi e gestallt huet, nach eng Präzisounsfro stellen an dobäi beloesse mir et. Soss maache mir d'Dier op fir 3-4 Ënnerfroen oder nei Froen an dat ass net de Sënn vun enger Fro, déi e Conseiller un de Schäfferot stellt. Ech mengen, dass mir dee Kader awer wahre sollten, soss ass et awer op eemol Open end.

Dat heescht, Dir hutt eng Fro gestallt, Dir hutt eng Äntwert kritt par rapport zu Ärer 2. Fro, wann Dir elo nach eng Präzisounsfro braucht, par rapport zu Ärer 1. Fro, kënnt Dir se gäre stellen, mä ech géif hei de Gemengerot bidden, an och d'Auteurs vun de Froen bidden, dee Kader awer effektiv ze respektéieren.

Claude Martini (CSV): Gutt, da maache mir dat esou. Ech wousst dat net.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Ech ginn awer just nach eng Äntwert op déi Fro, déi hie gestallt huet, mat dem Display, dass et dat gëtt fir kënnen ze späicheren: Ech soen zu de Servicer, si sollen nokucken ob dat méiglech ass bei deenen, déi mir hunn, dat kënnen nozerëschten, wann et dat gëtt an et eis net grad d'Aen aus dem Kapp kascht, mir hunn der jo déi si méi al, anerer si méi nei, wann et dat gëtt, da kann een duerchaus op dee Wee goen.

Ech froen, dass Servicer dat nofroen a wann dat méiglech ass, da maache mir dat, dat géif nach eemol méi Aarbecht spueren.

Claude Martini (CSV): Ech kommen nach zu der 1. Fro, ech wëll präzisieren, dass déi Leit wou en Abonnement hunn um Parking an och déi App hunn, dass déi dann zweemol bezuelen. Well wann een dat net präzis op der App ausgeschalt huet, wann een dat zum Beispill am Duerf wëll benotzen, da fiers de ouni dass de dat ausgeschalt hues op de Parking, dann hues de dän Abonnement am Parking jo bezuelt mä et gëtt automatesch nach eng Kéier vun der App ofgebucht wëlls de eragefuer bass an déi App net ofgeschalt has.

Et si vill Leit, déi dat net wëssen an zweetens sinn ech iwwerrascht doriwwer, dass een awer dierf Nummere späicheren, well meng Nummer gëtt gespäichert an ech benotzen déi App net an ech ginn och net duerno gefrot, dofir hunn ech déi Fro vum Dateschutz gestallt. Ech benotzen den Opngo zum Beispill net an am Parking gëtt meng Nummer gespäichert vun deem Moment un, wou ech erafueren, bis datt ech nees erausfueren

Dat heescht, ech fueren do eran, meng Nummer steet op menger Kaart drop, dat heescht si hunn se gespäichert déi Zäit wou ech am Parking sinn, bis ech eraus fueren. Ech ginn zu kengem Moment gefrot ob ech dat wëll. Bei allen anere Saachen gëtt een awer



gefrot ob een seng Donnéeë wëll ginn oder net, dofir hunn ech déi Fro gestallt.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Also, gespäichert gëtt guer näischt, si gëtt esou laang gehale weis du dobanne bass. Een Avantage zum Beispill wier wann s du géifs däin Ticket verléieren, da kéinten si iwwer d'Nummereschëld - esou laang däin Auto dobanne bass, wuel bemierkt - well nodréiglech ass näischt méi méiglech, soubals du do bausen bass ass se geläschet an dofir brauche mir näischt sichen ze goe wat net ass, soubal s du dobausse bass ass se fort, si steet just op dengem Ticket nach ëmmer drop. Awer an de Computere steet näischt méi.

Wann s de awer elo géifs zum Beispill däin Ticket verléiere während där Zäit, wou däin Auto dobannen ass, da wier dat en Avantage da gees de soe meng Plackenummer ass déi an déi, ech hu mäin Ticket verluer, da brauchts de net, 20 – 25 Euro ze bezuelen, da kënnen si soulaang däin Auto nach dobannen ass, kucken, wéini s de eran gefuer bass. Wann däin Auto schonn dobaussen ass, kanns de näischt méi kucken.

Dat anert, dat huet eis kee gesot gehat, dass een zweemol bezilt, ech hunn och elo keng Réckmeldung kritt vun Indigo, dass een sech bei hinne gemellt huet, mä da gi mir hinnen dat doten direkt de Moien nach mat op de Wee, da kënnen se dat nokucken.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci och fir déi Fro an nach déi Ausféierungen, mir ginn där Saach dann och weider no.

Dann, déi 3. Fro vum Här Haas betrëfft am Fong d'Gemeengeplaz, ech wäert do par rapport zu Ärer Fro zwou Interventiounen maachen, engersäits wäert ech op de Contenu vun der Fro agoen, ganz kloer, well Dir hutt 3 Froe gestallt, ech muss awer och, et ass éischerter aussergewöhnlech an ech maachen et ongären, och op d'Form agoe vun Ärer Fro, well ech ka verschidde Formuléierungen, sou wéi se an där Fro hei sinn, net stoe loossen an ech wëll lech einfach drop opmierksam maachen, Här Haas, Dir sidd Dréier vun engem ëffentleche Mandat, an Dir sidd och Member vum Gemengerot vun der véiertgréisster Stad hei am Land a mir sinn net an engem Kasperléstheater.

Ech mengen, dass wann een als Conseiller eng Fro formuléiert, an dat Recht steet lech natierlech zou, dass een do eng gewëssen Dezenz zum Virschäi soll

komme loossen am Choix vun de Wieder an och am Choix vun de Formuléierungen.

Dat ass e waarmen Appell vun dëser Plaz aus, Är zukünfteg Formulatiounen seriö ze formuléieren. D'Kollegen a Kolleginnen hei aus dem Gemengerot hu jo schonn eng Rei Froe formuléiert, Dir kënnt lech ganz gären och un deene Formulatiounen inspiréieren an an Zukunft och zweemol Är Fro iwwerliesen éier Dir d'Ënnerschrëft maacht, well eng Ënnerschrëft ass schnell gemaach. Wat ech och hoffen, dass dës Formuléierungen, an ech wäert herno kuerz drop agoe fir dat ze belichten, dass dat net geet, dass dës Formulatiounen an dësem demokratesch gewielte Gremium net Schoul maachen.

Dat zu der Form an elo ginn ech op déi verschidde Punkten an, wou Dir am Fong Wieder formuléiert wat keng liichtfankeg Wieder sinn, déi eng gewësse Portée hunn. Wou och penal Sanktiounen drop stinn. Dofir ass de Choix vun de Wieder ëmmer wichteg an och d'Formulatioun.

Dir schwätzt iwwer d'Gemeengeplaz, dass déi an engem drolegen Zoustand ass, an Dir maacht do de Verglach, dass «wann Eltere mat Poussetten driwwer fueren, fäerte mussen, dass se der Kannermesshandlung verdächtige ginn an dass d'Kanner e Rëselsyndrom kënnen kréien». Dat si staark Wieder. Kannermesshandlung, Rëselsyndrom, ech associéieren dat mat Situatiounen, déi dramatesch sinn an déi och eng penal a gesondheetlech Portée hunn.

De Choix vun deene Wieder ass ganz staark, et ass sécherlech net innocent, mä och, «dass Leit den Androck kréien, dass de Rollator op eemol zum Vibrator gëtt».

Och dat si Choix vu Formuléierungen, déi gehéieren net an dës Gremium, et kann een och doriwwer laachen, dass de «Rollstullfuerer d'Krounen aus den Zänn falen an dass sécherlech dovunner d'Schousteren an d'Zännokteren de Benefice zéien». Vergläicher ze maache mat der «Marie-Astrid», dat si Formuléierungen... et kann ee sécherlech och eng Fro wéi déi heiten anescht formuléieren an dass dann «d'Gespréich ass op Terrassen, bei der obligatorescher Kippchen, faarweg Wäschmaschinn», bréngt den néidege Seriö an Äre Fro mat eran, well Dir hutt hei dräi Froe gestallt op déi ech och wäert elo hei agoen, wat wierklech d'Essenz ass an am Fong ass dat jo dann



de Belag vun der Gemengeplaz, wou Dir de Schäfferot frot, dee jo effektiv hei d'Gemengeplaz notzt, ob dës Plaz gefléckt gëtt, dat ass Är éischt Fro.

Déi zweet Fro, ob een dës Gemengeplaz kéint stonnesweis späre fir d'Vëlosfuerer. Och do mat Dir de Verglach mat « Paris Roubaix », doriwwer kann ee schmuuzelen, mä wéi gesot, dat ass net weider dramatesch par rapport zu deenen anere Formulatiounen.

Dann ass nach eng drëtt Fro ob een net soll Makadam op déi Plaz maachen.

Ech wëllt lech dann hei mam néidege Seriö drop äntweren.

All Joer ginn d'Steng op der Gemengeplaz frëschgemaach, dat heien ass natierlech eng Plaz, déi ganz vill genotzt gëtt, dat mierkt Dir all Donneschdeg Muere mam Maart a während dem Summer, wann hei och aner Manifestatiounen stattfannen.

Dass dann och déi Plaz vill befuer gëtt, an natierlech eng Plaz déi vill befuer ass, duerch Manifestatiounen, well dat jo och en Attrait ass, wann een hei Manifestatiounen organiséiert, dass mir dann och a reegelméissegem Ofstänn déi Steng ersetzen.

Fir d'lescht hu mir dat am Oktober 2018 gemaach a mir kënnen eis virstellen, dass och dëst Joer nodeems d'Manifestatiounen eriwwe sinn, dass mir och do nach eemol effektiv d'Placke frësch wäerte setzen, dat maache mir reegelméisseg, do sinn eis techesch Servicer wéi awer och eise Service Fêtes et Manifestations publiques déi en Aen drop setzen, dass dat an engem anstännegen Zoustand ass.

Niewent de Placken, déi mir setzen, maache mir och emol Fléckaarbechten, mä dat hänkt vun de Perioden of, et ginn ebe Perioden, wou d'Plaze méi oft genotzt ginn. Dann ass et méi schwéier, dat direkt ze maache mä et ass awer eng Prioritéit.

En neie Belag am Kader vun engem Macadam wéi Dir dat hei frot, maache mir sécher net, well mir net wëllen, dass dës Plaz eng Betonswüst gëtt, et ass éischter de Choix vu Placken, déi mir hei wäerten erneiere fir eng flott Attraktivitéit ze erhalen a keng Betonswüst hunn an et ass sécherlech net geduecht fir dann elo hei déi Plaz zouzemaache fir dass nëmme Vëloer kënnen driwwer fueren.

Dat heien ass eng Plaz wou all Teilnehmer notze kann, souwuel de Vëlosfuerer wéi och de Foussgänger, also all Utilisateur vum Espace public soll se kënnen notzen. Et ass also eng Place partagée niewent de Manifestatiounen, déi do stattfannen an - wéi gesot - wat an nächster Zukunft mat där Plaz geschitt, gesäit een an der weiderer Stadentwécklung.

Voilà, dat als Äntwerten un Är Froen. Wann Dir eng Präzisounsfro hutt, kënnt Dir se gäre stellen.

Victor Haas (onofhängege Conseiller): Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre vum Schäffena Gemengerot, ech entschëllege mech dann elo hei offiziell fir dat wat ech do vollbruecht hunn. Et deet mir schwéier Leed an et wäert och nâischt méi sou eppes virkommen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Här Haas fir déi doten Asiicht a wéi gesot, Méiglechkeete vu Formulierung vu Froen, déi kennt Dir, d'Kollegen hunn hei jo och scho Froen gestallt an déi Entschëllung huele mir ganz gären un. Merci.

Voilà, da géif ech hei d'Séance publique zoumaachen a mir géingen an de Huis clos iwwergoen.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 7. JUNI 2019

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech géif proposéieren, dass mir ufänken, e schéine gudden Moien hei an eiser Sitzung vum Gemengerot, wou sech de Robert Garcia entschëllegt huet. Bis op hie si mir an deem Sënn also komplett a beschlussfäeg. Mir hunn e chargéierten Ordre du jour, dofir géif ech proposéieren, dass mir lassleë mam Punkt Korrespondenz, dozou huet de René Manderscheid eppes ze soen.

1. KORRESPONDENZ

René Manderscheid (LSAP – Schäffen): Majo, ech wollt just an zwee Sätz soen, den leschten Dänschen war den nationale Klimapakttag, an do ass dann och d'Gemeng Diddeleng erëm eng Kéier reenquêtéiert ginn, an do sinn d'Resultater virgestallt ginn an do ass Diddeleng op 68% zertifizéiert ginn, dat heescht mir sinn also wéi ëmmer gutt ofgeschnidden.

Et ass awer och esou, dass d'Gemeng hir Best practices sollte matdeelen, dat hu mir och gemaach a mir si mat eisem Shared Space an d'Renne gaangen.

Da wëll ech lech net virenthalen, dass dee Projet op grouss Begeeschterung gefall ass, a mir hu vum Klimapakt dann déi heiten Auszeechnung iwwerreecht kritt: "L'Art du bon vivre ensemble".

Wéi gesot, et ass zwar net alles Gold wat glänzt, mä trotzdem sinn eis Beméiunge mat där Auszeechnung hei belount ginn. Dat wollt ech awer dem Gemengerot net virenthalen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir dee positiven Optakt. A mir fuere positiv weider mat de provisoiresche Konte vum Joer 2018, wou ech nach wollt matdeelen, dass mir en definitive Boni maache vun 21,8 Milliounen Euro, wou mir am Rectifié 12,9 Milliounen Euro haten. Just fir eng kleng Opschlësselung ze ginn, am ordinaire Beräich hate mir Recettë vun 92 Milliounen Euro, Depensë vu 75,5 Euro, Recette-extraordinaire vun 8,3 Milliounen Euro an Depensë vu 15,7 Euro. Mam Kont vum Joer 2017 hate mir jo e Boni gemaach

vun 12,6 Milliounen Euro, sou, dass mir dann effektiv am provisoiresche Kont - mir musse jo am Definitive sinn, dat brauch jo dann nach e puer Méint well de Ministère de l'Intérieur deen néidege Contrôle jo nach muss maachen - do schlësse mir also mat engem definitive Boni vun 21,8 Milliounen Euro of.

Wat virun allem ervirzesträichen ass hei, ass, dass mir en décken Zouschoss kritt hunn duerch déi staatlech Dotatiounen, déi 75% ausmaache vum ordinaire Beräich. Just fir hei ze soen, dass mir, wat de Fonds de dotations globales des communes ugeet, gutt 3,3 Milliounen Euro méi kritt hunn, den Impôt commercial gutt 1 Millioun méi kritt hunn, also 4,3 Milliounen wat déi staatlech Dotatioun ugeet.

Dann hu mir awer och nach eis Durchlafgebühr vum Gas, déi huet eis eng gutt liicht iwwer 700.000 Euro méi erabruucht, sou, dass mir am Fong do och am ordinaire Beräich gutt 5 Milliounen Euro méi hunn also hei positiv Ausgangspositioun fir déi nächst Budgeten.

Voilà, dat zum provisoiresche Kont vum Joer 2018, si soss nach Punkten zu der Korrespondenz, sinn nach Froen? Da gi mir iwwer op d'Circulatioun.

2. VERKÉIERSREGLEMENTER

2.1. Confirmatioun vum engem temporairen dréngen- de Verkéiersreglement an der Rue de la Fontaine

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Den éischte Punkt, 2.1 do geet et ëm d'Fontaine Strooss, do verleet d'Post wéi bal iwwerall an Diddeleng Glasfaser, do gouf e Meter vum der Strooss geholl fir, dass den Entrepreneur ka sécher do schaffen.

De Verkéier gett duerch d'Breet vum der Strooss, gutt laanscht an déi 2 Richtungen. D'Foussgänger ginn iwwerall do wou et néideg ass op déi aner Stroossesäit geleet an de ganze Chantier dauert vi-raussichtlech nach bis enn Juli, allerdéngs ginn ech dovunner aus, dass mir wäerten e bëssen éischter fäerdeg sinn.



Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Claudia Dall'Agnol, si Froen dozou? Dat ass net de Fall, soudatt mir ofstëmme kënnen. Wien ass mat dem Verkéiersreglement hei bannen averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

2.2. Confirmatioun vun engem temporairen drénge- de Verkéiersreglement an der Rue Jean Friedrich

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Dat zweet ass de Punkt 2.2 do geet et ëm d'Friedrich-Strooss, Dir wësst, mir hunn den 22. Mäerz hei e Verkéiersreglement gestëmmt, dat ass erëm eemol net guttgehallegi vun der staatlecher Verkéierskommissioun well se - wéi schonn e puermol – soen, dass dat keng Urgence fir si ass a well se eis virgehait hunn, dass d'Urgence net richteg am Préambule vun der Décisioun ugi war.

Wann ech soe mir hunn dat den 22. Mäerz hei gestëmmt, mir krute bal zwee Méint drop eréischt d'Äntwert vun hinnen, mir hunn elo awer och telefonesch dann nach eemol Récksprouch mat hinne geholl, wéi mir et schonn e puermol gemaach hunn, well se eis virun enger Zäit jo scho gesot hatten, dass mir et misste bei Chantiere 6 Woche bis 2 Méint am Viraus un si eraginn.

Dat war, an dat hat ech lech scho gesot wéi mir d' Verkéiersreglement gestëmmt hunn, an dësem Fall net méiglech.

Dir erënnert lech, dass bis zum leschte Moment net kloer war ob den Entrepreneur kéint e Forage maachen, d'staatlech Verkéierskommissioun huet eis du mëndlech um Telefon gesot, dass wa mir esou eppes an Zukunft géingen an d'Deliberatioun als Motiv dra schreiwen, dass se dat dann och géifen an Zukunft als Urgence acceptéiere a gëlle loossen.

Dir hutt gemierkt, dass zanter se eis gesot hunn, dass mir dat solle 6-8 Wochen am Viraus era gi bei Chantieren, ëmmer da wa mir et kënnen plangen dat och maachen, mä do wou all déi Detailer bekannt sinn, geet dat och, hei war dat net de Fall.

Ech mengen awer och, dass et net un der staatlecher Verkéierskommissioun ass, fir ze analyséieren, wat eng Urgence ass, well d'Kontroll vum Staat soll sech eigentlech op d'Legalitéit vun de Reglementer beschränken an net onbedéngt där hir Opportunitéit a Fro stellen an d'Verkéierskommissioun huet an dësem Fall

alleng a selwer fir esou eng Urgence gesuergt, wou de Schäfferot dann huet missen nach eemol reglementéieren an dofir musse mir dat haut nach eemol stëmmen an aschécken, fir dann eben aus deem Vide erauszekommen, an dann huelen ech un, dass mir an 2 Méint rëm eemol eng Äntwert wäerte kréien.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Claudia Dall'Agnol fir all déi doten Erklärungen. Si Froen dozou? Kënnen mir dann dat dote Reglement op en Neits ofstëmmen? Wien ass domadder averstanen? Dat ass **unanime**. Villmools Merci.

2.3. Confirmatioun vun engem temporairen drénge- de Verkéiersreglement an der Rue Jean Jaurès

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Da geet et erëm ëm Glasfaserleitungen, d'Post ass amgaangen, déi an der Rue Jean Jaurès ze zéien, d'Gemeng an Eltrona hunn awer och profitéiert fir d'Reseauen ze erneieren oder ze verbesseren, respektiv den Entrepreneur huet do missen aus Sécherheetsgrënn e provisoreschen Zebraträife maachen, fir, dass d'Leit sécher ze Fouss vun der Gemeng Richtung Gaffelt kommen an dee Chantier hei dauert nach bis Enn Juli.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, sinn dozou Remarquen oder Froen? Dat ass net de Fall. Sidd Dir domadder averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

2.4. Confirmatioun vun engem temporairen drénge- de Verkéiersreglement an der Rue Dominique Lang an an der Avenue Grande-Duchesse Charlotte

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): An da geet et ëm zwee provisoresh Zebraträifen, déi mir hu misse maachen, well deen aktuellen Zebraträife läit am Chantier vum Shared Space an hätt net méi kënnen vun de Leit benotzt ginn a fir, dass Foussgänger sécher iwwer de Chantier kommen, gouf en Zebraträife op der Héicht vum Blummegeschäft an een op der Héicht vum Subway gemaach.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Sinn do Froen oder Remarquen? Dat ass och net de Fall an och dat ass **unanime**. Merci.

2.5. Confirmatioun vun engem temporairen drénge- de Verkéiersreglement – PAP rue Dominique Lang



Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schaffin): Hei geet et erëm ëm de Foussgänger, hei gëtt den Trottoir an der Rue du Parc laanscht d'Jugendhaus opgerappt fir nei Infrastrukturen ze leeën, d'Post, Eltrona, Gas a.s.w., dat alles am Kader vum Pap Dominique Lang, den Access fir d'Foussgänger beim Jugendhaus bleift ëmmer garantéiert an aus Sécherheetsgrënn hu mir hei zwee provisoersch Zebrasträife gemaach an och de Busarrêt hu mir mam Accord vum TICE e bësse misse verréckelen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi Presentatioun an Erklärungen. Sinn dozou Froen? Da stëmme mir och iwwer deen of, sidd Dir averstanen domat? Dat ass **unanime**. Da soen ech villmools Merci. Domat hu mir de Volet Circulatioun duerch.

3. GEMENGEFINAZEN

3.1. Approbatioun vun engem notarielle Verkafsakt mat dem Herr Christian Luis Fernando Besch an der Madame Liljana Savic

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Domat gi mir op d'Finanzen iwwer, wou mir eng Rei Devisen a Contrat-de-bailen hunn an ech géif mat deem éischte ufänken, dat ass den Acte de vente, wou mir als Gemeng dem Här Besch an der Madame Savic zwou Plazen, am Fong zwou Strëppe Wiss verkafen, bei der Bierenger Strooss, dat sinn engersäits 0,02 Ar an eemol 0,21 Ar, dat fir 500 Euro.

Dir gesitt unhand vun den Dokumenter, déi mir lech ausgedeelt hunn, respektiv déi am Dossier sinn, d'Gemeng ass Propriétaire vun deene Parzellen, vun do un, wou et de Kadaster gëtt, nach ass et esou, dass schonn historesch gesinn déi dote Parzellen ëmmer vu Privatleit genotzt goufen. Dat ass eis elo opgefall duerch déi nei Leit hei, déi Propriétaire goufe vun hirer Propriétéit, well se do en Haus kaf hunn. An op deene Wise war och ëmmer e Schapp, dee baufällig war, deen d'Propriétaires och ofgerappt hunn, deen also deelweis op hirer Propriétéit war, respektiv awer och op der Propriétéit war op deenen zwou Parzelle vun der Gemeng.

Dat doten ass och eng Plaz, wou d'Gemeng keng Utilitéit a keen Accès huet, et ass och kee Bauterrain, et si lénks a riets Stroossen, esou, dass et eis am

Fong wichteg war, déi Situatioun ze berengegen, fir deementspreechend deene Leit déi 2 Stécker Wiss do ze verkafen, fir, dass se och kënne Propriétaire ginn an, dass mir hei kënne - wéi gesot - zwëschen der Rue Pierre Theis an der Bierenger Strooss eng prop-per Situatioun hunn. Méi ass zu deem doten Akt net ze soen. Voilà, si Froen dozou?

Ass de Gemengerot mat dësem Akt averstanen? Dat ass **unanime**. Villmools Merci.

3.2. Approbatioun vun engem notarielle Verkafsakt mat der Koppel Armand Pierre Loehr a Caroline Jeanne Esch

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mir weider, vun der Bierenger Strooss op Butschebuerg, do kafe mir en Terrain dem Här Loehr an Esch of, dat ass en Terrain an Soetgen, also e Stéck Bësch, dat sinn 20 Ar, 77 Zentiar. Fir lech dat ze situéieren, et ass direkt niewent dem Chalet vun de Scouten, hei hu mir och eisen Droit de préemption spille gelooss, dofir kafe mir dat heite fir 28.000 Euro, wat eis déi 20,77 Ar kaschten.

Et ass dat ass eng Zone de réserve foncière, mir be-fannen eis hei also am Kader vum Pacte Logement, et ass och an engem But d'utilité publique, wou mir dat heite kafen, effektiv och am Kader vun Diskussiounen iwwer de PAG, dofir hu mir dat esou hei spille gelooss, dat ass eng Zone d'Intêret paysager, mä effektiv si mir hei an engem Kontext vun engem Ëmkrees vun 100 Meter ausserhalb vum Bauperimeter an do spillt jo och den Droit den préemption, an dofir kafe mir och deen doten Terrain.

Si Froen oder Remarquen dozou? Här Gangler wëllt Dir gär eppes soen?

Jean-Paul Gangler (CSV): Jo, Merci. Wéi Dir scho sot läit dat Grondstéck niewent dem Scoutshome, dofir sinn d'Scouten och hellhöreg ginn. Den Numm Bësch, dat ass nu wierklech e Witz: Dat ganz Areal ass of-geholzt gi virun engem Joer, do steet ganz hannen um Enn vum Terrain eng Rëtsch vun 12 gakege Kiefern a vir zur Strooss stinn zwee Beem, ënnert anerem eng déck Eech, déi d'lescht Joer voll mat Eichenprozessionsspinner war an déi eis do Problemer gemaach huet wann d'Kanner sollten ze Fouss an d'Home goen, oder dee Moment wou d'Gehaansprozesssioun laanscht gaangen ass.



Elo froen d'Scoute sech, firwat keeft d'Gemeng dat? D'Scoute wollten dat och eng Kéier kafen, hunn et awer net kritt well de Präis ze deier war. Virun allem dee Präis vun 28.000 Euro, deen d'Gemeng elo bezuele wëllt, dee werft d'Fro op, ob d'Gemeng do nach eppes anescht wëlles huet wéi eng einfach Réserve foncière. Ech hunn dunn e bëssen nogsicht, wat d'Gemeng esou dorëmmer bezilt. Dat ass jo och eng regelméisseg Fro déi hei erëmkënnt: Ass dee Präis vun deem Terrain justifiéiert?

Wann ech dann an de leschte Gemengeréit kucken, dann hate mir zum Beispill de 4.10.2018 do uewen A Steemech. Do hu mir fir Kompensatiounsméiglechkeeten en Terrain kaf vun 340 Ar an 169.800 Euro bezuelt, also 500 Euro den Ar.

An do hat Dir deemools op d'Fro vum Här Martini geäntwert, dass dat den normale Präis wier, dee mir fir esou Terraine ginn.

Mir hatten den 13.07.2018 an der Rue du Chemin de Fer 5,53 Ar kaf fir 66.360 Euro dat sinn 12.000 Euro den Ar, dat war d'Schoul an d'Maison Relais Gaffelt, déi do betraff waren.

Och den 13.07 2018 an der Rue des Minières 0,9 Ar fir 50.000 Euro. En Aménagement extérieur vun der Crèche Italien war dat.

An dann den 14.07 2017 hate mir Op Rellent Terraine kaf fir d'Extensiouen vum Fussballstadion, 31,45 Ar fir 157.250 Euro, dat si 5.000 Euro den Ar.

Also, déi Präisser gi vu 500 op 50.000 Euro den Ar, wann ech dat elo richteg gerechent hunn, soss musst Dir mech verbessern, mä elo froe mir eis natierlech, déi 28.000 Euro fir dat Stéck Terrain wat mol kee Bësch méi ass, ass dat net awer e bëssen iwwerdriwwen? Oder kënnt Dir dat justifiéieren? Oder hutt Dir nach Beispiller vun Terrainen, déi ech elo vläit net fonnt hunn, dass Dir soe kënnt, dass Dir dat mat deem selwechte Kritär gehandhaabt hutt?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi dote Stellungnahm, sinn nach weider Froen?

Bon, mir sinn hei an enger ganz anerer Logik par rapport zu deene Beispiller, déi Dir elo genannt hutt, well dat si Beispiller, wou mir als Gemeng aktiv gi sinn a mir kaf hunn.

Hei ass et esou, dass de Propriétaire verkaf huet an am Kader vum Pacte Logement gi mir esou e Verkaf jo gewuer an da gëtt d'Gemeng gefrot ob se hirt Virkafsrecht wëll spille loossen oder net, zu deem Präis wou wëll verkaf ginn.

Dat heescht, et hätt och kënnen e Choix sinn, dass mir soen, mir loossen dat Recht net spillen, well am Virkafsrecht ass et och esou, dass wann een dat ugeet, dann ass et net esou, dass een och nach de Präis négociéiert, mä et muss een et och zu deem Präis kafen, wou och um fräie Marché ugebuede gëtt.

Et kann een dat Virkafsrecht ebe just spille loossen, fir iwwerhaupt an d'Spill ze kommen, fir, dass een iwwerhaupt e potenzielle Propriétaire ka ginn, well een dat ebe muss gemellt kréien iwwer den Notaire an dat hu mir hei spille gelooss.

Dat heescht, mir sinn hei an enger ganz anerer Logik wéi par rapport zu deene anere Strëppen, déi mir mol kaf hunn, wou mir gesot hunn, dat doten ass fir eis aktiv an do gi mir an eng Richtung wou mir och de Präis négociéieren, respektiv an eng Richtung ginn, well et ass eis awer net onwichtig, fir hei aktiv ze ginn an dat Virkafsrecht spillen ze loossen, quitte, dass mir an enger anerer Präiskategorie sinn.

Dat awer als Erklärung, datt hei zwou verschidden Approchë sinn. Et hätt och kënnen de Choix sinn, et net ze kafen, da wier et un en anere gaangen, dee villäicht aner Intentione gehat hätt.

Sinn nach weider Remarques? Här Martini.

Claude Martini (CSV): Wann ech richteg informéiert sinn, ass dat deen Terrain fir d'Schoulen. Ass dat dee Gaart vun deem mir eng Kéier geschwat hatten, fir, dass d'Schoulen do e Projet maache kënnen? Wou se e Gaart himaachen?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dat kann eng Méiglechkeet sinn, de Moment ass et eng Acquisitioun am Kader vum Pacte Logement, herno kann ee kucke wat een doraus mécht, mä dat heiten ass elo mol eng Utilité publique an d'Denominatioun ass elo mol eng Réserve foncière. Wat mir duerno do maachen, do sinn eng Rei Iddien, déi um Dësch leien, dat muss ee mat aneren Acteure kucken.



Jean-Paul Gangler (CSV): Kéint een an esou enger Réserve herno och Kompensatiounsmoosname maachen?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dat ass eng Méiglechkeet. Dat kënne mer awer net esou ausleeën. Weider Froen? Ass de Gemengerot mat där Acquisitioun averstanen? **Dat ass unanime.** Merci.

3.3. Approbatioun vum notariellen Akt fir d'Cession gratuite mat der Koppel Gérard Tagliaferri a Mariette Pauly an der Madame Eliane Tagliaferri

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mir weider, dat ass eng Cession gratuite, déi mir mam Här a mat der Madame Tagliaferri maachen, déi eis an der Gaffelter Strooss, 73 Zentiar cedéieren an et ass eng Strépp Trëttoire, déi do erop geet an d'Atelieren, eng klassesch Situatioun wou ee private Propriétaire ass vun engem Trëttoire a wou mir Propriétaire ginn an och Gardien. Voilà, dat zu dëser Cessioun. Sinn nach Remarquen oder Froen dozou? Ass de Gemengerot domadder averstanen? Datt ass **unanime.** Merci.

3.4. Approbatioun vum Devis fir d'Mise en conformité vun der Schoul Butschebuerg par rapport zu an hirer Mobilitéit ageschränkte Persounen

3.5. Approbatioun vum Spezialkredit fir d'Mise en conformité vun der Schoul Butschebuerg par rapport zu an hirer Mobilitéit ageschränkte Persounen

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géife mir weidergoen op d'Approbatioun, respektiv den Devis an e Crédit spécial fir an der Butschebuenger Schoul déi néideg Amenagementen ze maachen, well e Kand do opgeholl gëtt, wat eng Behënnerung huet, wat verschidde Besoin-spécifiquë sinn, an et ass esou, dass mir och déi néideg effektiv Amenagementen an der Butschebuenger Schoul musse maachen, fir Personnes à mobilité réduite.

Et ass also hei en Devis, respektiv e Crédit spécial vu 60.000 Euro, dee mir virleien hunn, et ass sou, dass mir hei zu Butschebuerg e Bestandsgebaai hunn, wou net ëmmer alles méiglech ass, wou mir och norüsten, respektiv hu mir dat och mat der Adapt zesumme gekuckt, dat Kand wat ab der Rentrée 2019 do ass, ass am Rollstull esou, dass mir déi néideg Aménagementen musse maache fir, dass dat Kand an där

Schoul selwer den Accès an d'Schoul awer och den Accès am Gymnase ouni Problem bewältege kann. Dat heescht, dat bréngt mat sech - fir an dësen Devis anzegoen -, dass d'Säitendiren duerch beréierfräi Türschliesser, also motoriséiert Dieren ersat musse ginn, d'Säitendiren fir an de Gymnase oder an d'Paus muss mat engem Lift équipéiert ginn, Rampe gi fir an d'Gebai gemaach vu 6% an do gëtt och nach en Handlaf installéiert.

Et ass och neie Mobilier virgesinn an där Schouklass wou d'Kand hi kënnt, et muss och eng vun den Toiletten amenagéiert ginn, ganz spezifesch, a wat mir och hei maachen, dat kann een esou soen, ass norüste wat souwisou iergend wann eng nach méi staark Obligatioun gëtt, wat Gebaier ugeet, well de Moment och nach um nationale Plang eng Diskussioun ass, dass effektiv eng ganz Rei ëffentlech Gebaier sech musse konforméieren, esou, dass am Fong hei d'Butschebuenger Schoul souwuel wat den Accès un de Gymnase ugeet wéi och den Accès vun de Säitendiere wéi awer och d'Circulatioun am Schoulgebaai selwer an och d'Connexioun vun der Schoul mam Gymnase ugeet, déi néideg Amenagementen ebe musse gemaach ginn.

Mir hunn dat haut op den Ordre du jour gesat well dat heite muss esou schnell wéi méiglech gemaach gi well ab der Rentrée 2019 dat Kand do scalariséiert gëtt, fir, dass mir och an deenen nächste Wochen déi néideg Amenagementen do maache kënnen.

Dat zu den Erklärungen zu dësem Devis an dësem Crédit spécial, deen Dir hei virleien hutt. Voilà, d'Diskussioun ass op. Här Martini.

Claude Martini (CSV): Merci, et ass ganz ze begräissen dat doten et ass och flott, dass mir e Kand an d'Schoul huele wat handicapéiert ass, et ass och flott, dass mir déi Adaptatiounen maachen déi ze maachen sinn.

Am Rehazenter hu mir regelméisseg Kanner, déi Accidenter haten, déi kënnen an d'Schoul goen am Fong, mä awer oft net kënnen eragoe well d'Adaptatiounen net esou si wéi se sollen sinn. Dat heescht do ass d'Hospitalisatioun vun deene Kanner méi laang wéi se misst sinn, well se da kënnen d'Schoul am Spidol dann ebe weidermaachen. Et ass just d'Fro, wéi wäit si mir an deenen anere Schoule mat deenen Adaptatiounen, kommen do nach Saachen no, mussen aner Schoulen adaptéiert ginn, wéi wäit si mir do?



Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi dote Stellungnahm, ginn et nach weider Remarquen? Also en gros si mir an eise Schoulen, zemools an deene méi rezent gebaute Schoulen, do si mir konform, wann ee kuckt eng Ribeschponter Schoul eng Gaffelter Schoul dat si Schoulen, déi méi e rezente Charakter hunn.

Natierlech hu mir aner Schoule wou och schonn nogerüst gouf, respektiv och Schoule wou een norüste muss, dat sinn déi méi historesch Schoule wéi zum Beispill de Brill, et hänkt ëmmer e bësse vun der Komplexitéit of a vun de Verbindungen, déi ee muss maachen, respektiv de Gegebenheeten.

En gros si mir an dat ass jo och eng Responsabilitéit als ëffentlechen Acteur mat ëffentlechen Institutiounen, dass mir do déi Accessibilitéit kënnen garantéieren, dat ass och de Fall, mä hei kënnt e Schwierigkeetsgrad méi dobäi wéi einfach nëmmen en Accès garantéieren an e Schoulgebai.

Här Zuang, Dir wëllt eppes soen, da streckt och aus, fir, dass ech lech kann d'Wuert ginn.

Romain Zuang (LSAP): Merci, ech wollt just e Wuert dozou soe well ech mech fréier ëm d'Sécherheet an de Schoule gekëmmert hunn an et ass wéi gesot ginn ass, dass et an eelere Gebaier méi schwierig ass fir déi Mesuren op all Stack ze realiséieren.

Mir sinn da fréier op dee Wee gaangen, dass mir jee no Grad wou d'Kand dra war, also no Cycle haut-desdaags, hu mir en Transfert gemaach an e Gebai, wou eng Méiglechkeet war a wou mer ouni gréisser Moosnamen auskomm sinn.

Ech huelen e Beispill, ech hat eng Kéier viru Joren an d'Gaffelt e Schüler an d'6. Schouljoer kritt, do hu mir en Transfert gemaach vun der Klass erof op den 1. Stack, wéi dunn de Ribeschpont bäikomm ass, dunn hu mir déi Méiglechkeet besser gehat well de Ribeschpont vun zwou Säiten accessibel ass, de plain pied, eng Kéier vun uewen aus, wou een uewen erakënnt beim Schoulhaff, dat heescht do has de déi Méiglechkeet an do hat een all Cycle ofgedeckt an dat war am Fong déi Mesure, déi mir de Leit dann ëmmer proposéiert hunn.

Vu, dass déi Leit awer ëmmer alleguerten en Auto mussen hu fir d'Kand ze transportéieren, an si jo och

vill vum Ministère matfinanzéiert kréien, war dat am Fong geholl egal a wéi eng Schoul se gefuer sinn. esou hu mer dat fréier gemaach.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi Präzisiounen. Madame Josiane Ries Di Bartolomeo.

Josiane Di Bartolomeo-Ries (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, ech wëll kuerz e Wuert dozou soen, Butschebuerg ass de Moment schonn esou, dass de mat engem Rollstull erakënns. Dat wat hei ass dat sinn richteg Verbesserungen. Dat Kand wat elo de Moment dohinner kënnt, dat gëtt am Fong an d'Schoul erabruecht vun der Mamm.

Dat heescht, dat kann hannen iwwer déi Ramp déi mir elo schonn hunn, dat kënnt do eran. Do wou d'Kand an d'Klass erakënnt, do war bis elo e 6. Schouljoer, dat geet elo erop, mir maachen do e Switch an da gëtt déi Klass amenagéiert.

Dat eenzegt wat mir net direkt kennen ass vum Gebai direkt an den Turnsall well jo do e Lift iwwer d'Trap soll kommen. Wa mir awer hannen iwwer déi Ramp erausginn, hannert dem Gebai, da kënnt d'Kand och elo schonn eran.

Dat heiten ass awer eng Verbesserung a gëtt méi Deier well mir dofir gesuergt hunn, dass herno net all Kand muss vun der Mamm an d'Schoul bruecht ginn. Wann een am Rollstull kënnt an alleng muss erakommen, da sinn esou elektresch Dieren awer wierklech ganz wäertvoll, dofir gëtt dat zwar méi deier mä et ass eng Verbesserung fir d'Schoul, mä och den Accès wier am Prinzip de Moment scho garantéiert.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dofir, da komme mir zum Vote, mir huelen souwuel den Devis wéi och de Crédit spécial zesumme well déi jo och zesummenhängen. Ass de Gemengerot mat deem Devis a mat deem Crédit averstanen? Dat ass **unanime**. Merci. D'Famill vum Kand seet lech och Merci dofir, datt mir déi néideg Moosnamen ergräife fir dat Kand an dee reguläre Schoulbetrib mat ze integréieren

3.6. Approbatioun vum Contrat de bail mat dem Staat fir d'Locatioun vu Raimlechkeeten am fréiere Presbytère

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mir op deen nächste Punkt, do geet et ëm eise fréiere



Presbytère, also eist fréiert Paschtoueschhaus, eng Wunneng wou d'Gemeng jo Propriétaire ass, an der Rue des Ecoles, wou mir hei e Contrat de bail virleien hu mam Office de l'enfance, mam ONE, also mam Jugendamt.

2017 hate mir jo schonn e Contrat de bail hei guttgeheescht, wou mir en Deel vum Gebai der lokaler Kierchefabrik zur Verfügung stellen an hei ass en aneren Deel vum selwechte Gebai, dee mir dem ONE, dem Office national de l'Enfance, zur Verfügung stellen.

Et ass e Büro vun 22,44 Metercarréen, dat ass e Contrat de bail, deen ab dem 1. Mee 2019 soll ulafe bis den 30. Abrëll 2020 an da soll kënne weiderlafe vu Joer zu Joer, also eng Reconduction tacite, a mir stellen hinnen dat zur Verfügung awer och scho mat der Vue - déi selwecht Diskussioun, wéi mir se och mat aneren Acteurs féieren -, dass se herno am Fong an der Planung vun neie Projeten an notament och am Kader vum Plan directeur Strutzbiérg, dass do déi staatlech Services, déi mam Enseignement fondamental also mat de Kanner ze dinn hunn, dass si sech kënne fest etabléieren.

Et ass esou, dass mir bei dësem Contrat de bail alles wat Elektresch, Waasser, Kanal a Gas ugeet, effektiv droen an dann, dass den ONE selwer fir seng Aarbecht den informatésche Réseau muss installéieren an si mussen als Preneur de risques locatifs, respektiv all déi néideg Moossnamen huelen, déi e Locataire och muss a Consideratioun zéien an hei gëtt e Loyer vun 4.200 Euro gefrot pro Joer, dat heescht 350 Euro de Mount, dee mir hei mam Staat och maachen.

Dat ass wat de Contrat de bail ugeet. Ech mengen, dass dat net onwichtig ass, dass mir hei zu Diddeleng eng Antenn kréie vum Jugendamt, vum ONE, deen et säit 2008 gëtt.

De Moment ginn et Antennen zu Esch an zu Déifferdeng hei am Süden, elo kréie mir also eng 3. op Diddeleng, dat ass virun allem gutt fir déi Kanner a Jugendlech oder jonk Erwuessener - well den Ermiessungsraum jo deen ass vun 0-27 Joer ass, dass déi Concernéiert net méi brauchen op Esch ze goe mä, dass se direkt an déi dote Büroer kënne mat de Coordinateurs vun de projets d'intervention, déi CPLen, et ass geplangt, dass der 2 bis 2,5 hei op Diddeleng kommen, dass do déi néideg effektiv Hëllef ka gi ginn, respektiv och déi néideg Consultatioun, deen néidege Suivi an och

niewent de Bürosstonnen, och den ONE hei wäert eng Permanence maachen, ech mengen, wat hei och Missioun vum ONE wäert sinn, mir si jo de Moment zu Diddeleng aktiv, quitte, dass se keng Büroen hu well se och mat der Regionaldirektioun zesummeschaffen, mä net nëmmen, hei zu Diddeleng goufen am Joer 2018 ronn 40 Famillje vum ONE suivéiert.

Et kënnt awer och wann ee kuckt, de Raum Kayl oder Rémeleng dobäi, dat heescht och bëssen ugelehnt un d'Regionaldirektioun am Enseignement fondamental mengen ech, dass d'Unzuel och méi grouss ass, an ech mengen, dass hei d'Aarbecht sécherlech déi ass, dass all Jugendlechen, all Jonken, deen an enger bësse méi schwieriger Situatioun ass oder enger Gefor ausgesat ass, hei d'Jugendamt ka kontaktéieren an dann a senger schwieriger Lag ka gehollef kréien, fräiwëlleg, souwuel dee Jonke wéi och d'Famill an deementspreechend kann ënnert d'Äerm gegräff kréien.

Wat dann och de Virdeel ass, dass mir duerch déi Antenn d'Proximitéit spille loossen, dass dann och déi Diddelenger Familljen an och déi Diddelenger Jonk, deementspreechend hei zu Diddeleng direkt kënne den ONE sollicitéieren esou wéi och den ONE an, dass de Moment schonn de Fall an dat gëtt de Moment och nach ausgebaut, och mat den anere sozialen Acteurs, déi hei zu Diddeleng aktiv sinn, nach seng Zesummenaarbecht wäert verstärken, well en dann och deementspreechend sur place intervenéiere kann.

Also wéi gesot, hei déi Ausféierung fir e bëssen e Kader ze setzen, dass dëse Contrat de bail net onwichtig ass am Kader vun der sozialer Zesummenaarbecht um Territoire vun der Stad Diddeleng, dass d'Jugendamt sech hei kann etabléieren, respektiv awer och, dass déi Jugendlech an déi Jonk, respektiv awer och déi concernéiert Familljen hei sur place direkt en Uspriechpartner hunn an hirer Situatioun.

Voilà, dat zu den Erklärungen wat dëse Contrat de bail ugeet an d'Diskussioun ass op. Madame Kayser.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Merci och fir äre Ausféierung, meng Fro war nämlech och: Wéi eng Aufgaben iwwerhëlt déi Cellule vum ONE? An ech mengen Dir hutt dat gutt ausgefouert, dass effektiv scho 40 Familljen en CPI, also e Begleeder hunn, deen si an hiren aldeeglechen Demarché begleet an, et ass dann och, do muss ee jo soen dat ass och eng Transportfro, a wann een elo e



Büro hei regional huet, da brauchen d'Leit net ëmmer an d'Stad oder op Esch bis op Diddeleng, Käl, Rëmeleng ze fuere fir hir Leit ze betreien, dat ass sécher ganz sënnvoll.

Dir hat och erwänt, dass d'Kierchefabrik och en Deel vum Paschtoueschhaus gelount huet, do sinn d'Büroen dra vun der Par, déi si just zäitweis dran, well soubal dat Veräinshaus op ass, ass jo och geplangt, dass d'Kierchefabrik hir Parbüroen an dat ëmgebaute Veräinshaus zeréckgliddert.

Et ass jo och sou, dass um éischte Stack Wunnengen zur Verfügung sti fir ze lounen u Personnes nécessitueuses, souwäit ech weess, sinn nach ëmmer Flüchtlingsfamilljen dran oder sollte mol drakommen, dat ass eng Fro déi ech stellen.

Ech huelen e bëssen aus, well wéi mir den 13. Juli d'lescht Joer den Émbauprojet vum Caramutas-Haus hei diskutéiert haten, do hat CSV jo gemengt, dass am plaz fir 1,6 Milliounen Euro déi virgesi sinn, 2 Wunnengen an 2 Chambre-meubléeë geschaf solle ginn, dass een do dat Gebai hätt kennen anescht affektéieren an zum Beispill an de Schoulsite Strutzbiérg hätt kënne mat integréieren, wéi zum Beispill fir Büroen, et war jo ugeduecht fir d'Logopädie ze kreéieren, a fir déi dann do ënnerzebréngen, da wieren se do um Strutzbiérg no bei der Direktioun vun eise Schoulen, an do huet et awer geheescht, vum Här Buergermeeschter senger Säit aus, d'Carlmugasgebai géif der Gemeng gehéieren an et wier net de Wëllen, aus enger Wunneng Büroflächen ze maachen an de Schoulcampus, iwwer dat Thema ass weider net geschwat ginn an elo stelle mir mat Erstaune fest, am Artikel 2 vun deem „banalen“ Contrat de bail, do steet dann awer e ganz wichteg Saz, den Här Buergermeeschter as guer net dropagaangen: “sachant que l'immeuble est destiné à être démolé dans le cadre de la mise en oeuvre du plan directeur du Strutzbiérg, plus spécialement en ce qui concerne l'aménagement d'un bâtiment de sports avec piscine et hall sportif, le bail pourra être dénoncé.”

Bon, dat ass awer eng wichteg Informatioun, dass awer scho geplangt ginn ass, dass dat Haus an absehbarer Zäit sollt ofgerappt ginn.

Elo musst Dir mir dann awer erklären, éischstens firwat en Haus wou awer och gutt genotzt gëtt, elo ofgerappt gëtt, an dat widdersprécht jo awer e bësselchen och deem wat Dir gesot hutt vum Caramutas-Haus,

dass Dir gesot hutt, Wunnungsfläche solle Wunnungsfläche bleiwen an hei gëtt awer en Haus, wat e respektabelen Zoustand huet an eng gutt Affektatioun huet, dat gëtt dann awer einfach ofgerappt.

En plus wier et ubruecht gewiescht, och dem Gemengerot villäicht de Plan directeur Strutzbiérg virzestellen, fir, dass mir en toute connaissance de cause och do hätte kënne driwwer diskutéieren, mä et ass alt erëm esou wéi mir ëmmer soen, Transparenz, Dialog mam Gemengerot, dat ass e Wuert wat de Schäfferot leider net kennt a mir sinn ëmmer där Naiver a mir denken, dass esou wichteg Projeten awer nach ëmmer eemol an enger Gemengerotssitzung hätte kënne virgestallt ginn.

Mä dat ass jo awer net de Fall an ech fannen och zum Beispill d'Paschtoueschhaus hätt ee och kënne aglidderen an de Strutzbiérg Campus, wéi mir et deemools scho genannt haten, fir do zum Beispill de Siège vun der Logopädie anzebréngen, fir zum Beispill dann och den ONE do ze beloossen, wat jo sécher och eng ganz interessant Saach war.

Elo kréie mir sécher erëm virgehäit, mir wiere géint Sportsinfrastrukturen um Strutzbiérg, sécher net, mä et wier awer interessant ze wësse wéi eng Envergure déi Sportsinfrastrukturen sollen hunn, fir, dass et néideg ass, dass esou en schéint an och gutt genotzt Wunnhaus ofgerappt gëtt.

Dofir si mir mat dem Contrat de bail hei d'accord mä mir sinn net averstane mat wéi enger Intransparenz dat heiten erëm vum Schäfferot gehandhaabt gëtt an esou Infos einfach esou zwëschen e Contrat de Bail druddelt, wou mir eis da kënne aus de Fangere suckelen, wat dann domadder gemengt ass. Dofir si mer net ganz zefridde mat der Aart a Weis, wéi do virgaange ginn ass. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, sinn nach weider Remarquen? Dat schéngt net de Fall ze sinn, ech wëll da villäicht op e puer Punkten agoen.

D'CSV schwätzt erëm vun Intransparenz, wann Dir Äre Budget kuckt vum Joer 2019, deen Dir jo net matgestëmmt hutt, do hu mir e Crédit dra gesat, Dir hutt deen och net matgedroen, dass mir eng Etüd dëst Joer maache fir de Plan directeur Strutzbiérg.



Wann déi Etüd ofgeschloss ass a mir natierlech och de Projet an Ugrëff huelen, ass et wéi bei all Projet, do komme mir an de Gemengerot a stellen déi Etüd vum Masterplang Strutzbierg vir an déi Diskussioun hate mir och am Kader vum Plan pluriannuel de financement.

Dir schwätzt mir hei vun Intransparenz, mä iwwer Ären Discours fannt Dir och selwer Intransparenz an Äre Proposen.

Déi selwecht Argumenter, déi Dir hei uféiert par rapport zu de Büroen, zum Caramuta-Haus, par rapport zu de Büroen vum ONE, komescherweis hunn déi net gegëllt wéi d'Kierchefabrik sech am Paschtoueschhaus etabléiert huet, do hutt Dir déi doten Argumenter net genotzt, wat zimlech kokass ass.

Ech sinn nach ëmmer der Meenung, dass eng Wunneng wéi déi dote fir sozialen a subventionéierte Wunnengsbau soll gëllen, mir hunn an deem Gebai hei, et ass effektiv eng Optioun, dass duerch de Plan directeur Strutzbierg, dee mir hei wäerte presentéieren, ass eng Optioun, dass dat dote Gebai verschwënnt, dass awer natierlech de Moment d'Kierchefabrik et kann notzen, dass de Moment deen aneren Deel wou mir dem ONE ginn, dass dat och en Deel ass wou d'Kierchefabrik genotzt huet, den se awer elo net méi brauch. Also ass et an dem Sënn keen neie Moment.

An effektiv, wou uewen driwwer Wunneng en sinn, déi fräi sinn an déi kënne genotzt gi wa méi eng urgent Situatioun ass, et muss ee soen, dass de Moment deen doten Deel eidel ass, dass dat awer einfach als Logement d'urgence ka genotzt ginn, dofir hu mir et de Moment fräigelooss, respektiv ass jo och ze kucken an der aktueller Situatioun, wéi eng Kohabitatioun kéint stattfannen, wann uewe Leit sinn an ënne Services.

Also mengen ech, dass mir hei eng ganz propper Situatioun hunn, déi mir presentéieren, engersäits vireg Büroen, déi d'Kierchefabrik genotzt huet, déi se net méi brauch, a mir deementspreechend och e staatlechen Service notzen, also keen Novum wat d'Affektatioun ugeet.

An effektiv, iwwer deen dote Wee also hei d'Paschtoueschhaus weider notzen an natierlech muss ee wëssen, dass wann een déi lwwerleeung weiderdreift par rapport zum Wunnen, dass dat eng eenzel Wunneng ass an, dass natierlech och do eng Affektatioun net evident ass, well och wann een dat géif halen a

weider Wunnengen dra stoe loossen, müssen eng Rei Modernisatiounsarbechten och gemaach ginn, respektiv Andeelungen, well et jo e Paschtoueschhaus war a vun enger Persoun genotzt gouf an net dee Moment d'Ausrichtung huet fir do kënne Chambre-meublée ze maachen.

Dat zu den Ausféierunge wat dat Haus ugeet a wéi gesot, gegebenefalls, wann déi Etüd fäerdeg ass, komme mir an de Gemengerot a stellen do de Plan directeur Strutzbierg fir, well mir och esouwuel deen neie Gymnase wéi och déi nei Schwämm müssen an Ugrëff huelen, an och déi néideg Kreditter brauchen an dofir läit et jo och op der Hand, dass mir dofir hei an de Gemengerot kommen.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci Här Buergermeeschter, natierlech wësse mir, dass um Strutzbierg eppes geplangt ass, wat elo déi Sportsinfrastrukturen ubelaangt, mir sëtze jo och hei wa mir de Plan pluriannuel diskutéieren a mir wëssen dat och, mä ech fannen et just kokass a mir fannen et net zefriddestellend, dass mir hei déi éischte Kéier gewuer ginn, dass awer bei där Etüd eraus komm ass, dass d'Paschtoueschhaus muss ofgerappt ginn.

An Dir hutt et an Ärer preliminärer Diskussioun zum Contrat de bail mat kengem Wuert erwänt, dat wollt ech nach soen an dowéinst ware mir net ganz zefridden, dass Dir dat net erwänt hutt, an en plus, well mir net wëssen, ganz genau, wéi et soll ginn.

Selbstverständlech wësse mir, dass eng Etüd soll gemaach ginn, well mir liesen och de Budget, och wa mir en net matstëmmen, wësse mir awer wat dra steet.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dir hutt eis hei Intransparenz virgeheit, dass mer en net géinge virstellen hei, dat ass, mengen ech, den Ënnerscheed!

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Dofir soen ech, Dir wësst wann hei Detailler vum Budget op d'Tapéit kommen, da stëmme mir ganz vill Saache mat, souguer déi Devis-extraordinären, et ass ni eng Questioun wann et ëm d'Schoule geet, dat wësst Dir ganz genau, verdréint eis elo net d'Wierder am Mond an ech wëll och just soen, Dir sot, dat Haus hei misst ëmgebaut gi wann et soll reaffectéiert gi fir Wunnraum, mä d'Caramutas-Haus gëtt och ëmgebaut fir Wunnraum, dat ass elo e schlecht Argument.



Bon, wéi gesot, dont acte a mir stëmmen de Kontrakt awer selbstverständlech mat.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, ech wëll just soe mat Ärer Argumentatioun, do sinn ech net drop agaangen, an d'Caramutas-Haus hätt een net kënnen, wéi all Mënsch dat och weess, Büro maachen, aus Sécherheetsgrënn well sech dat Haus net appropriéiert.

Dat hutt Dir an Ären Ausféierungen net gesot, dat wëll ech awer ganz kloer präziséieren, wat awer beim Paschtoueschhaus de Fall ass, well do ass d'Sécurité dans la fonction publique garantéiert, wat awer bei Ären Ausféierungen, dass dat Haus soll genotzt ginn als Büroen, net de Fall ass well d'Caramutas-Haus, wann Dir laanscht gitt, oder och vu bannen, weder konform fir Wunnengen, nach fir Büroen ass. Hei schafe mir ganz kloer eng Tëschephas.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ech wollt just soen, mir hate beim Caramutas-Haus gesot, dass mir wëssen, dass en Invest muss kommen, mä mir hatten e bëssen Zweifel, dass mir mat deem proposéierten Invest vun 1,6 Milliounen Euro fir déi Wunnengen ze schafen, well jo awer da mussen aner Sanitaire kommen a Kichen asw., dass dat eis eng deier Saach gëtt, an dat war eist Argument jo och firwat mir eis do enthalen hunn, well mir fonnt hunn, dass dat en immensen Invest wier fir déi puer Wunnengen an, dass mir et besser fonnt hätte fir Wunnraum op enger anerer Plaz ze schafen. Voilà.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir den Austausch. Da komme mir bei de Vote: Wien ass mat dem Contrat de bail averstane fir, dass d'Jugendamt do kann anzéien? Dat ass **unanime**.

Merci an da géife mir weiderfuere mat den Dekonten, dat sinn 11 Stéck, déi Dir hei virleien hutt. Ech géif se dann eenzel duerchhuelen.

3.7. Approbatioun vun den Dekonten

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Den éischten Dekont ass dee vum Centre sportif René Hartmann, Demolitioun an déi nei Konstruktioun vun enger neier Sportshal, dat war eng Dépense effective 27.345.034,27 EUR bei engem Devis vu 24.350.000 Euro. Do hu mir och 19,3 Milliounen Euro Subside kritt, respektiv och Remboursement vun der TVA an

och iwwer de Pacte logement. Ech erspueren lech den Detail vun allegueren de Corps-de-metieren, déi hei opgeléicht sinn. Dat huet sech iwwer eng ganz Rei Jore gezunn.

Dann hu mir 2 Projeten, wou mer zwee verschidden Dekonten hunn, mä déi zesumme sinn, dat ass an der rue du Commerce Nr. 25 an Nr. 27. Op Nr. 25 ass d'Renovatioun vum Haus, respektiv Création de logements sociaux et de chambres meublées, dat war en Devis vun 752.000 Euro, d'Dépense war 730.607,45 Euro an do krute mir och e Subsid vum Logementsministère vu 546.000 Euro.

An dann dee Projet direkt niewendrun ob Nr. 27, dat war fir d'Maison sociale, do hu mir selwer keen Subsid kritt mä dofir awer fir Logement et chambres meublées, dat waren 2.453.000 Euro an d'Dépense effective war 2.277.050,89 Euro, do krute mir e Subsid vum Logementsministère vun 957.511 Euro.

Da war d'Schoul Gaffelt, do hu mir 4 nei Kllassesäll amenagéiert, dat war en Devis vun 2.270.000 Euro an d'Dépense effective 2.263.601,93 Euro an do ass och e Subsid vum Ministère de l'Intérieur, dee subventionéiert jo Schoukllassen, dat ware 517.400 Euro.

Da war de Centre sportif René Hartmann, de Cryo-Spa, dat war en Devis vun 46.000 Euro an d'Dépense effective war 27.423,68 Euro. Do ass et méi bëlleeg ausgefall well mir e Fournisseur fonnt hu mat enger Léisung fir dee selwechten Effet, deen de Cryo-Spa soll hunn, dat war 2016/17.

Dann hate mir am Casinospark eng Spillplaz amenagéiert, do war den Devis 75.000 Euro an d'Dépense effective war 65.420 Euro an dat war 2017.

Dann hate mir am Centre sportif René Hartmann en Déplacement vun der Gasstatioun, do hate mir en Devis vun 150.000 Euro, an d'Dépense war 149.989,86 Euro. Dat war 2017.

Dann ass de Projet vun de Skulpture vun de Passage-à-pietonen am Quartier résidentiel an der Libératiounsstrooss, do hate mir en Devis vu 15.000 Euro an d'Dépense effective war 14.651,24 Euro. Dat war och 2017.

Dann, eis Pecherten, d'Agent-municipaux kruten hir Apparaten ersat, do hate mir en Devis vun 10.000



Euro an d'Dépense effective war 9.364,00 Euro. Dat war och 2017.

Dann an der Schoul Lenkeschleé, an der Maison Relais Precoce, do hu misse Storen installéiert ginn, dat war en Devis vun 6.500 Euro an d'Dépense effective war 5.322,08 Euro.

Dann de Camion pompiers à grande échelle vum CID, dat ware 670.000 Euro an d'Dépense effective war 665.179,34 Euro. Do hu mir e Subsid kritt vu 75%, also ass dat e Subsid vu 583.694,87 Euro.

Dat waren déi 11 Dekonte wéi Dir se hei virleien hutt. D'Diskussioun ass op.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci Här Bueregermeeschter. Wann et méiglech ass, kann ee verschidden Dekonte villäicht separat votéieren, ech denken dat ass och ëmmer Usus och hei.

Erlaabt mir just och e puer Remarques ze maachen.

De Centre sportif René Hartmann, Démolition et reconstruction d'un nouveau complexe sportif Article esou an sou, 27.000.000 Euro.

D'CSV widderhëlt hei d'Haltung aus der Sëtzung vum 8. Mee 2015 an an där Sëtzung hate mir missen en Zousazkredit stëmmen, wou mir net averstane ware well mir jo d'Prozedure vum Dialogue compétitif hate mat festgeluechte Präisser vun 21,7 Milliounen Euro an herno huet et geheescht, d'Demolitioun wier an deem Devis net mat dra gewiescht, mä awer am Bordereau stoung se dran an dofir hu mir fonnt, dass dat net ganz transparent war a virun allem hu mir eis echaufféiert well d'Frais-d'études an d'Begleethonore vum de Firmaen extrem héich waren.

Ech hunn elo mir d'Méi gemaach, well och wa mir de Budget net matstëmmen, mir kucken déi Konten och, dat soll jo esou sinn, dat ass eis Aufgab, dofir si mir jo och hei.

Do steet och dran, dass d'Firma Carnewicher, déi krute laut Kontrakt 19.310 Euro Begleethonorar bezuelt an d'Firma Atos, laut Kontrakt stoung dran 129.000 Euro, da steet awer Säit 9 a Säit 10 Hors corps de métier nach en zousätzlecht Honorar fir Carnewicher vun 266.000 Euro, dat heescht, déi kréien am Ganzen dann 350.000 Euro an net wéi am

Bordereau ugekënnegt war, nëmmen 90.000 Euro.


Dann d'Firma Atos, déi sech herno jo ëmgewandelt huet an eng Firma AMC, dat ass jo och bekannt, déi kréien dann e Begleethonorar, nodeems se schonns laut Bordereau 129.000 Euro kréien, kréien se eng Tranche vun 216.000 Euro, eng Tranche vun 183.000 Euro an eng Tranche vun 300.000 Euro, dat heescht, déi Firma kritt 700.000 Euro hors corps de Métier, plus nach déi 129.000 Euro, déi am éischten Devis dra waren.

Mir hu fonnt, dass dat ze héich war, mir hunn dat deemools scho gesot an hei ass och schwaarz op wäiss, dass et am Fong net esou war wéi ufanks am festgeluechten Dialogue compétitif Bordereau, dass déi Frais-d'études an de Fraise mat dra waren a vum globale Konzept vun 21,7 Milliounen Euro dat erkläert och deelweis, natierlech net ganz, et sinn och aner Dépense wéi Kloterwand an nach aner Saachen, déi natierlech derbäikomm sinn, dat ass eng aner Saach, mä grad déi zwee Punkten, wéi gesot d'Ofrappaarbechte waren eiser Meenung no schonn am éischte Bordereau vum Dialogue compétitif mat dran an zweetens, déi Frais-d'études a Begleethonore waren eis ze héich an do hu mir dat jo schwaarz op wäiss, wéivill déi genau kaschten.

Dann zu der Maison sociale, do hu mir dat matgestëmmt, do waren och zweemol zolitt Depassementer, déi mir hu misse votéieren, well Imprévuë während der Konstruktioun waren, dat hu mir dunn "zähneknirschend" matgestëmmt well d'Utilitéit vun deem Gebai hu mir ni a Fro gestallt, an dat war eben och déi Parenthèse, déi ech deemools gemaach hunn, wéi mir iwwer d'Caramutas-Haus rieds hunn, wa mir esou en aalt Gebai renovéieren, do kommen Imprévuen.

Ech erënnere just drun, dass mir fir d'Maison sociale fir d'éischt en optimisteschen Devis vun 1,2 Milliounen Euro votéiert hunn, duerno fir d'éischt en zweeten Devis supplémentaire den 13. Mee 2015 vu 555.000 Euro an duerno nach eemol nogestëmmt hunn.

Idem an der Schoul Gaffelt, do war et och esou, do hate mir och fir d'éischt en Devis initial an duerno hu mir missen zweemol nostëmmen, well bei den Embaumarbechten als Imprévuë derbäikomm sinn, dat hate mir awer matgestëmmt, dat wäerte mir och des Kéier droen.



Zum Cryo-Spa, dat hate mir ze deier fonnt, do huet all Mënsch gesot, 46.000 Euro sinn e gudden Invest, hei kuck mol do, elo hu mir awer eng Firma fonnt, déi dat fir 27.000 Euro gemaach huet, villäicht hätt een dat och schonn am Virfeld kënne maachen.

Dat, denken ech, ass e kleng Message, deen ee ka mat op de Wee ginn, fir, dass een do méi genau kuckt fir awer villäicht schonn am Virfeld Firmaen ze fannen, déi bësse méi bëlleeg sinn.

An ech hunn dat net richtig verstane beim Pompjees-camion, do steet deen Text an där roud Schrëft, dat musst Dir mir awer erklären: "le montant ci-dessus, 665.000 euros, reprend la dépense extraordinaire sans TVA, achats intracommunautaires". Wat dat genau ass, hunn ech net richtig verstanen.

Do ass awer och nach eng Zousazfro: Dat heiten ass jo och nach e Pompjeescamion, huelen ech un, deen an de CGDIC eriwwe gaangen ass.

Mir bleiwen dann awer op eisem Invest sëtzen, well mir hu jo do awer – quitte datt mer e Subsid kréien – eng gutt Part, déi mir vun der Gemeng bezuelt kréien, do wollt ech dann d'Fro stellen: Wéi gesäit et aus mat de Konventioun mam CGDIS a mat de Gemengen? Just villäicht eng kleng Explikatioun dozou.

Voilà, dat waren déi puer Interpretatiounen, déi mir wollten soen. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, sinn nach weider Stellungnahmen? Dat ass net de Fall. Bon, ech mengen, ech ginn einfach nach eemol op de Centre Hartmann kuerz an, mir maachen dat elo net op, wat mir hei am Fong gemaach hunn am Dekont ass d'Opschlësslung par rapport zum Devis estimatif, dee mir virleien haten am Abrëll 2015 vun deenen 27,3 Milliounen Euro.

Ech sinn deemools drop agaangen, dass eng ganz Rei Optiounen effektiv dobäikomm sinn, déi den Devis dans sa somme globale deementspreechend och ausmaachen. Ech wëll awer hei och bemierken, dass awer am Volet vum Dialogue compétitif, dee mir gaange sinn am Kader vum Centre sportif René Hartmann, generell d'Käschten, wat Etüden an Honorairen ugeet, vill manner héich ausgefall si wéi wa mir dee classesche Wee gaange wieren, a mir hunn déi selwecht Situatioun bei engem Bildungshaus.

Et ass natierlech méi schwier, wat d'Komplexitéit ugeet bei der Ëmsetzung, mä op där anerer Säit spuert een awer par rapport zu enger classescher Prozedur notament un den Honorairen au sense large.

Ech si ganz bei lech, mä dofir deele mir och hei déi Approche wat den Hartmann ugeet net. Wou mir awer ganz bei lech sinn, dat ass effektiv bei der Maison sociale a bei der Gaffelter Schoul, wou mir wëssen, dat hu mir och gesinn zu Butschebuerg, wann een a Bëstangsgebaier effektiv Modifikatiounen mécht, da kascht dat natierlech ëmmer méi.

Dat ass och hei zu Diddeleng wéi op anere Plaze keen Novum, do kascht dat ëmmer méi deier wann een e kompletten Neibau mécht.

Nach, mengen ech, ass et net onwichtig, wann ee Propriétaire ass vu Gebailechkeeten, wou et e Bëstand ass, dass een do awer déi néideg Investor mécht, mä et ass natierlech schwier, wann lwwerraschungen déi kommen, wéi wann een e kompletten Neibau geet, sief dat um Niveau vun der Architektur, sief dat um Niveau vun der Statik, sief dat um Niveau vum Ofbau, deen ee muss maache vu verschidden Elementer, ech denken dat ass eben esou mat Bëstangsgebaier oder mat Gebaier, déi an den 50^{er}, 60^{er} oder 70^{er} Joer gebaut goufen.

Ech mengen, beim Cryo-Spa, dat eent ass den Devis am Gemengerot stëmmen an dat anert ass herno sech ronderëm enger Rei Fournisseuren einfach Demandé froen, dat wëll net soen, dass wann den Devis hei gestëmmt geet, dass net déi effektiv Depense gemaach gëtt, et ass ebe just den Engagement, dass mir déi Zomm zur Verfügung hunn a wann sech herno erausstellt bei de Fournisseuren, dass et manner kascht, tant mieux, ech hu léiwer mir ginn deen dote Wee wéi wa mir en Devis hei stëmmen, dee méi niddereg ass an da mussen an de Gemengerot zeréckkomme fir e Crédit supplémentaire ze froen, well da kommen erëm aner Diskussiounen. Also, dréinen oder kéiere wéi een et wëll, Madame Kayser, wéi gesot, hei hu mir méi Sue gefrot fir eng méi kleng Depense ze maachen.

Dir hutt nach gefrot par rapport zum CGDIS, respektiv mat deem Camion, dee mir kaf hunn. Do waren 2 Punkten, deen 1. Punkt ass esou, dat heiten ass jo eng Ausschreiwung, déi gemaach gouf an dee Camion hu mir an Däitschland kaf an do bezuele mir de Präis



natierlech ouni TVA. Herno kënnt d'TVA hei zu Lëtzebuerg zwar erëm dobäi, dat geet dann iwwer den ordinären Deel ofgewéckelt mä dee ganze Subsid geet op dee ganze Montant, dat heescht, déi 778.000 Euro wou effektiv rout do stinn, well jo do dann TVA dobäi kennt déi zu Lëtzebuerg geschloe gëtt, dofir hu mir um gesamte Montant, 75% Subsid kritt vun der Administration des Service de secours.

Dat ass kllassesch wann een eppes am Ausland keeft, wou ee keng TVA bezilt mä se dann hei zu Lëtzebuerg bezuele muss.

Dat ass eng gängeg Praxis an natierlech, vu, dass de Staat hei zu 75% subventionéiert huet, wäert dat heite ganz sécherlech eriwergoen an de CGDIS.

De Moment, ab normalerweis Hierscht, wäert och d'Stad Diddeleng drukommen am Kader vun den Diskussiounen ronderëm engersäits d'Bien-immeublen an och d'Bien-meublen, well de Moment weess ech, dass se mat zwou Gemengen amgaange sinn Diskussiounen ze féieren.

Si sinn natierlech och dorunner gekoppelt, un déi Konventiounen mussen och déi néideg Règlement-grand-ucauxen a Kraaft trieden, am Moment sinn Règlement-granducauxen wou d'Bien-immeublen ugeet a gudden Dicher, elo muss nach dee geholl gi wat d'Bien-immeublen ugeet, also wéi gesot de Corollaire ass ëmmer deen, dass Règlement-granducauxen a Kraaft triede fir, dass een déi Konventiounen ka maachen, mä viraussichtlech wäert ab Hierscht déi Diskussioun mat Diddeleng gefouert ginn an awer waarde mir déi doten Diskussioun net of, et gëtt schonn intern Gedanke sech gemaach wat am Kader vum Transfert a Gemengenhand bleift, respektiv mat eriwergoet a wat hei bleift. Voilà, dat gesot nach dozou.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci fir d'Explikatiounen, ech hat jo och eng kleng Fro gestallt, am Kader vum Gemengerot wéi dat leeft am CGDIS, da sinn ech frou, datt dat am Hierscht soll ulafen.

Ech hunn awer do nach eng Fro, dat hat ech ganz vergiess: Et war eng Nott hei am Dekont par rapport zu enger Faillite vun enger Firma, wou Aarbechten hu missen zweemol gemaach ginn. Déi Firma, déi Faillite gaangen ass, déi huet eng Kéier 67.000 Euro am Haus 2 vun der Maison sociale gemaach an dunn huet missen eng aner Firma 121.000 Euro, also kruten

déi a Rechnung gestallt, do huet et geheescht, déi hätten deelweis Saache missen nei maachen, an eng aner Kéier hat déi Firma, déi Faillite gemaach huet, 60.000 Euro Facture kritt.

Meng Fro ass elo ob mir do mat dra si fir e Remboursement, oder hu mir eng Chance als Créancier well dat sinn awer 127.000 Euro, déi eng faillitös Firma awer vun eis kritt huet, kënne mir déi erëmfroen?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Et ass gutt, dass Dir dat nach eemol frot, wéi esou oft wa Failliten sinn, a mir hunn d'Corps-de-metieren engagéiert, natierlech bleiwe mir do drun, mir hunn dat och ugemellt mä ob d'Chancë grouss si fir dat zeréckzekréien, mir hunn do dat gemaach wat eis zoustee, wa mir dat kréien, soe mir lech Bescheed, mä mir hunn dofir direkt eng Firma geholl, déi dat da fäerdeg mécht, och dat ass eng lwwerraschung en cours de route bei engem Chantier.

Dëst gesot ginn ech dovunner aus, dass de Centre sportif René Hartmann separat ofgestëmmt gëtt. Den éischten Dekont.

Da géif ech d'Dekonten zum Vote stellen, alleguerten ausser deen éischte ronderëm d'Demolitioun an déi nei Konstruktioun vum Centre sportif René Hartmann. Wien ass mat deenen 10 Dekonten averstanen? Dat ass **unanime**, Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dann den Dekont wat de Centre sportif René Hartmann ugeet, wien ass domadder averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun LSAP, Déi Lenk an den onofhängege Member an déi Gréng.

Wien enthält sech? Dat ass d'CSV. Voilà, dann hu mir och do deen Dekont duerch.

3.8. Verdeele vun uerdentlech Subsiden un déi lokal Associatiounen - Geschäftsjoer 2018

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géife mir op deen nächste Punkt iwwergoen, dat si Subside-ordinairë fir den Exercice 2018 an dofir géif ech do dem Loris Spina d'Wuert ginn.

Loris Spina (LSAP - Schäffen): Merci Här Buergermeeschter, léif Frënn aus dem Schäffen- a Gemengerot, wéi mir dat an der Lescht scho kennen, ass et elo



erëm esou wäit, dass mir déi ordinär Subsiden hei verdeele wäerten.

Ech wëll awer och heivunner profitéiere fir dem Marie-France De Marchi, déi den Dossier préparéiert a mat de Veräiner am Kontakt ass, an dem Pascal Poull, déi herno dat ëmsetze wat mir am Fong festgehalten hunn a wat hunn mer festgehalten, dat ass de Subsideschlüssel, dee besteet aus wéivill aktiv Memberen déi verschidden Associatiounen a Veräiner hunn, wéivill Jonker do aktiv sinn, wéi d'Qualifikatioun vun deenen eenzelen Encadranten ass, ob se bei eiser Fête nationale matmaachen an och ob se soss nach Manifestatiounen hunn, déi am Fong geholl ganz Diddeleng betreffen, dat sinn déi Elementer, déi an där Formel erëmkommen.

Dir hutt gesinn, eise Service huet dat propper opgedeelt a Sport, Scoutissem a Soziales, Kultur, Natur an Ëmwelt a Loisirs.

Mir hunn do probéiert eng gewëssen Opdeelung ze maachen, déi dat Ganzt e bësse méi iwwersiichtlech mécht fir dat duerzestellen, an ech mengen, dat ass hinne ganz gutt gelongen.

Ech erënneren lech drun, dass déi Subsiden déi d'Veräiner hei zougesprach kréien, een Deel vun der Ënnerstëtzung ass, dee mir als Gemeng deenen de Veräiner zoukomme loossen an dat ass och eppes wat bei de Veräiner, wann een elo den Tour bei de Generalversammlung mécht, ganz gutt ukënnt, do hu mir keng Reklamatiounen héieren, wat dat doten ubelaangt, esou, dass do d'Akzeptanz méi wéi grouss ass bei de Veräiner an Associatiounen.

Et ass och séier ze erkennen, dass déi grouss Sportsveräiner dee selwechte Montant hunn, 3.200 Euro kréien se vun eis ënnerstëtzt. D'Scouten d'selwecht, déi kréien 2.000 Euro, och do ass keen Ënnerschied zwëschen deenen 3 grouss Scoutgruppen, déi mir hei zu Diddeleng hunn an déi ähnlech aktiv um Terrain sinn.

Fir de Rescht, déi Ënnerscheeder, déi par rapport zum leschte Joer sinn, sinn haaptsächlech déi aktiv Memberzuelen, déi natierlech vu Joer zu Joer variéieren a wann d'Veräiner den Dossier eraginn, da spillt dat natierlech eng Roll beim Montant, deen erauskënnt bei der Formule.

Vermësse kann ee villäicht eis Comitéen, déi a Quartieren aktiv sinn, bezéiungsweis eis Harmonie an och eise Radio Diddeleng, déi kréien e fixe Subsid, dee mir am Budget gestëmmt haten, dofir sinn déi hei net virzefannen. Voilà, dat gesot ass d'Diskussioun op.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Loris Spina, ginn et do Stellungnahmen? Här Gangler.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech wollt wierklech net laang diskutéieren, ech hat dat schonn d'lescht Joer ugekënnegt. Et ass erëm dat selwecht Spill vu Subsiden, déi erop an erof ginn. An et gouf Veräiner, déi kee Subside kritt hunn, well se keen ugefrot hunn, zum Beispill.

Et sinn ëmmer nach déi – wéi mir se nennen - Intransparenze well mir wëssen, wéi de Schlüssel ganz am Ufank opgesat ginn ass, a wéi en herno verbéit ginn ass fir dass en an d'Schlüssellach passt. Ech wëll mech do weider net ophalen.

Ech hat just eng kleng Iwwerleeung gemaach: Et ass jo ëmmer fastidiéis, dat doten all Joer nei ze rechnen. Sollt een net villäicht envisagéieren, déi Subside vläit op 2 oder 3 Joer mol d'selwecht ze loossen an dann se nees unzepassen? Dann ass net dat dauernd Spill vu 15 Euro erop, 20 Euro erof, an esou.

Da wier e bëssen eng Linn an där Saach, bei 20 Euro ass dat kee groussen Ënnerschied, mä bei Veräiner, déi bei de Subsiden e gréisseren Ënnerschied mierken, wier et villäicht och flott wann se kéinten op laang oder méttellaang Weil mat engem gewësse Montant rechnen, dat wier och méi einfach fir eis Servicer.

Dat ass just eng Iwwerleeung fir all Mënsch d'Saach ze vereinfachen, déi dat dann ausschaffen.

An anerersäits géif ech elo e Wonsch vun der CSV ausdrécken op Grond vun enger Diskussioun, déi d'lescht Joer opkomm ass bei der Subsideproblematik an zwar, dass mir dem Buergermeeschter géife mat op de Wee ginn, dass hien herno ganz gutt sech soll iwwerleeën, wéi en d'Froestellung mécht virum Vote.

Mir waren d'lescht Joer net frou, dass gefrot gouf, wien ass dofir, dass déi Suen un d'Veräiner ausbezuelt ginn?



Déi Fro war tricky well et ass jo kloer, heibannen ass all Mënsch domat d'accord, mä d'Fro wier éischter "Wien ass mat deem Verdeelungsschlëssel zefridden, deen de Schäfferot hei virschléit?" an do kéint et jo sinn, dass Leit heibanne sinn, déi do net d'accord sinn.

Wann den Här Buergermeeschter mengt, hie misst deen Ënnerscheid net maachen, da wier et gutt drop hinzewiesen, dass déi verschidden Ausleeunge vun där Fro awer bestinn. Villmools Merci.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Merci Här Buergermeeschter, also mir hunn och all Joer hei bemängelt, dass mir ni gesinn, wéi dee faméis Verdeelungsschlëssel do funktionéiert. Mir kréien ëmmer bëssen erkläert wéi e funktionéiert, mä wéi genau dat opgedeelt gëtt gi eben net gewuer.

Mir huelen dat zur Kenntnis, et gëtt een zwar e bësse midd, all Joer dat selwecht ze soen, awer OK, mir enthalen eis och.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci der Madame Goergen, sinn nach weider Stellungnahmen? Här Claude.

Bob Claude (LSAP): Merci, et ass dëst Joer fir déi 6. Kéier, dass mir hei iwwer d'Verdeelung vun den ordinäre Subside fir insgesamt 65 Veräiner an Associatiounen diskutéieren.

Dat ass eng gutt Geleeënheet fir op dëser Plaz all deene Veräiner an Associatiounen e Merci ze soe fir hir wichteg Sozialiséierungs- an Integratiounsaarbecht an eiser Gesellschaft.

Och wann déi zwou Oppositounsparteien dës Verdeelung op verschiddene Punkte kritiséieren, verhënnert dat awer net, dass mir vun der Majoritéitspartei vollt Vertrauen an den Schäfferot hunn. Och vun eiser Säit e Merci un déi Servicer, déi déi Subsiden ausrechnen.

Mir fannen nach ëmmer dee Verdeelungsschlëssel mat deene Kritären, dee viru 7 Joer vun deem deemolegen Aarbechtsgrupp ausgeschafft gi war an haut esou gutt wéi méiglech ugewannt gëtt, transparent a gerecht.

Mir stelle fest, dass elo och eng gewësse Bestännegkeet an déi Verdeelung mat dra komm ass.

D'Montante fir déi eenzel Veräiner an Associatiounen hu wéineg changéiert. Si solle jo nëmmen eng kleng Motivatioun fir déi benevol Aarbecht sinn.

Och wa keng Kritiken op der Generalversammlung vun de Veräiner kommen, kéint een awer fréier oder spéider dorun denke fir bei de Budgetsdebatten eng Erhéijung vum Gesamtpak virzehuelen.

Déi infrastrukturell, materiell a logistesche Ënnerstëtzung déi vun eiser Gemeng vun Ufank un do ass, wäert och weider assuréiert sinn.

D'LSAP-Fraktioun wäert jiddefalls där dote Subsideverdeelung zoustëmmen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi doten Interventioun, sinn nach weider Stellungnahmen? Dat ass net de Fall, dann iwwerloossen ech dem Loris Spina d'Wuert.

Loris Spina (LSAP – Schäffen): Merci fir déi dote Stellungnahmen. Fir mam Här Gangler unzefänken, wann elo wierklech e Veräin keen Dossier erareecht, da kënne mir him kee Subsid ginn, dofir feelt deen een oder anere Veräin, mä wéi gesot, do ass awer all Veräin fräi, ze decidéieren ob en op déi Subside wëll zeréckgräifen oder net.

Firwat maache mir dat Joer fir Joer, ma well dat déi reell Situatioun vum vergaangene Joer erëmispigelt, wéi gesot, wéivill aktiv Memberen dee Veräin nach huet, respektiv wéi aktiv en um Diddelenger Territoire ass an Differenze vun deene Montanten, déi do erauskomm sinn, si jo awer och elo an engem Beräich wou de Veräin net existenziell dovunner ofhänkt, sou, dass ech net mengen, dass een soll eng Subsidenzomm festleeë fir méi Joeren ofzedeecken.

Fir de Rescht, Madame Goergen, ech hunn d'Kritären opgezielt esou wéi se och deemools vun deem Aarbechtsgrupp erausgefiltert gi sinn, dat gëtt elo effektiv dat wat et gëtt. Do sinn ëmmer nach Diskussiounen, wou ee ka féieren, nach waarden ech op e Schlëssel oder eng Formel, déi da besser soll sinn, dat hu mir net fäerdeg bruecht all zesummen an och all déi Joere wou mir hei diskutéieren ass nach ëmmer kee Verbesserungsvorschlag komm, ech widderhuele mech schonn.

Et ass och dat wat den Här Claude gesot huet, dat heien ass e Schlëssel, deen an der Veräinsswelt a



bei den Associatioune méi wéi akzeptéiert ass an déi Zommen, déi si kréien, an deen Deel vun Ënnerstëtzung, deen se kréien, do sinn se dankbar an zefridden domat, esou denken ech, dass mir op engem ganz gudde Wee domadder sinn. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Här Spina, da géif ech proposéieren, dass mir dann zum Vote iwwerginn. Här Gangler, ech ka leider net op Är Ufro zeréckgräife well et hei e Subsid ass, dee mir ausbezuelen an der Héicht vun engem Montant vu 55.805 Euro.

Dir kënnt dat "tricky" fannen, da soen ech "nice try", mä op alle Fall ass dat dee Montant, dee mir ausbezuelen, dat ass e Subsid, dee mir ausbezuelen an dofir stellen ech hei d'Fro un de Gemengerot: Wien ass mat deem Montant vu 55.805 Euro, deen un déi jeeweileg Veräiner ausbezuelet gëtt, averstanen?

Dat sinn d'Stëmme vun LSAP, Déi Lenk an dem onofhängege Member.

A wien enthält sech? Déi Gréng an CSV.

Merci fir déi Diskussiounen ronderëm dee Punkt.

4. ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL – APPROBATION VUN DER PROVISOIRESCHER ORGANISATION VUM ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL FIR D'SCHOULJOER 2019/2020

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géife mir eriwuer goen op d'Schoulorganisatioun fir 2019 an 2020. Do ginn ech dem Josiane Di Bartolomeo d'Wuert fir déi Presentatioun ze maachen an an puer Sekonnen wäert och eisen zoustänneg Mataarbechter vun eisem Service scolaire, den Erni Ferrari, zou eis stoussen, wéi och d'Regionaldirektioun.

Josiane Di Bartolomeo-Ries (LSAP-Schäffin): Merci Här Buergermeeschter, ech begréissen hei d'Direktioun, den Direkter mat sengem Mataarbechter, an den Erni Ferrari vum Service Enseignement.

Ech géif dëst Joer bei der provisoirescher Schoulorganisatioun fir 2019/2020 fir d'éischt emol mat engem

Merci ufänken, Dir wäert herno bei de Chifferen - wa mir op déi eenzel Chifferen aginn - gesinn, dass dat dëst Joer net esou einfach war, an datt déi ganz Schoulcomitéen a Schoulpresidenten zesumme mam Service Enseignement a mat der Direktioun hei eng exemplaresch Aarbecht geleescht hunn an datt si sech an enger Rekordzäit eens waren, wat d'Verdeelung vum Contingent an den eenzele Gebaier betrëfft, wat wahrscheinlech awer dës Kéier net esou liicht war. Ech ginn duerno op déi Chifferen an.

An Ärem Dossier fannt Dir natierlech wéi ëmmer déi verschidden Dokumenter, de Rapport vun der Schoulkommissioun, wéi och d'Circulaire, déi eenzel Plan-de-surveillancen an och d'Klasseverdeelung.

Dat wat mir dëst Joer net am Dossier hunn oder net behandle bei der provisoirescher Schoulorganisatioun ass de PEP, mir maachen dat net well dëst Joer nei gewielt ginn ass, et kommen nei Schoulpresidenten an och nei Comitéen en place, an déi sollen sech dann emol consultéieren eng éischte Kéier oder zweemol bis mir da bei der definitiver Schoulorganisatioun och de PEP presentéieren.

D'Schoulkommissioun, mir hunn dat Ganzt schonn an der Schoulkommissioun duerchgeholl, déi war de 24. Abrëll, mir sinn eis do relativ séier eens gewiescht, mä well se esou frei war, hu mir elo scho liicht Verännerunge vun de Chifferen, déi Dir an Ärem Dossier awer all zeréck fannt.

Fir d'éischt e puer Wuert zum Contingent: Mir kruten dëst Joer fir d'Gemeng Diddeleng e Contingent vun 3 820 Leçonnen, dat ass e Minus vun 59 Leçone par rapport zu 2018 wou mir 3 879 Leçonnen haten. Dat kënnt éischters doduerch well zu Diddeleng awer d'Schülerzuel réckleefeg ass, mir hunn 9 Kanner manner am Precocé, mir hunn der 16 manner am C1 a mir hu 15 manner am C2-4.

Dat zweet firwat mir manner Stonnen hu wéi soss, dat ass natierlech dee Coefficient d'encadrement, dee geännert huet. Mir haten 2018/19 nach 2,074 Leçone pro Kand, wat awer elo just 1,9985 Leçone pro Kand sinn. Dat kënnt doduerch, dass den Indice social geännert huet, deen all 3 Joer vum LISER nei definéiert an ugepasst gëtt, doduerch verléiere mir dann Enseignementsstonne beim Contingent.



Bis elo war et esou, dass mir déi lescht 10 Joer Stonne vum Contingent hu missen ofbauen, well de Ministère dat 2009 esou festgehalen huet an eigentlech wiere mir elo 2019 um Nullpunkt gewiescht, mir hätten näischt méi missen ofbauen, elo kennt awer d'Verännerung vum Indice social, deen nei définéiert ginn ass, sou datt mir awer elo musse Stonnen ofbauen.

Déi Stonnen, déi nach net am Contingent stinn, dat sinn déi vun de Remplacement-permanenten. Dat sinn 138 Stonnen an och 69 Stonne Cours d'accueil, dat si Stonnen, déi mir hors contingent kréien. Dat hëlleft eis dann och ganz vill.

Dann e puer aner Zuelen: De Moment hu mir hei zu Diddeleng 1.941 Schoulkanner an eise Schoulen, dovunner 1.068 Lëtzebuurger, dat sinn 55% an 873 Net-Lëtzebuurger, dat si 45%.

Cycle 1 Precocé do si 56,2% Lëtzebuurger an 43,8% Net-Lëtzebuurger.

C1 ass 53,8 Lëtzebuurger an 46,2 Net-Lëtzebuurger.

C2-4 55,3% Lëtzebuurger an 44,7% Net-Lëtzebuurger.

Dovunner sinn der 50,4% Meedercher an 49,6% Jungen.

Dann zu den eenzele Cyclen, ech well do ufänke beim Precocé.

Beim Precocé si mir den Ament, wat d'Zuelen ubelaangt, réckleefeg. Et waren déi lescht Jore 127 Kanner am Precocé vun 189 méiglechen an elo si mir bei 118 Kanner, déi de Moment ageschriwwen sinn, vun 208 méiglechen. Dat sinn awer Zuelen, déi nach ëmmer kënnen variéieren.

Am Precocé hu mir am Moment Precocé Maison Relais, dat heescht déi Ganzdagsbetreieunge sinn de Moment 31 Aschreiwunge fir d'Plage E also 8 hallef Deeg hu mir 29 Inscriptiounen an 58 Kanner sinn an de Plagen A-B ageschriwwen, dat heescht 4 hallef Deeg, 2 mol moies, 2 mol mëttes.

Mir maachen awer, vu, dass mir op verschiddene Sitte wéi Butschebuerg an Echerdall, schreiwe mir nach eemol d'Elteren u wou mir hinnen eng Plage X ubidden, dat heescht, si musse minimum 5 hallef Deeg huelen, kënnen awer och 8 hallef Deeg huelen,

déi se sech da kënnen eraussichen iwwer d'Woch verdeelt.

Eppes wat mir awer och maachen, dat ass zu Butschebuerg well mir amgaangen sinn, awer trotzdem de Precocé auszebauen, och wa mir nach net alles kënnen ubidden, zu Butschebuerg bidde mir elo de Kanner un, dass se Precocé och an der Ganzdagsbetreieung kréien, awer dat Eenzege wat mir net kënnen ubidden, dat ass d'Kantin, an ech mengen, dat wäert sech dat nächst Joer ganz vill verännere well ab d'nächst Joer hu mir d'Lenkeschléi a mir wäerten och am Ribeschpout eng Maison Relais bauen, sou, dass mir ab deem nächste Joer awer wierklech den Elteren a bal all Quartier kënnen Precocé ubidden an der Ganzdagsbetreieung oder och Precocé mat Mëttesdësch, dat heescht also moies bis 14.00 Auer oder 12-18.00 Auer oder halwer siwen, ech denken dat wäert d'nächst Joer ganz vill änneren.

D'Analys firwat ëmmer manner Kanner an de Precocé kommen: Et gesäit een, dass d'Elteren ëmmer méi zu zwee schaffe ginn a vun Ufank un d'Kanner müssen an d'Crèche eraginn an do ass et esou, dass d'Kanner, déi éischt bis 3 Joer an enger Crèche ugemellt sinn an dann ass et heiansdo ganz schwéier fir d'Kanner aus der Crèche erauszehuele fir se dann nach e Joer an de Precocé ze ginn éier se dann an d'Spillschoul kommen.

Do kann een awer trotzdem iergendwann eng Ëmfro maache fir ze kucken, wéi mir et kënnen verbesseren.

Dann nach zu den eenzele Gebaier, Butschebuerg kréie mir eng Klass bäi mat engem C1, mat engem ganz nidderegen Effectif, mir hate jo virdru bei dem Devis a bei dem Crédit spécial doriwwer geschwat, mir kréien do e Kand mat Besoin-spécifiquek bäi an dofir hu mir do d'Optioun geholl fir eng Klass am C1 bäizemaachen, wou mir driwwer geschwat hunn.

Mir hunn awer och eng Demande gemaach beim Ministère fir zu Butschebuerg eng Infirmière bäizekréie fir dat Kand dann och niewebäi de ganzen Dag ze betreien. Am C2-1, do fält just eng Klass ewech well do hu mir just nach 18 Kanner an enger Klass.

Am Brill bleift d'Klassenzuel onverännert, do gi Verschibunge gemaach, do kënnst eng bäi an eng ewech, trotzdem bleiwen d'Klassenzuelen am Brill d'selwecht. Dat Eenzege wat ass, de Brill huet de Moment ganz héich Effektiffer. Dofir huet de Brill och hei 28 Stonnen Appui bäikritt am C2-4.



D'Gaffelt behält hir 6 Spillschoulsklassen, dat Eenzeegt wat do ännert, si hunn niddereg Effektiffer an de Spillschoulsklassen, dat ass awer gewollt, si wëllen déi Effektiffer do hunn an dofir verzichten si dann op déi 9 Stonnen Appui.

D'Schoul Ribeschpont ass am Fong onverännert, dat Eenzeegt wat do de Fall ass, do ass an de Spillschoulsklassen net terribel vill Drock drop, do sinn niddereg Effektiffer, dat Eenzeegt wat een do kéint maache fir de Brill ze entlaaschten. Do wier ze kucken op déi Stroossen, déi ronderëm leien, ob een déi Kanner net kann eriwwer huelen an de Ribeschpont, déi eigentlech an de Brill sollt goen.

Strutzbierg geet just eng Klass erof, si kréien awer Ënnerstëtzung vun enger Educatrice, déi an der Direktioun affektéiert ass, well et awer relativ schwéier ass, d'Situatioun um Strutzbierg, an si kréien doduerch d'Ënnerstëtzung, dat leeft och schonn elo an si sinn och ganz zefridden.

Deich - Italien, ech gi fir d'éischt op Italien an, wat do wichteg ass, do hu mir en C1 mat iwwer 20 Kanner, dofir ginn op déi Klass zwee Titulairë gesat. De Moment war do awer schonn en Teamteaching, an dat gëtt elo emgeännert op en Titulaire, dat heescht, mir hunn an engem C1 zwee Titularen op enger Klass. Fir do e besseren Equiliber ze kréien zwëschen dem Deich an Italien, ass och de Wonsch vun der Schoul Deich fir Kanner, déi eigentlech sollten dohinner goen, eriwwerzehuelen an Italien, dat heescht, déi déi sollten an den C1 goe vum Deich an Italien ze huelen.

Wat do awer ganz wichteg ass, mir passen do extrem gutt op, datt net d'Leit scho Kanner um Deich hunn, Geschwëster oder esou an da mussen se bei zwou Schoule goen, dat ass net de Wonsch, si sinn och amgaangen ze kucken, dat am Averstännis vun den Elteren, fir e puer Kanner eriwwerzehuelen an Italien.

Wat och wichteg ass, ass d'Zesummenaarbecht mat der Diddelfamill fir datt si se an de Foyer huelen an och do déi Kanner an der Ganzdagsbetreung kënnen bleiwen.

Den C2 an Italien geet eriwwer an den Deich. Um Deich kréie mir am C2-2 an am C2-3 en Team Teacher bäi well do sinn de Moment 40 Kanner wat extrem héich ass a fir d'Kanner net auserneenzerappen, setze mir en Team Teacher bei de Schoulmeeschter.

De Projet CASE leeft weider um Deich, dee funktionéiert gutt, hat e puer Ufanksproblemer mä e leeft méttlerweil gutt.

Wat um Deich ganz nei ass, déi kréien 23 Leçone bäi well de Deich e Projet lancéiert, de Projet Förderzentrum. Dat heescht, si hu fest gestallt, dass iwwer déi lescht Joere Kanner oft sproochlech Defiziter hunn an dat heiten ass e Projet, deen elo lafe soll ab September am C1 an C2, wou d'Kanner dann direkt - wann esou eppes opfällt - a klengen Ateliere kënnen direkt erausgeholl ginn an si kënnen da séier a flexibel reagéieren. Déi Persoun kann natierlech um Deich an an Italien intervenéieren, wann Defiziter fest gestallt ginn.

Insgesamt an deenen eenzele Schoulen, iwwer déi ganz Gebaier, kréie mir am C1 eng Klass bäi, do läit d'Moyenne bei 14,5 an am C2-4 gi 4 Klassen an, do gi mir vun 89 erof op 85 Klassen, do leie mir bei enger Moyenne vu 16 Kanner pro Klass.

De Moment, an dat ass dat wat ganz wichteg ass, wat een ëmmer méi brauch, mir hunn 10 Persounen an der Equipe de soutien pour élèves à besoins spécifiques.

Mir hunn 2 Psychomotriciennes, déi intervenéieren an eise Schoulen, dat hëlleft de Kanner vill, den Här Mischaux huet awer och elo um Deich en IEBS, e Kandidat um Deich, do war bis elo nach keen an do kréie mir deen och elo bäi.

Natierlech hu mir och Psychologen a Pädagogen, déi ëmmer méi wichteg ginn an och ëmmer intervenéiere wa Problemer bei Kanner sinn.

Merci wëll ech nach soen der Médecine scolaire, déi mir elo zwar hei net dobäi hu mä si leeschten eng extrem gutt Aarbecht hei um Diddelenger Terrain, si kucken all eis Schoulkanner, mir sinn do op engem héijen Taux vu Kanner, déi dee Service passéieren.

Och an der Logopädie hu mir méttlerweil eng flott Ekip, si intervenéiere ganz vill an eise Schoulen, wa Schwierigkeete sinn.

D'Schoulschwamme bleift selwecht, de Precocé kann och schwamme goen, mir haten dat och dëst Joer schonn ugebueden, do si 4 vu 7 Klassen, déi dovunner profitéieren.



Dann, d'Equipement vun neie Medien an eise Schoulen, ech wëll soen, dass do elo d'I-Paden ausgeliewert gi sinn. All Schoul kann elo mat I-Pads schaffen, mir hunn dat opgedeelt no der Schülerzuel an do sinn och schonn déi éischt Formatiounen, wou d'Personal gewise kritt huet, wéi et funktionéiert.

Dann nach e puer Wuert zu Lenkeschléi, ech mengen dat ass ab dem nächste Joer fest an eiser Schoulorganisatioun mat dran. De Moment hu mir 10 Kanner aus deem Quartier, déi kéinten an d'Lenkeschléi kommen. Zum Gebai selwer: Mir komme gutt virun, mir hunn eenzel verschidden Upassungen nach gemaach bei de Raim, dat heescht Bewegungsraum erop erof, de Bau leeft an dat geet dann och ganz gutt.

Dann den Aarbechtstrupp, do muss ech soen, déi schaffe méttlerweil op Héichtouren, déi gesinn sech all Woch 2-3 Stonnen a Gruppen, déi leeschten eng enorm gutt Aarbecht an ech muss och deene Leit nach eemol vun hei aus Merci soe fir deen enormen Invest, deen si iwwer véier Joer gemaach hunn.

Mir müssen natierlech - dat wësse mer och allegueren - d'Comitée bestëmmen, déi déi Schoule wäerte leeden an dat maache mir 2020 am Ufank vum Joer.

Wat mir awer och ganz wichteg ass ze soen, dat ass, dass mir et fäerdeg bruecht hunn, an der Lenkeschléi am Gebai zwou Klasse vun der Logopädie op Diddeleng ze kréien. Dat heescht, mir brauchen an Zukunft net méi déi laang Transporter ze maachen an d'Stad, wou eis Kanner annerhallef Stonn hin an hir gefouert ginn, sou, dass mir ab der Entrée zwou Klasse vun der Logopädie dobäi hunn.

E lescht Wuert, ech wëll net op all eenzel Projeten agoen an de Schoulen, et sinn der enorm vill, eist Léierpersonal leescht immens vill, ech wëll awer hei trotzdem Merci soe fir den Invest, deen si maachen iwwer dat ganz Joer mat hiren eenzele Projeten, déi gutt ukommen an déi och am Sënn vun de Kanner sinn. Merci nach der Direktioun an dem Service Enseignement fir déi gutt Zesummenaarbecht am Joer. Villmools Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Josiane Di Bartolomeo Ries fir dës Presentatioun vun der provisoirescher Schoulorganisatioun elo ass d'Diskussioun op.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci Här Buergermeeschter, erlaabt mir, och am Numm vun der CSV e grouse Merci ze soen dem Joël Mischaux als Direkter a senger ganzer Mannschaft, an dem Erni Ferrari fir seng logistesche Aarbecht. Mir kréien ëmmer alles schéi presentéiert

Merci och un d'Enseignanten an d'Educateuren an all Intervenanten, dee bei eis an de Schoulen aktiv ass.

Ech wëll och der Madame Di Bartolomeo-Ries Merci soe fir déi exzellent gefouert Kommissioun, ech kann dat nëmme begrëssen, dat ass ëmmer eng offen Diskussioun an deene Sätzungen, jiddereen dierf mat schwätzen, Froe stellen, et ass ee seriö bemeit, alles zur Zefriddenheet vun de Kanner ze maachen an dat geschitt am Dialog an dat appreciéiere mir extrem. Diddeleng ass: "ein heisses Pflaster".

Ech sinn elo ganz erstaunt, ech konnt leider net an déi lescht Schoulkommissioun kommen an ech sinn elo ganz erstaunt ze héieren, dass mir am neien Indice social nach weider ofgestrooft ginn, wat ech ganz staark bedauern, wéi wahrscheinlech jiddwereen heibannen, well wann een d'Realitéit weess um Terrain a wann ee kuckt, wéi een sech muss dréinen a kéieren, fir d'Enner zesummenzestéieren, ass dat net nozevollzéien, wéi en Diddeleng en Indice social huet wou mer nach weider musse Stonnen ofbauen.

Dat bedauere mir zudéifst an ech weess net ob do eng Méiglechkeet besteet, ech erënnere mech wéi den Här Meisch nach Buergermeeschter vun Déifferdeng war, dat war déi éischte Gemeng, déi sech queesch gestallt huet an sech geweigert huet, deene Recommandatiounen nozekommen a Stonnen ofzebauen, Villäicht kann een den Här Minister nach eemol drun erënnere, dass dat net esou einfach ass wann een eng Gemeng ass mat enger polyglotter a variéierter Schoulpopulatioun, fir dann einfach ze soen, da baut of a kuckt, dass Dir eens gitt.

Mä wéi gesot, et kann ee jo nach eng Kéier mam Här Meisch schwätzen an dat op d'Leescht huelen, villäicht kann een do nach eppes maachen.

Meng Fro ass just: Ass den Indice social och nees fir 3 Joer festgesat a wéivill Stonne musse mir nach ofbauen?

Mä, wéi gesot, eise Corps enseignant stécht eraus duerch seng Dialogbereedtschaft, säi Mateneen, säi



gemeinsame Wëllen all Schoul esou ze equipéiere mat Personal, mat Hëllef, mat IEBSen, dass all Kand esou gutt wéi méiglech encadréiert gëtt.

Mir sinn eis alleguerten eens, dass mir weider um Regime vun de Quartiersschoule bleiwen, mir appreciéieren dat, d'Kanner an d'Elteren appreciéieren dat, all Schoul huet seng Nues, all Schoul huet seng Charakteristik, all Schoul huet hir Nues vun der Populatioun hir, awer och vun den Enseignanten, déi do sinn, vun de Programmer an de PRSen an dat ass flott ze gesinn an et ass wéi den Här Mischaux gesot huet, et ass flott ze gesinn, wéi dee Matenee funktionéiert. Ech fannen et och flott, dass kee Kand am Reen stoe gelooss gëtt, et gëtt ëmmer reagiert, wann e Problem ass, kann ech dat och aus menger berufflecher Wäert nëmme confirméieren, als Kannerdokter, dee ganz vill Kanner gesäit, et mierkt een, dass d'Kanner hei zu Diddeleng gären an d'Schoul ginn an, dass och den Dialog mat den Elteren dee gutt funktionéiert, dat ass nach laang net an all Gemeng ginn an dofir meng Felicitatiounen un all Mënsch, deen dozou eppes bäidréit.

Dann zu der Schoulorganisatioun selwer, de Precoce, d'Josiane Di Bartolomeo huet et scho gesot, den Taux geet erof, mir brauche keng laang Ëmfro ze maache firwat dat ass, dat kann ech lech soen aus menger Erfahrung an dem Dialog mat den Elteren. Et ass ganz einfach esou, d'Kanner brauchen e Mëttesdësch. Hallefdaags-Plagen, déi um 12.00 Auer ophalen, dat hëlleft kengem.

Et ass wéi Dir sot, et sinn ëmmer méi Leit, déi zu zwee schaffe ginn, et sinn der awer och, déi hallef Deeg schaffen, mä déi kënnen onméiglech um halwer zielef hei op der Matt stoe fir e Kand ofzehuelen.

Dofir, Dir wësst et genau, d'CSV verlaangt et säit Joeren, dass musse Kantinnen opgemaach gi fir d'Kanner vum Precoce, da geet eisen Taux och an d'Luucht an ech si ganz frou ze héieren, dass dat d'nächst Joer och geplangt soll sinn, um Ribeschpont an Dir hat och gesot, am Bildungshaus Lenkeschléi, wou jo dann awer och soll eng Precoce-Klass hikommen, dat ass jo dann och gutt ze héieren.

Ech hunn elo just net verstanen, Dir hat gemengt, et géif och elo zu Butschebuerg eng Ganzdagsbetreierung ginn, awer ouni Mëttesdësch. Ma wat maachen déi Kanner dann, kréien déi dann eng Mëtsch oder eng Schmier mat? Dat muss een dann awer kucken, wéi een

dat mécht well eng Ganzdagsbetreierung ouni Mëttesdësch, ech weess net wéi dat soll goen.

Wichtig ass och, ech hat et och scho puer Mol gesot gehat, d'Realitéit ass déi, datt d'Kanner effektiv an de Crèche sinn an déi privat Crèchen, e Kand dat fort ass, ass eng finanziell Abouss, déi dréinen a kéieren sech och esou gutt wéi se nëmme kënne fir déi Kanner bei sech an hire Crèchen ze halen.

Dat ass eng Konkurrenz, déi mir mussen akzeptéieren. Dofir, denken ech, muss een effektiv punkte mat der Offer, datt eben e Mëttesdësch och do ass, de Leit och soen, datt dat och gratis ass. Bon, sécher spillt dat elo net méis esou vill vu que datt och d'Chèque-servicer an d'Luucht gesat ginn, d'Leit och an de Crèche manner bezuelen, mä ech denken, virun allem musse mir punkten mat eiser pädagogescher Offer.

Firwat ass de Precoce ageféiert ginn? Et war fir d'Kanner ze sozialiséieren. Et war awer och virun allem fir d'Sproochkompetenz ze fërderen an ech denken, do musse mir nach eng Kéier nohaken an de Leit dat och kloer maachen, datt wann si hei zu Lëtzebuerg wëlle wunne bleiwen an hei hir Kanner weider wëlle scolariséieren, dann ass den Astiig an d'Lëtzebuurger Sprooch an doduercher och an d'Scolarisation an d'Alphabetisation op Däitsch méi einfach wann se schon am Precoce nëmme mat lëtzebuergeschsproochege Intervenanten zesummekommen.

Also, ech denken, wa mir d'Offer bréngen, datt mëttes déi Kanner eppes z'iesse kréien, wäert Dir gesinn, dann hu mir d'nächst Joer net nëmme 50% mä sécher 70%, 75%, 80% vun de Precoce-Kanner, déi bei eis kommen.

Voilà, dann zu engem anere Punkt, dee ganz wichtig ass: Ech hat elo gesot vum Indice social, ech menge wann Dir lech erënnert, d'lescht Joer hate mir de Plan de développement scolaire presentéiert kritt vun deene verschiddene Schoulen. Wat war d'Haapt-doleance oder eng vun den Haapt-doleancen?

Vill verhalensopfälleg Kanner, déi musse besser encadréiert ginn, d'Präventioun vun der Gewalt, Gestion de conflits, e Gewaltspräventiounprojet, de Projet "Stay Cool", Kriseninterventiounsteams ginn an de Schoule gebillt.

Also, wéi gesot, et ass néideg, datt de Kanner ge-



hollef gëtt. Et ass eng grouss Problematik do. Mir ginn op de Wee, datt mir de Schoulen ënnert d'Äerm gräifen, de Projet CASE, wat eng ganz gutt Saach ass, dee gëtt weider gefouert. Dat begrësse mir explizit a mir sinn och ganz frou ze héieren, datt mir elo zwee Psychomotricien hunn déi an eise Schoulen aktiv sinn.

Do ass och nach eng Kéier de Wonsch vun der CSV, deen ech och scho säit Jore soen, d'Kanner halen net op verhalensopfälleg ze sinn oder Problemer ze hu wann d'Schoul fäerdeg ass, déi bréngen déi Problemer och mat an d'Maison Relais. An dofir wier et flott, wa mir déi Psychomotricien a Psychomotricien oder och spezialiséiert Pädagogen och kéinten an eise Maison Relais integréiere fir datt si do aktiv ginn.

Mir haten ëmmer d'Propos gemaacht, mir hunn nach e kommunale, schoulmedezinesche Service, firwat se net un déi ugliedderen oder ass do eng aner Optioun villäicht en vue, datt mir déi Psychomotriciene net nëmme während der Schoulzäit hunn, mä datt mir och villäicht nach eng zousätzlech Hëllef de Maisons Relais-Leit kéinten ubidden? Dat géife mir absolut begrëssen.

Flott Projeten an de Schoule sinn och elo net hei opgezielt ginn, mä zum Beispill d'Theateropféierung am Brill war eppes immens Flottes. Do stécht vill Aarbecht dohannert, d'Schüler gi geléiert fräi ze schwätzen, hirt Däitsch war perfekt, egal vu wéi enger Grondnationalitéit, egal wéi si doheem schwätzen, mä d'Kanner hunn dat tipptopp gemaacht. Mir hu ganz vill Schoulgäert an de Schoulen, Projekte fir d'Plastikvermeidung...

Also, ech mengen eis Schoulen déi liewen, eis Schoule sinn interessant a, wéi gesot, d'Kanner ginn och gären an d'Schoul.

Gutt ass och, datt mir deen Educateur um Strutzbi-erg bäibehalen, dat war jo och e Wonsch well dat jo och e Quartier chaud ass, an deem Sënn well do och Kanner aus Heimer kommen, déi e ganz schwéiere Passé hunn an déi doduercher d'Liewe net esou easy huele wéi vill anerer an do ass et sécher gutt, datt mir deen Intervenat kënnen behalen.

Ech hunn eng Fro: Am Rapport steet: "La direction espère que le personnel des centres de compétences pourra à l'avenir intervenir plus souvent sur le terrain dans les bâtiments scolaires".

Do ass meng Fro: Wat ass elo genau d'Doleance? Wat klappt do net esou gutt? Wat kann een do nach verbessern a wéi kënnen mir do virgoen, datt mir effektiv déi Centres de compétences, datt dat net esou Cellules extraorbitales sinn, mä datt dat wierklech eppes ass wat um Terrain ass?

Flott ze liesen ass och, datt den Här Mischaux explizit de Quereinsteiger felicitéiert.

Ech hunn och Clienten, déi gesot hunn, datt si immens zefridde si mat deene Leit an ech denken, do si mir ganz frou, datt déi sech hei gutt zu Diddeleng integréiert hunn.

Ech denken, dat ass awer och de Merite vun der Direktioun, déi si och gutt begleet huet a natierlech och vun deenen aneren Enseignanten an de Gebaier, déi do net e spatze Mëndche gemaach hunn, wéi déi Leit komm sinn, mä déi Leit och mat oppenen Äerm opgeholl hunn an hinnen och zur Säit stoung fir se gutt ze integréieren an de Schoulsystem.

Wat ass schuet am Rapport?

Ech gi villäicht ganz kuerz dorobber an. Mir haten de Pedibus, dee war getest ginn, deen huet anscheinend net dee Succès deen e sollt hunn. Mir haten och e bësselchen Angscht, datt déi Prozedur e bësselche schwéierfällleg ass, datt ee muss d'Kanner fir d'éischt umellen an da kënnen se mam Pedibusgrupp matgoen.

Villäicht, wann een dat e bësselche méi spontan hält, dann huet dat och e bessere Succès.

Ech ginn do villäicht just mat op de Wee, Suessem huet e flotte Wee fonnt. Do kréien d'Kanner esou e Bewegungscarnet, all Kéier wann si ze Fouss oder mam Vëlo an d'Schoul kommen, kréien si e Stempel. Wann si an eng Sportsaktivitéit ginn, kréien si e Stempel a wann si esou an esou vill Stempelen hunn, kréien si e Kaddo vun der Gemeng. Et ass ëmmer e bësselchen esou, den leselche lackelt ee mat eng Muert an heiansdo geet dat och besser wann een do eng aner Iddi huet. A wa mir elo kucken, "Bewegte Schule", villäicht wier dat eng Iddi, déi ee kéint mat op de Wee huelen.

Eng grouss Erausfuerderung gëtt eist Bildungshaus Lenkeschléi an d'Madame Di Bartolomeo huet et grad gesot gehat, déi Leit schaffen elo scho véier Joer an



engem Grupp vun 10 Persounen, déi sech am Ufank ee Mol d'Woch gesinn hunn, elo nach vill méi, ouni Jetonen, muss een och betounen, ouni eng Remunération spéciale ze kréien, dat ass och schonn eppes wat luewenswäert ass, dat nennt ee Benevolat.

An ech denken, et ass immens wichteg, datt mir net eréischt waarde bis kuerz viru Schluss vum nächste Joer fir do e Comité ze denominéieren an ech weess, datt dat nees eng Risendiskussioun wäert gi mat dem Règlement d'occupation des postes fir ze kucken, datt déi Leit, déi do an dem Aarbechtsgrupp, dat sinn ëm déi 10 Leit, déi sech do wierklech de Kapp zerbrach hunn a wierklech hir Zäit geopfert hunn, datt déi och eng Prioritéit hu fir kënnen an där Schoul ze bleiwen.

Ech denken, datt mir do musse wierklech Neel mat Käpp maachen an do si mir als Gemengeresponsabel gefuerdert fir dat och op d'Schinnen ze bréngen.

Wat ech do elo nach wollt soen, elo héieren ech grad, datt do och zwou Klasse vun der Logo an d'Bildungshaus sollen integréiert ginn. Ech huele jo un, datt dat och mam Comité vum Bildungshaus beschwat ginn ass, datt dat och kee Problem wäert ginn.

Sécher ass elo momentan nach Plaz do, well nach net ganz vill Kanner am Quartier wunnen, mä wéi gesäit et aus wann elo all déi Leit, déi do gebaut hunn, wann déi mat hire Kanner an déi Schoul do kommen?

Op wéivill Joer kënnen mir déi Logopädiessklass zum Beispill garantéieren?

An integréiere mir déi, huelen ech jo wuel un, och an dat pädagogesch Konzept vun deem Bildungshaus?

Dat wier jo natierlech och ganz wichteg.

Dann, wéi gesot, de Règlement d'ordre intérieur, dat ass och nach eppes wat hei kuerz am Rapport ugeklungen ass, dat ass och ganz wichteg. Et sinn Demandé vu verschiddene Schoulen och fir e Règlement d'ordre intérieur ze kréien, wat zum Beispill d'Benotze vun Handyen ubelaangt.

Dat ass eng grouss Diskussioun, dat ass och eng wichteg Diskussioun.

Et dierf een net verméschen I-Pad mat Handy. Ech mengen, wa mat I-Paden an de Schoule geschafft gëtt, dat ass eng pädagogesch Saach, do ginn d'Kanner och drop higewisen op d'Gefore vun de Réseau-sociaux an esou weider.

Dat ass eng ganz Aarbecht, dat ass net nëmmen Schoulhale, mä dat ass och d'Utilisatioun déi geléiert gëtt. A mat der Benotzung vun den Handyen, dat ass awer eppes wat soll reglementéiert ginn an dat gëllt dann herno natierlech selbstverständlech wann en Handy-Verbuert wier während de Schoulstonnen - wéi et a ville Lycéeën ass - gëllt dat natierlech fir d'Schüler genau esou gutt wéi fir d'Léierpersonal.

Voilà, also mir si ganz zefridde mat all deene Projeten, déi entaméiert ginn a weidergefouert ginn.

Mir sinn traureg, datt eisen Indice social net esou gutt ausgefall ass, datt mir kënnen eisen héijen Niveau vu Stonnen an Encadrement halen, mä ech weess, datt eis Schoulmeeschteren an eis Direktioun, déi wäerten dat schonn iergendwéi ronn kréien, datt mir trotz Reduktioun vun de Stonnen awer nach eng optimal Organisatioun och d'nächst Joer kënnen presentéieren.

Et war och ganz gutt ze héieren, ech hat mir déi Fro och gemaach, wéi et mam IT-Material ass, an d'Madame Di Bartolomeo huet mir jo dorop geäntwert, datt dat gutt leeft, datt d'Leit och ganz zefridden domadder sinn.

Also, mir felicitéiere jidderengem, deen heibäi beedelegt war a mir droe selbstverständlech déi Schoulorganisatioun och mat.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir Är Stellungnahm. Da kann eis Diskussioun elo weider dréinen. D'Madame Goergen.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Léiwen Här Buergermeeschter, léif Kollegeen a Kolleginnen aus dem Schaffen- a Gemengerot. Am Numm vun deene Grénge wëll ech dann elo Stellung huelen zur Schoulorganisatioun vum nächste Schouljoer, esou wéi mir se hei provisoersch virleien hunn.

Am Fong geet et drëm ze beuerteelen ob déi Opstellung, déi ausgeschafft ginn ass, och déi beschtméiglech ass.



Ob d'Méiglechkeete vun de Virgabe vum Ministère de l'Education optimal genotzt ginn.

Vu bausse gekuckt kann een däers natierlech ni honnertprozenteg sécher sinn, mä et gesäit awer ganz duerno aus.

Déi Organisatioun bewegt sech an engem Kader, dee vum Ministère gesat gëtt. An deem Kader huet sech an deene leschte Jore ganz villen verännert.

Et kënnt awer och vill un op d'Decisiounen vun de Presidenten an de Comitéen an de Schoulen, déi entscheede kënnen, wéi si mat de Situatiounen ëmginn, déi si an hire Schoule virfannen.

Et ass wahrscheinlech mühsam a mat villen Diskussiounen verbonne fir e Konsens ze sichen an och ze fannen. Mee dat ass sécher e gudden Wee.

An all Schoul ginn et zousätzlech zu der Schwieeregkeet am 21ste Joerhonnert de Kanner eppes bäizebréngen och spezifesch Problemer.

Meng kuerz Erfahrung an der Schoulkommissioun huet mir bis elo den Androck vermëttelt, datt d'Verhandlungen an de Schoulcomitéen an och tëschent de Schoule gutt funktionéieren.

Et gëtt aus eiser Siicht also kee Grond, déi Opdeelung vun de Klassen ofzelehnen. An deene meeschte Fäll ass d'Zuel vun de Schüler a Schülerinne pro Klass och zimlech niddereg. Just am Brill sinn d'Effektiffer am Cycle 2.1 mat 21 bis 22 Kanner zimlech héich.

Dofir soll do zousätzlech Appui an där Schoul bäikommen.

Ech wollt mir awer eng Fro erlaben zur Verdeelung vun den Appuisstonnen, déi an der Tabell am Bloc ugefuert sinn. 123 fir Cycle 1 Klassen an 335 fir d'Cyclen 2-4. Ginn déi prinzipiell op all d'Schoulklasse vun deem Niveau gläichméisseg opgedeelt oder no Schülerzuel oder nach no engem anere Modell?

Wou ginn déi zousätzlech Appuisstonne fir déi Klassen am Brill mat héijen Effektiver dann elo ewechgeholl?

Wa mir da scho bei de Léierpersounen sinn, déi zousätzlech zu den Titularen an de Klassen intervenéieren, dann denken ech och un d'IEBS.

Dat ass jo eng Neierung, déi säit dem leschte Schouljoer geschaaf ginn ass fir d'Léierinnen an d'Schulmeeschteren ze entlaaschten. Et schéngt eng gutt Moosnam ze sinn, besonnesch well jo elo all Schoulgebaier op esou eng Persoun kann zeréckgräifen a méi kriddelege Situatiounen.

Et ass ze begréissen, datt elo och den Deich, dat stëmmt jo, esou eng Persoun zougestane kritt huet. Am Allgemengen ass déi Hëllefstellung jiddefalls wëllkomm well problematesch Situatiounen kënnen entschäerft ginn an d'Kanner och net definitiv aus hirer Klass erausgerappt ginn an duerno erëm kënnen integréiert ginn.

Et ass awer kloer, datt d'Problemer a verschiddene Klassen esou grouss sinn, datt och déi heite Léisung net duergeet. Dofir soll et dann zousätzlech Hëllef vu Kompetenzzentere ginn.

Déi Ekippe sollen dann an Zukunft och esou wäit wéi méiglech an de Schoulgebaier intervenéieren.

Insgesamt brauch ech jo wuel net drop anzegoen, wéi schwier et ass, als Léierpersoun mat Kanner ze schaffen, déi sech oft net méi iwwer e längeren Zäitraum kënnen konzentréieren. Dee Beruff kascht vill Kraaft an Asaz.

Ech fannen et dofir och gutt, datt an eise Grondschoulen ëmmer rëm nei Methoden ausprobéiert ginn, wa gesi gëtt, datt dee classesche System net méi funktionéiert. Et ass virun allem gutt, datt an all Gebaier duerch d'Coordination des cycles et zu engem Austausch tëschent de Léierpersounen kënnt.

Am Idealfall kënnen gutt Initiativen, an där ginn et der jo ganz vill hei an Diddelenger Schoulen, dann och op anere Klassen ëmgesat ginn.

Eng vun deene gudden Initiativë gëtt um Deich dëst Joer gestart fir Kanner, déi sproochlech Defiziter hunn.

An engem vun eise Schoulgebaier soll d'nächst Joer och e behënnert Kand mat an deen normale Schoulbetrieb mat abruecht ginn. Dat ass begréissenswäert a sécherlech eng grouss Erausforderung, esouguer an enger Klass mat wéineg Kanner.

Et misst dowéinst all noutwenneg Hëllef zur Ver-



fügung gestallt ginn, fir datt déi Integratioun och klappt. Mir hu virdrunner iwwer baulech Moossname geschwat, ass an der Tëschenzäit och den Accord do fir en Infirmier oder eng Infirmière ze kréien, déi sech ëm dat Kand ka këmmere?

Dat schéngt eng ganz wesentlech Viraussetzung ze sinn. Zur Schoulorganisatioun gehéiert och d'Education précoce. Do gëtt ëmmer méi däitlech, datt déi meescht Eltere méi interesséiert sinn un deem Modell, wou d'Kanner zousätzlech zu de Coursen och ganzdaags betreit ginn.

Vill Elteren arrangéiert en halwen Dag Precocé ouni Mëttegiessen net an da misste mir probéieren, deem Rechnung ze droen. Ech war frou, ze héieren, datt dës Situatioun sech d'nächst Joer wäert verbesseren. Well et déi lescht Deeg esou schéi waarm war an ech och an iwwerhëtze Schoulraim dës Woch geschafft hunn erlaben ech mir nach Froen zum Thema Equipement vun eise Schoulen.

Sinn eis Schoulen all mat Rollueden ausgestatt, déi och eppes hëllefen? Béi der Schoul Lenkeschlei fir d'Maison Relais an de Precocé hu mir eng Ofrechnung gehat, wou mir erausfonnt hunn, datt nogerüst ginn ass.

Wéi ass et mat deenen anere Schoulen?

Wéi erdréiglech ass et nach a Klassesäll ënner dem Dach?

Där sinn et der jo mol am Brill ginn. Gëtt do heiansdo d'Temperatur gemooss?

An ab wéivill Grad gëtt eppes ënnerholl?

Dann awer nach e puer Wuert zu Projeten, déi am Laf vun dësem Joer gestart gi sinn an och weiderlafen.

Dat ass engersäits den "Art à l'Ecole", deen d'Kreativitéit vun de Kanner fërdere soll an d'Schoulgebaier gläichzäiteg verschéineren.

Dat ass anersäits och d' "Bewegte Schule", déi eis Schoulkanner dozou brénge soll, sech méi ze bewegen an dat an engem spilleresche Kader.

Ech wollt froen, wéi wäit déi Iddien a Propositione vun deem Projet da schonn opgegraff gi sinn?

Besonnenesch gutt gefält mir natierlech déi Iddi fir d'Kanner dozou ze kréien, ze Fouss oder mam Vëlo an d'Schoul ze kommen. Dann huet ee gläich zwee Ziler erreecht: D'Kanner bewege sech an et gëtt manner Verkéiersopkommes bei de Schoulen.

Ech fäerten, bis dohin ass awer nach e wäite Wee mat villen Ustrengungen a punkto Sécherheet fir datt d'Elteren hir Kanner och wëlle fuere loossen.

Mat éischte Versich fir Pedibus si mir do mol op engem ganz gudde Wee, och wa bis elo nach wéineg Kanner ageschriwwen sinn, soll dat onbedéngt ulafen.

Oft kann een eréischt iwwerzeegen, wann eppes an der Praxis duerchgeféiert gëtt. Wann d'Leit mierken, datt et gutt funktionéiert, da gëtt et bestëmmt e Succès, esou wéi et och an anere Gemengen ass.

Un de Pedibus géing ech dann direkt och de Projet "Schoul ouni Plastik" ervirsträichen, deen an der Schoul Deich vun enger Léierin initiéiert ginn ass. Dat schéngt do gutt ze klappen an op eemol kënnen d'Kanner och rëm Leitungswaasser drénken a gesond Saachen iessen. Et wier schéin, wann dat Beispill och op aner Schoule kéint iwwerdroe ginn an doriwwer eraus.

Zum Schluss wollt ech nach op d'Ausfluch ze schwätzte kommen, zu deenen elo méi e flexibele Modell agefouert ginn ass.

Wéi ass déi nei Organisatioun fir Ufroer fir Ausfluch ze maachen ukomm bei de Léierpersounen?

Huet et dozou gefouert, datt Excursiounen méi efficace kënne duerchgeféiert ginn?

Datt d'Schoulkanner och eppes vun der Welt ausserhalb der Schoul gewise kréien, läit mir ganz besonnenesch um Häerz och wann et net ëmmer einfach duerchzuféieren ass.

Domat wéilt ech dann ofschléissen an am Numm vun deene Gréngen der Schoulorganisatioun zoustëmmen.

Vun eiser Säit dann och wéilt ech mech dem Merci vun der Madame Kayser uschléissen an all deene Leit Merci soen, déi un dëser Schoulorganisatioun geschafft hunn, besonnenesch awer de Schoulpresidenten, der Direktioun an dem Erni Ferrari. Merci och dem ganze Schoulpersonal fir hiren Engagement. Merci.



Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci der Madame Goergen och fir hir Zoustëmmung. Här Zuang.

Romain Zuang (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Bon, d'Presentatioun vun der Schoulorganisatioun an der Schoulkommissiounssitzung vum 24. Abrëll, déi dëst Joer extrem kuerz an zügeg war, war gutt virbereet. Do huet de Joël Mischaux de Schoulpresidenten a Comitée felicitéiert fir exzellent Viraarbecht a gutt Kollaboratioun, déi zu dëser gudder, ausgeglachener Schoulorganisatioun gefouert hunn.

Et seet viles a weist, wéi fair, mat Bléck fir dat Ganzt, Klassen a Stonne verdeelt goufen. Dat war déi lescht Joere keen egoisteschen Eenzelkampf, mä e Matenee wou deen een oder anere President op Appuisstonne verzicht huet zugonschte vun engem anere Gebai.

Ze hoffen ass, datt an deene nächste Joere mat de nei gewielte Presidenten a Presidentinnen an deene neigewielte Comitésmemberen dëst an dësem Geescht weidergeet.

Eis Fraktioun schléisst sech selbstverständlech de Felicitatiounen un d'Personal un, net ouni awer och dem Joël Mischaux och selwer en Décke Merci ze soe fir säin Asaz hei zu Diddeleng an och um Ministère fir datt vill Initiative méiglech ginn a sinn. Merci och dem Josiane Di Bartolomeo-Ries, eiser Schoulschäffin, an dem Erni Ferrari, eise Schoulsekretär.

E puer Bemierkungen zu der Schoulorganisatioun: Effektiv si jo - wéi virdru gesot ginn ass - 40 Kanner manner. Dat fannen ech e bësselchen erschreckend, dat ass schonn eng gutt Partie an enger éischter ongewinnter Entwécklung vun enger Stad, déi stänneg wisst. Manner Kanner bedeit jo automatesch manner Stonnen am Contingent.

Ze bedauern ass natierlech och - wéi meng Virriednerin, d'Madame Kayser, scho gesot huet - datt dann och nach de Coefficient d'encadrement duerch de Recalcul socio-économique erofgeet. Ech mengen, effektiv, kenne mir allegueren hei d'Situatioun, datt mir hei zu Diddeleng elo net esou gutt do stinn, datt deen doten Indice elo no ënne gaangen ass.

Bon, esou hu mir awer aktuell e Minus vu 59 Stonnen an et bleift just ze hoffen, datt et och wéi an deene leschte Joeren zu Nobesserunge komm ass vu datt

mir wëssen, datt déi Stonne festgeluecht ginn de 25. Mäerz, iergendwéi ass do en éischte Jet, dee kënnt, an datt all déi Ännerungen déi dann nach nokommen, datt dann natierlech deene Rechnung gedroe gëtt, datt dann de Contingent villäicht nogebessert gëtt.

Bon, zu dem Precocé mat enger Baisse vu 7% vun den Aschreiwungen, dat ass elo och net nëmmen op dee Punkt ze reduzéieren, datt de Mëttesdësch géing feelen.

Ech mengen, méi wéi wahrscheinlech loosse d'Eltere Kanner nach e Joer méi laang an der Crèche, well, ob-schonn de Precocé jo och ëmmer gratis war, awer och elo an der Crèche d'Gratuitéit vun esou villen Encadrementsstonne ginn ass.

Ech mengen, datt et trotz allem awer wichteg ass e klénge Sondage bei den Elteren ze maache firwat d'Kand net am Precocé ageschriwwen ginn ass fir awer op deem Wee wierklech Sécherheet ze hu mat dem Grond oder mat de Grënn.

Bon, de Mëttesdësch wäert wahrscheinlech e wichtige Punkt sinn, mä awer, ech mengen awer trotzdem, datt dat net esou allmächteg ass, wéi dat elo villäicht gesot ginn ass, well ech mierken awer ëmmer nach, datt eise Grupp Schoul/Maison Relais ni voll ausgelaascht ass.

Mir hunn elo nach eng Plaz, mä d'lescht Joer hate mir der awer dräi oder véier... um Strutzbierg der dräi an um Lenkeschlei der nach zwou. Dofir soen ech ëmmer, wann ee wierklech dat dote bräicht, da misst dee Grupp esou voll sinn, datt een effektiv gesäit, datt et wichteg wier nach esou ee Grupp an d'Liewen ze ruffen.

An ech denken, datt et wierklech awer och nach aner Grënn do sinn, datt d'Leit eis och nach aner Saache beléieren.

Ech mengen, Butschebuerg an Eecherdall si weiderhin, wéi d'lescht Joer, eis Suergekanner. D'Iddi fir hei de Leit méi eng grouss Offer unzëbitten ass ze begreissen, mä et muss ee gesinn, wat doraus entsteet.

Awer dovunner ofgesi fannen ech, datt d'Gruppe wierklech anstänneg sinn, souguer bal e bësselchen iwwerfëllt. Wéi gesot, am Grupp Maison Relais/Schoul



ass aktuell just nach eng Plaz fräi, villäicht kréie mir déi och nach besat, mä wéi gesot, datt esou richteg eng Liste d'attente do wier, dat feelt mir awer fir ze soen, datt wierklech de Résumé wier, datt de Mëttesdësch just alleng géing feelen.

Bon, am C1, C4, et gëtt weider probéiert Klasse mat méi nidderegen Effekttiffer ze halen an dofir op Appuis-stonnen ze verzichten.

Am Brill, wou keng direkt Méiglechkeet elo besteet fir deen Aus-oder Ëmbau ze maachen, do si mir fir d'Organisatioun 2019/20 erëm eng Kéier an enger ähnlecher Situatioun wéi d'lescht Joer schonn, wou mir dëst Joer dann e Choix haten tëschent dräi Klassen C2.1 oder véier Klassen C3.1 an do ass sech dann eben entscheet ginn, datt et nëmme nach zwou Klassen C2.1 sinn an dofir hunn ech eng kleng Fro heizou, d'Josiane Di Bartolomeo-Ries hat et scho virdrun eng Kéier kuerz gesot.

Mir hu jo gemierkt op de Chifferen, datt am Ribeschpout mol eng Kéier den Inverse kënnt vun deem wat mir soss hunn, datt do am Fong d'Schülerzuel am 2.1 och nach erof geet an dofir ass d'Fro: Gëtt et do keng Méiglechkeet fir ze kucken, datt een d'Kanner aus dem Brill, déi op der Limite Lëtzebuergerstrooss an esou weider wunne, fir déi dohinner ze kréien? Da gëtt den Effektiv am Brill jo awer e bësseleche geschwächt.

Bon, ab 2019/20 soll et da keen C2 méi am Quartier Italien ginn.

Hei hunn ech och eng kleng Fro dozou: Sinn d'Elteren do schonn am Bild? Ass dat gutt opgehooll ginn, datt et elo näischt méi do gëtt?

Wann eng Famill dann zum Beispill, déi elo e Kand am C1 huet an och e Kand am C2 huet, geet dat Kand aus dem C1, geet dat dann elo an deem Fall op den Deich mat oder wéi geet dat?

Da muss ee nach kucken, wann ee Familljen esou huet, well do kënnt jo d'Geschicht awer mam Transport an och, mir hunn ëmmer mol gesot gehat, datt d'Familljen am Fong geholl hir Kanner sollte beienee behalen.

Bon, wat mir natierlech als Fraktioun och begrëissen, dat ass d'Fortféierung vum Projet CASE um Deich, awer och d'Initiativ, dee Förderzentrum um Deich do

anzeféieren an dee fir mat de Kanner - och vum C1 an 2 - wou sproochlech Defiziter, Retarden a klengen Ate-liere vu jeeeweils kuerzer Zäit sollen opgeschafft ginn.

Wat d'Centres de compétences ubelaangt, wollt ech nach kuerz nofroen beim Joël Mischaux, ob mir Kanner hunn, déi an deem engen oder anere Centre, déi geschafe gi sinn iwwer Land sinn oder ass et bei eis esou, datt d'Kanner à besoins éducatifs spécifiques oder à besoins éducatifs particuliers verstärkt an ausschliisslech vun der Ekipp ESEB an de Schoule be-treit ginn oder solle ginn?

Da freet et eis awer och nach vun der Direktioun ze héieren, dass wéi d'lescht Joer ugekënnegt ginn ass, mir déi EBS fir den Deich kréie wat jo awer och eng wichteg Hëllef ass fir d'Léierpersonal a fir d'Kanner fir d'Hëlfelefen ze koordinéieren a mir freeën eis och, ze héieren, mat de Quereinsteiger, dat war jo dat lescht Joer dat éischt Joer wou dat gelaf ass, datt den Di-rekter sech awer ausdréckt, datt eng Majoritéit vun de Quereinsteiger eng gutt Aarbecht geleescht huet. D'Fro ass och do, behale mir déi elo alleguerten?

Déi kréie jo alleguerten - déi et gepackt hunn - eng Nominatioun oder wéi funktionéiert dat?

Stinn si alleguerte prett fir elo op der zweeter Lëscht kandidéieren?

Voilà, an da wéi gesot, all déi Initiativen iwwer déi mir geschwat hunn, ech brauch elo net méi extra drop anzegoen, iwwer d' "Bewegte Schule", Pedibus wou ech effektiv ëmmer - Dir wësst vun de laange Joere wou ech op där anerer Säit hei souz als President respektiv als Sécherheetsdelegéierten - ëmmer meng Bedenken hat bei der Aféierung vum Pedibus, well et extrem komplizéiert ass.

An enger Uertschaft mat enger Strooss, mat enger Schoul ass de Problem éischter ze léise wéi bei eis mat Quartiersschoulen. Wann ee gären de Prinzip applizéiert, muss een effektiv wësse, datt een do wierklech ganz vill Leit brauch, déi ee mobiliséiere muss, déi virginn an esou weider an esou fort.

A mir gesinn elo beim éischten Essai, wou mir d'Saach wollt mat dem Personal vun der Maison Re-lais un d'Lafe kréien, datt et do scho Bedenke ginn, deenen engen ass et ze fréi, déi aner wëllen net a esou weider a esou fort.



Et muss eng oppen Hand vun den Elteren do sinn, déi sech engagéieren. Ech mengen et ass fir eis als Gemeng onméiglech fir esou eppes iwwer ganz Diddeleng z'organisieren.

Voilà, déi puer Bemierkungen a Froen zur proviso-rescher Schoulorganisatioun, déi mir selbstver-ständlech och stëmme wäerten. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci och dem Romain Zuang fir seng Stellungnahm an och seng positiv Appreciatioun zur proviso-rescher Schoul-organisatioun.

Sinn nach weider Stellungnahmen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da ginn ech d'Wuert weider un den Erni Ferrari an un de Joël Mischaux.

Erni Ferrari (Responsabele vum Schoulservice): Merci Här Buergermeeschter, léif Dammen an Häre vum Schäffen- a Gemengerot.

Ech beäntweren dann déi Froen, déi ech beäntwere kann, déi aner Froe iwwerloossen ech dann dem Josiane Di Bartolomeo-Ries oder dem Här Mischaux a senger Ekip, fir déi ze beäntweren.

Eng Haaptfro war jo erëm déi iwwert de Contingent, wéi et dozou komm ass a wéivill Stonne verluer gounen.

De Ministère de l'Education kuckt jo ëmmer am Mäerz wéivill Schüler grad dee Moment zu Diddeleng sinn, an op Grond vun deem Chiffer kréie mir dann de Contingent fir dat nächst Schouljoer ausgerechent.

Et ass esou, datt am Mäerz 21 Kanner manner zu Diddeleng ageschriwwen ware wéi d'lescht Joer ëm des Zäit. Dat mécht also schonn alleng ronn 42 Stonnen aus, déi mir manner fir d'nächst Schouljoer zougesprach kréien, well mir ongeféier 2 Stonne pro Schoulkand zegutt hunn.

Zousätzlech ass jo och den Indice social - wéi schonn erwänt gouf - dëst Joer erofgaangen. Den Indice so-cial mécht och nach eng Kéier 17 Stonnen manner fir dat nächst Schouljoer aus.

Bon, dann och wahrscheinlech fir déi zwee Joer drop, wëlle mir jo dovunner ausgoe missten, datt den Indice social während dräi Joer net ännert.

Deen anere Chiffer, déi Adaptatioun, dat heescht all Joer 16 Stonnen ofbauen, huet de Ministère dëst Joer net ofgerechent. Déi 16 Stonne hu mir fir e Joer weider zur Verfügung. Déi wäerten awer d'nächst Joer net méi zur Verfügung stoen.

Mat deem Contingent, dee mir jo dann elo kréien, dat sinn fir d'nächst Schouljoer 3.808 Stonnen fir ze verdeelen, probéieren d'Schoulpresidente eng Organi-satioun fir 2019/2020 ze plangen.

Als alleréischts kucken si natierlech wéivill Klassen si wëlle proposéieren. A wann dat bis gemaach ass, da bleift nach e gewësse Chiffer iwwereg, deen ebe ka benotzt gi fir Appui, oder Team Teacher, se kënnen awer natierlech och fir de Förderzentrum sinn, oder fir de Projet CASE Dat heescht, mat deene Stonnen, déi iwwereg bleiwen, kucken d'Presidenten ënnereneen, wien elo nach wéivill brauch a kréie kann, fir datt et herno bei jidderengem opgeet.

D'Presidenten sinn sech jo bis elo all Joer eens ginn, ouni gréisser Diskussiounen. Dat schéngt jo dann nach ëmmer gutt ze klappen.

Et war d'Fro do, well de Brill jo vill Schüler am Cycle 2. 1 fir d'nächst Schouljoer huet, ob een do net kéint kucke fir eventuell Schüler an de Ribeschpont ze kréien, vu datt de Ribeschpont mol eng Kéier net vill Schüler an deem Cycle huet.

Mir hunn dat alles scho gekuckt, fir de Brill ent-laschten ze kënnen. Vu datt de Ribeschpont och niddereg Effekttiffer am Cycle 1 huet, kucke mir awer trotzdem – falls Eltre sech mellen - datt mir Schüler an de Ribeschpont kréien, déi normalerweis misse an de Brill goen. Dofir bräichte mir awer dann Eltre, déi dat och fräiwëlleg wëlle maachen, soss géinge mir d'Kanner jo aus engem Ressort eraushuelen, deen zimlech no beim Brill ass an déi dann zevill wäit ewech an d'Schoul schécken. Also si mir e bësselchen op Elteren ugewise, déi och selwer déi Optioun wëlle wien. Mir sinn nach amgaangen ze kucken, wien do a Fro kënnt, da kontaktéiere mir déi Elteren an duerno musse mir ebe kucken, wat nach méiglech ass.

Dat kucke mir natierlech och zesumme mat den En-seignantë vum Ribeschpont, well déi jo och an deem Fall betraff wieren.



Déi Fro mat de Schüler aus dem Quartier Italien, déi jo elo net méi am Cycle 2 an de Quartier Italien kënnen goen, mä déi elo op den Deich ginn: Natierlech ass et do esou, datt mir awer wahrscheinlech kucke wäerte fir d'Schüler vum Cycle 2 an Cycle 1 - wann d'Eltre Kanner an deenen zwee Cyclen hunn - zesummen op den Deich ze kréien, well et awer nach relative kleng Kanner sinn.

Wann d'Ufro vun den Eltere kënn, da kucke mir dat vu Fall zu Fall, mä et géif wahrscheinlech schwéier ginn, fir den Eltre ze soen, datt déi eng Kanner missten op den Deich goen, an déi aner an de Quartier Italien. Et ass eppes anescht wann d'Kanner am Cycle 3 oder am Cycle 4 sinn, wéi dat an der Vergaangenheet ëmmer war, mä mat Kanner vum Cycle 2 dat wiere hei jo Kanner vum Cycle 2.1, dat ass net evident fir déi ze trennen.

Effektiv, wéi den Här Zuang bemierkt huet, geet d'Schülerzuel jo nach eng Kéier d'nächst Schouljoer erof. Ze befäerten ass also, datt och dat Joer drop de Contingent erëm eng Kéier dowéinst erofgeet. Gutt, hoffe mir datt nach Schüler bäikommen.

Mir hu jo ëmmer am Summer eng Phas wou mir vill nei Umellunge kréien an da wëlle mir hoffen, datt dat och dëst Joer de Fall ass. Awer hoffentlech an deene Quartiere, wou mir och genuch Plaz an de Klassen hunn, a net fir de Brill wa méiglech. Dat géing eis am Brill net onbedéint arrangéieren.

Am neie Quartier Lenkeschléi, wéi d'Josiane Di Bartolomeo-Ries gesot hat, wunne momentan 10 Kanner. Mir si amgaangen ze kucken wéi de Ressort kann erweidert ginn, mat de Stroossen aus dem Wolkeschdall oder och aus dem ieweschten Deel vun der Zoufftgerstrooss, dem Quartier Hanzendall, a wéi eng Schüler mir kéinte fir dat nächst Joer an déi nei Schoul schécken.

Et spillt och schonn eng Roll fir dëst Joer, well mir jo awer trotzdem müssen oppassen, wéi déi Schüler dëst Joer an déi eenzel Klassen opgedeelt ginn. Mir denken och haaptsächlech drun, wéi mir dat Joer drop, wann d'Schoul opgeet, de Brill e bësselchen entlaaschte kënnen, well déi Schoul jo zimlech héich Effektiver huet, awer och eventuell den Cycle 1 vum Strutzbiërg, well se do och vill Kanner hunn an schonn am Laf vum nächste Joer wahrscheinlech de Strutzbiërg C, wou zwou Schoulklasse sinn, kéint ofgerappt ginn.

Déi zwou Klasse gi dann, sollt dat geschéien, an de Raimlechkeeten vun der Maison Relais ënnerbruecht. Fir datt mir do net ze vill Raimlechkeete blockéieren, probéiere mir natierlech och dat Joer drop fir esou vill wéi méiglech Kanner aus dem ieweschten Deel vun der Zoufftgerstrooss an déi nei Schoul ze kréien.

D'I-Pade waren ugeschwat ginn. Dat ass amgaang ze lafen. Bon, déi si jo och am ZuluDesk-Programm mat opgeholl ginn, fir de Schoulmeeschteren z'erméiglechen, spéider all d'I-Pade matenee a séier à jour ze setzen.

Déi Preparatioune, fir dat ze maachen, dauere awer e bësselche, well fir den Zuludesk muss all Apparat eenzel erfaasst ginn. Et ass och esou, datt déi I-Paden, déi mir virun engem Joer kaf haten, an déi mir dee Moment net konnten am Zuludesk ophuelen, elo och kënnen mat intégréiert ginn.

Dat wäert dann alles iwwert de Summer geschéien, da kënnen mir och de Schoule Gaffelt a Ribeschpont an där Hisiicht entgéint komme, fir datt si manner Aarbecht an Zukunft hunn, fir déi Tablette à jour ze halen.

D'Fro mat den Ausflich nach. Vu datt mir jo de Budget geännert hunn, fir datt d'Schoule d'Budgetë méi flexibel benotze kënnen, ob dat elo fir Sortie-pedagogiquen ass oder fir d'Ausflich, dat leeft elo grad momentan.

Mir hunn nach net all d'Dossieren eran, déi mir bräichte fir eng Iwwersiicht ze hunn, esou datt mir réischt zu engem spéideren Zäitpunkt de Bilan maachen kënnen, wéi et gelaf ass, a wou nach eventuell Schwierigkeeten ze léise sinn.

Ech weess just vum Här Mike Kickert, President vum Schoulcomité Deich, deen fonnt huet, datt dat eng gutt Léisung war an datt si vill méi Méiglechkeete hu fir flexibel ze sinn, wéi dat d'lescht Joer nach de Fall war.

Mat den anere Schoule musse mir eis nach eng Kéier zesummesetzen a kucke wat ze verbesseren, ze änneren wier, falls noutwendeg. Voilà, ech mengen dat wieren déi Froen, déi ech kéint beäntweren, esou direkt. Da géing ech dem Här Mischaux d'Wuert iwwerloossen.

Joël Mischaux (Direkter vun der Regionaldirektioun): Eier ech e puer Präzisioone zu de Remarquë wollt ginn, wollt ech fir d'éischt emol dovunner profitéiere fir der Gemeng Merci ze soe fir déi wierklech im-



mense agreabel Zesummenaarbecht an dann och mol eng Kéier menger Ekipp, déi och hei banne sëtzt, well ouni déi géing dat alles net lafen a ganz besonnesch deenen zwou Dammen, déi am Alldag um Büro setzen a wierklech fir all Doleance ëmmer en Quer hu fir all déi Leit, déi do schaffen.

An da wollt ech och d'Madame Gaffinet begrüessen, en neie Member vun eiser Ekipp, déi dann elo net méi Presidentin an der Gaffelt ass, mä elo zur Direktioun gehéiert. Jo, ofgegrast nennt een dat, ganz genau.

D'Madame Kayser hat gesot, datt d'Kanner gären zu Diddeleng an d'Schoul ginn. Dat schéngt awer och fir d'Enseignanten de Fall ze sinn, well mir sinn erëm an deem immense Luxus, datt quasi keng Plazen opbleiwe wat, mengen ech, am Land net üblech ass an dat mécht mech natierlech ganz besonnesch frou esou datt mir och elo op der éischter Lëscht quasi näischt haten.

Just am C1, de Rescht si mir direkt an de Sur-numéraire gaangen. Et wäert dann och an der 1 bis – bon, et ka sinn datt zwou Plaze fräi ginn an der 1bis – wat elo keng Grënn vun net Zefriddenheet huet, mä einfach d'Proximitéit vun der Wunneng, wou Leit dann awer villäicht wiesselen, mä mir wäerten dat dann ouni Problem spëtstens mat den Enseignant-stagi-airë besat kréien.

Villäicht och nach e Merci un d'Chef-de-servicë vum Fondamental um Ministère, wou mir wierklech eng exzellent Zesummenaarbecht hunn. Do hu mir dëst Joer, den Dan Biancalana an ech kruten dat gëschter nach bestätegt, wierklech alles accordéiert kruten, wat mir ugefrot hu vum Minister an esouguer nach e Surplus, deen ech ugefrot hunn, wou mir awer villäicht réischt da kënnen driwwer schwätze wann ech de Pabeier am Grapp hunn.

De Surplus wollt ech awer och nach ergänzen. Bon, an deem Fall ass et Butschebuerg d'nächst Joer, wou mir den Infirmier ugefrot hunn, dat ass eng Demande conjointe mat der Santé gewiescht, ech wëll dat just ënnersträichen. Ech hunn do awer nach kee Retour kritt, et kann elo sinn, datt deen an deem Package dran ass dee mir kréien a wa net da musse mir nach eng Kéier nohaken.

Ech wëll awer och soen, also den Här Vaessen, dee weess do besser Bescheid, datt do souwisou en Encadrement drop ass, ob elo en Infirmier kënnt oder net.

Do ass esou wéi esou en Doublement an der Klass.

Ganz wichteg och ze betounen zum Strutzbiërg, wou mir jo bis elo och an engem CDD ware fir déi Madame, déi do fir d'staatelech Kannerheemer intervenéiert, dat ass elo en CDI, dat heescht, déi Demande musse mir net méi frësch stellen, dat ass elo fix. Dat ass elo geännert ginn, kierzlech.

Zu den IEBSen, bon do sinn ech och ganz frou, datt den Deich dann elo zervéiert ass, dat hätte mir och éischter kéinten hikréien. Do huet einfach missen eng Demande hirkomme fir déi Plaz. Mir sinn dann och do landeswäit, mengen ech, déi all Schoul, net nëmmen zu Diddeleng mä och an deenen aneren zwou Gemengen, besat huet. Dat ass natierlech tipptopp. D'Psychomotricienne war gefrot ginn.

Mir hunn effektiv zwou Psychomotriciennes, déi intervenéieren. Déi kommen awer aus de Centre-de-compétencen an dat ass eben och e Punkt, d'Fro vum Här Zuang Richtung Centre-de-compétencë, war jo wéi déi Betraigung ofleeft. Dat sinn zwou Méiglechkeeten: deelweis kéinte Kanner do ageschoult ginn, wéi et zum Beispill an der Logopädie de Fall ass, déi jo dann och gottseidank an der Lenkeschlei hir Plaz wäert fannen.

Dozou nach ze soen, datt et och e Grupp Precocé ass, an de Nomëtteger, deen do wäert funktionéieren nieft deenen zwou Klassen. An deen anere Voleit vun de Centre-de-compétencen, ass deen an dee funktionéiert schonn, dat ass den Ambulatoire wou Verschiddener da stonneweis, blockweis, heiansdo e ganze Moien am Gebai intervenéieren. Notamment war dat dëst Joer an der Gaffelt de Fall an dat wäert och elo verstärkt stattfannen.

Zu der Psychomotricienne ass nach ze soen, datt d'Gemeng do, wat jo och gefrot gouf, eng Demande wäert maache fir eng Psychomotricienne fir an der Maison Relais ze kréien, déi kann dann intervenéieren. Dat ass alles um Lafen, wou mir dann awer eng Win-win Situatioun kréie wou natierlech... et sinn déi selwecht Kanner... dat ass alles an der Maach.

Zu de Quereinsteiger, et ass effektiv esou, datt mir majoritairement do guer keng Problemer haten an dat läit awer wierklech och un der exzellenter Begleedung vun deene Leit, vun deene Personnes de référence, wou mir der méi haten, déi sech gemellt hunn, wéi déi



déi mir konnten zeréckbehalen, wat wierklech super ass. An dat ass och de Feedback, deen d'Quereinsteiger eis ginn, datt si wierklech ganz gutt begleet sinn.

Wéi dat elo weider geet hat den Här Zuang gefrot.

Déi Leit, déi dat elo gepackt hunn, plus hiren theoretesche Volet, déi sinn, wann se et wëlle maachen, well déi si jo am staatleche Statut dran, zum Concours zouge-looss. Dat heescht, déi wielen duerno um Geesseknäp-pchen mat den Enseignant-Stagiairen hir Plaz.

Wann si dat net wëlle maachen oder wann si an ier-gendengem Deel echouéiert hunn, bleiwen si am Em-ployésstatus a ginn op d'Lëscht 2.

Ech mengen, dat sinn esou zimlech all d'Präzisiounen, déi ech dozou konnt ginn...

Romain Zuang (LSAP): Hu mir dann elo awer Kanner, déi an iergendengem Centre de compétences ageschoult sinn?

Paul Vaessen (Directeur adjoint vun der Regional-direktioun): Jo, mir hu Kanner, déi an engem Centre de compétences ageschriwwen sinn, souwuel scolariséiert do ginn, souwuel Scolarisation mixte, souwuel am Ambulatoire, déi och hei sinn.

Dozou wëll ech och nach ergänzen zum Här Mischaux wat e gesot huet wat och vun de Centren ugebuede gëtt a wat mir ganz ganz vill hei zu Diddeleng profitéieren, dat ass d'Guidance, souwuel Coaching wéi och Guidance, dat heescht, Professioneller aus de Centren, Professioneller um Terrain ënnerstëtzen andeems se hinnen Tipps an Tricks am Alldag ginn a Praxiswëssen esouwuel op struktureller Ebene wéi op alle Niveauen an dat ass wierklech eppes wou mir wierklech immens frou sinn, datt déi Centren eis dat esou ubidden. Merci.

Josiane Di Bartolomeo-Ries (LSAP-Schäffin): Sou, ech géing dann elo just nach déi Rechtsfroe beänt-werte déi nach gestallt ginn.

Precoce-Mëttesdësch a Butschebuerg – firwat keng Kantin. Ech mengen, mir hunn zu Butschebuerg en Agreement, dee läit bei 88 Kanner, mir kënnen leider de Moment net méi Kanner do ophuelen. Dat ass de Moment leider esou.

Ech sinn der Meenung, datt de Mëttesdësch am Precoce effektiv soll agefouert ginn, well mir hunn, wa mir de Congé parental kucken, deen ass hallef, do kann een sech e ganz Joer hallef fräi huelen, da bréngt de Mëttesdësch do sécher eppes.

Wéi gesot, Butschebuerg war éischer esou, datt een net méi muss de ganzen Dag kucken, wou gëtt mäi Kand versuergt wann s de schaffe gees mä eventuell nach ee wou ee kann an der Mëttesstonn iesse goen.

Mir hu fonnt, dat wier eng gutt Ouverture fir den Elteren entgéint ze kommen, datt si eventuell just brauche fir een dann an der Mëttesstonn. Et war eng Ouverture. Wéi gesot, de Rescht maache mir d'nächst Joer.

Ganz eppes anescht wat ech nach wëll soen, dat sinn d'Reglementer. Mir hunn den 20. Juni, ech mengen Dir hutt déi Invitatioun och scho kritt, do gëtt dat reng behandelt, do schwätze mir reng iwwer déi Règlementer, déi am Juli oder an deenen nächste Gemengerotssitzungen, déi sole jo ab September, ab der Rentrée applizéiert ginn.

De Contingent, ech wëll dozou just soen, ech hat dat villäicht elo virdru net gesot, de Contingent, jo, deen ass oft genannt ginn. Mir hunn zu Diddeleng de Mo-ment 1.873 Kanner ageschriwwen an déi sinn op 121 Klasse verdeelt. Dat ännert awer nach, bis mir dann herno um Schluss ukomm sinn.

D'Ausstattung vun de Gebaier, do wëll ech zwar ganz kloer soen, dat mir erëm eng Kéier den Tour gemaacht hu vun eise Gebaier. Do ass d'Fro komm, wéi ass et mat de Gebaier wou et uewe waarm ass, wou d'Sonn zur Fënster era schéngt a mir net gutt mat Storen ausgestatt sinn.

Mir hunn déi Gebaier festgehalten, zemoos zu Butschebuerg hu mir dat gesinn, do sinn d'Storë wierklech net ganz gutt. Do misste mir d'Gebai vun hannen eng Kéier anescht équipéieren.

An de Strutzbiërg, do ass och de Problem, dat ass um ieweschte Stack, och do si mir amgaangen, dat huet de Joël Freitas ganz fest um Programm an dat wäert och elo am Laf vun dësem Joer nach geschéien. Just nach ganz kuerz zum PEP



Ech hat gesot de PEP, de Pedibus, dat gehéiert fir mech zum PEP well et am Moment vun eise Maisons Relais aus gefouert gëtt, och den "Art à l'Ecole". Gëschter Mëtten hate mir eng Entrevue mam Ministère a mam Manuel Achten, wou mir gekuckt hunn ob mir déi Iwwerlappungen, well de Moment feelt eis jo och e bësselchen esou ... mir gi fréi well se ënnert d'Responsabilitéit vun der Maison Relais falen, datt mir e Programm maache, wou mir soen, majo mir hunn hei d'Zäiten do kënnen esouwuel de Schoulmeeschter wéi och d'Maison Relais eng Kéier den Tour maachen.

An ech mengen hei war et jo ëmmer just e Projet-pilote, dee Pedibus, mir wäerten doru schaffen an herno kann och villäicht de Schoulmeeschter mol soen, ma ech fänken um véirel op siwen un, an zemoos an der Lenkeschléi gëtt dat ganz bestëmmt e flotte Projet, wou mir kënnen maachen, datt déi zwee sech kënnen austauschen do.

"Bewegte Schule", ganz kloer, mir haten d'Präsentatioun an der Schoulkommissioun. Do ass et esou datt mir och elo rëm eng Kéier dee ganze Dossier un dat neit Léierpersonal geschéckt hunn, sou datt si ab September, wann si wëllen, sech beim Guy Hellers melle kënnen an da probéiere mir an deenen eenzele Gebaier där Projeten ze maachen. Och de Plastiksfräi probéiere mir ab der Rentrée an alle Klassen. Voilà.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries. Den Här Zuang huet nach eng Fro.

Romain Zuang (LSAP): Keng Fro méi. Ech wollt just... d'Madame Kayser hat virdrun eppes gesot vum Règlement d'ordre intérieur iwwer den Handy-Verbuert. Ech wollt lech just soen, datt mir 2016 schonn zu e puer Schoulen eng Ajoute gemaacht haten am deem dote Sënn wou mir dat kloer den Eltere matgedeelt hunn iwwer de Verbuert vum Handy während der Schoulzäit an esou weider.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Voilà, Merci och nach dem Här Zuang fir déi dote Präzisioun. Nach eng Kéier e ganz grouse Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries, dem Joël Mischaux an dem Erni Ferrari an och dem Här Vaessen fir déi Erklärungen, déi si hei ofginn hunn. Och e Merci un d'ganz Direktioun, datt si haut de Moien hei waren. Merci och de Conseillere fir hir Stellungnahmen an och déi breet Zoustëmmung wat déi provisoersch Schoulorganisatioun ugeet.

Nach musse mir se ofstëmmen. Dofir géing ech hei dem Gemengerot d'Fro stelle: Sidd Dir mat der provisoersch Schoulorganisatioun, esou wéi Dir se de Moie virgestallt krut, averstanen? Dat ass **unanime**. Villmools Merci an och lech Merci datt Dir de Moien hei waart.

Da géife mir weiderfueren.

5. GEMENGEPLANUNG A STAD-ENTWÉCKLUNG - APPROBATION VUN DER KONVENTION A VUM DUECHFÉIERUNGSPROJET BETREFFEND DEN DEELBEBAUUNG-SPLANG (PAG) "LIDL"

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Elo gi mir riwwer op de Projet d'exécution, op d'Konvention ronderëm de PAP LIDL an ech begréissen dann och hei an eise Reien den Här lasar vun der Societéit LIDL an den Här Schumacher an den Här Mathieu vun der Societéit Best an och d'Cathy Mambourg, eis Architektin.

Wéi gesot, mir hunn haut d'Convention d'exécution vum PAP LIDL virleien, ech wäert herno op déi verschidden Aspekter vun der Konvention agoen, ech wollt awer och, wann de Gemengerot et erlaabt, nach e kleng Virlaf huele fir nach eng Kéier e bëssen de Projet ze kontextualiséieren, engersäits chronologisch awer och nach eng Kéier vun der Ausrichtung hir, respektiv vum Bau.

Et ass jo esou, dat konnt Dir jo och nach eng Kéier an der Convention d'exécution erausliesen, dass de PAP ronderëm de Projet LIDL den 18. September 2015 hei am Gemengerot war, dee gouf och unanime hei op de Bänken approuvéiert. An deem Kader och vun der Enquête publique goufen et keng Reklamatiounen.

De Projet ass och am Dezember 2015 vum Inneministère approuvéiert ginn an haut op de 7. Juni hu mir d'Convention d'exécution virleien, also eng Suite logique vun der Exekutioun vum PAP wou et virun allem dorëms geet fir d'Travaux d'infrastructure ze maachen, de Mur anti-bruit an och de Bassin de rétention.



Mir hunn also hei d'Exekutioun vum PAP gutt dräi an en halleft Joer no der Approbatioun vum PAP hei am Gemengerot an, wat déi jeeweileg Grënn sinn, do wäert ech herno nach eng Kéier kuerz de Kader setzen.

Wat ass d'Ausrichtung vum Projet? Et muss ee soen, dass par rapport zu 2015 näischt geännert huet, d'Suerg vun der Gemeng an och d'Diskussioun, déi mir deemools hei am Gemengerot haten, ass jo, dass dee Projet hei stattfënnt an der Entrée de ville, op der N31, op der Lëtzebuergerstrooss, an et ass natierlech esou ze gestalten, dass grad well et d'Entrée de ville ass an et war eng Suerg vun den éischten Diskussiounen u vum Schäfferot, déi mir mat LIDL haten, dass een hei e Projet huet, an dat kënnt Dir och am PAP erausliesen, dass deem och Rechnung gedroe ginn ass, vun enger moderner Infrastruktur, eng modern Architektur, dat heescht net eng klassesch Struktur, eng klassesch Hal déi hei steet, mä, dass awer do deen néidege Soin um Niveau vun der Architektur mat erabruecht gëtt, dass och natierlech eng natierlech Belichtung an deem dote Bau erëmfannen ass an, dass een och hei eng Struktur erëmfënnt, déi sech an den Tissu existant abett - deem ass Rechnung gedroe ginn 2015 an dat huet hei net geännert - an, dass déi Diskussioun deemools ronderëm de Mur anti-bruit zu den Noperen och haut nach ëmmer Bestanddeel ass, dat huet an deem Sënn an der Ausrichtung net geännert.

Mir hunn hei e Bau mat enger Surface vu 5.400 Metercarréen, engersäits e Supermarché, engersäits awer och Büroen, déi d'Sociétéit LIDL herno selwer wäert bezéien a mir wäerten herno och Parkplazen hunn, déi um Domaine privé sinn, déi och awer um Domaine public si well jo eng Cessioun stattfënnt am Kader vun der Convention d'exécution - ech wäert duerno kuerz drop agoen - respektiv awer och en ënnerierdesche Parking virgesinn ass. Par rapport zum Projet vun 2015 huet sech wéi gesot näischt an deem Sënn geännert wat de Bau selwer vum Supermarché ugeet.

D'Grënn, dass fir dee Projet lo dräi an en halleft Joer duerno hei réischt d'Convention d'exécution virläit, dat huet mat enger ganzer Rei Punkten ze dinn, déi jiddweree hei bannen och suivéiere konnt an och driwwer eraus. Et ass esou, dass no der Ofstëmmung hei vum PAP am Juli 2016 Best respektiv LIDL jo eng Demande gemaach huet fir, dass déi véier Beem ewechkomme fir effektiv kënnen dann och déi néideg

Aarbechten ze maachen, respektiv d'Convention d'exécution, an do ronderëm natierlech goufen et och Diskussiounen och hei, muss ee soen, an Diddeleng, hei am Gemengerot, awer och mat enger Biergeriitiativ, engersäits ronderëm d'Erhale vun der Baamallee respektiv awer och ronderëm déi generell Verkéiersstudie, déi mir haten zwëschent Diddeleng a Betebuerg.

An et ass och esou, dass ab deem Moment wou d'Demande gemaach gouf vun der Sociétéit LIDL, dass och wat d'Decisioun wat déi véier Beem ugeet och um Niveau vum Ministère en suspens jo gehale gouf, respektiv och an deem Kontext dann och de Projet en suspens gehale gouf an och do eng Rei Reuniounen stattfonnt hunn am Ministère par rapport zum Projet, dat war deemools nach de Staatssekretär, de Camille Gira, deen do Entrevuen hat esouwuel mat der Sociétéit LIDL, mat enger ganzer Rei Diddelenger Bierger an och, wéi gesot, mam Schäfferot.

En neie Moment gouf et am September 2018, also gutt zwee Joer duerno, an do hat effektiv dann den Ëmweltministère festgehalen, dass déi véier Beem sollten ewechkommen.

An an deem Kontext an och foussend op déi Diskussiounen, déi mir och selwer haten als Gemeng mam zoustännige Ministère, hu mir e Recours gracieux gemaach par rapport zu deene véier Beem, sou, dass et effektiv fir eis am Fong ëmmer kloer war, dass der zwee sollen ewech kommen, déi den direkten Accès an de PAP solle kënnen garantéieren, dass awer aner zwee Beem, déi och ëmmer zur Diskussioun waren, a wou et fir eis kloer war, dass déi net onbedéngt direkt misste fortkommen, dass mir dat nach eng Kéier an d'Diskussioun, an d'Schuel geworf hunn an dorops hin och dee betreffende Recours gracieux am Fong gemaach hunn an deem och Rechnung gedroe ginn ass. Dat heescht, mir haten dorops hin och am Kader vum Recours gracieux eng Entrevue am Ministère respektiv war och eng Visite op der Plaz mam Ministère a mat Ponts et Chaussées, well een hei nach eng Kéier betoune muss, dass wat déi Beem ugeet, déi an der Lëtzebuergerstrooss stinn, net d'Gemeng Propriétaire vun deene Beem ass mä, dass de Staat respektiv Ponts et Chaussées jo deementspriedend Propriétaire ass.

Mä, dass op alle Fall mat deene jeeweilegen Acteure eng Entrevue op der Plaz war, dat war am Februar



2019, an do effektiv jo schlussendlech d'Decisioun getraff gouf, dass just zwee beem ewech kommen, wat jo och eng Woch duerno gemaach gouf an, dass am Fong der zwee deementspriedend erhale bleiwen, esou, dass par rapport zu der initialer Ausrichtung vu véier Beem just der zwee ewechgeholl goufen, jo och gepréift gouf op déi kënne verplantz ginn, bon dat war deementspriedend net méiglech.

Op alle Fall ass par rapport zu der initialer Situation, an dem Sënn nogebessert ginn, esou wéi och am Kader vun dem heite PAP et jo och esou ass, dass souwuel um Domaine public wéi och um Domaine privé nei Beem geplantz ginn, dat si ronn 40 Stéck, déi nei derbäi kommen.

Voilà, dat nach eng Kéier fir e bëssen de Kader ze setze vun deenen Diskussiounen, déi stattfonnt hunn ronderëm deen dote Projet an der Entrée vun Dideleng, op der N31.

Mir hunn dann och elo vir, datt iwwer deen heiten Accès an och iwwer d'Convention d'exécution, iwwer d'Travaux d'infrastructure och e neien Accès wäert entstoe fir hei an de PAP ran.

Ech wollt hei och an dësem Kontext präziséieren, dass de Moment och wierklech kee konkrete Projet besteet, och guer keen Avant-projet, wat de Reamenagement ugeet vun der N31, respektiv et och fir eis kloer ass an deenen Ausféierunge ronderëm dee Recours gracieux, dee mir am Fong jo och gemaach hunn, an datt et fir eis och nach weider wichteg ass, dass d'Baamallee an der N31 ganz kloer erhalen och bleift.

Voilà, dëst gesot, e bëssen dee méi generelle Kontext awer och zréckzeféieren ronderëm deen dote PAP.

Wa mir elo bësse méi an den Detail gi vun der Convention d'exécution, dann ass et esou, dass déi natierlech gülteg ass fir zwee Joer ab deem Moment wou se approuvéiert gëtt, wou dann och d'Sociétéit LIDL déi néideg Travaux d'infrastructure da muss maachen a wéi natierlech hei den Objet och seet vun der Konvention, müssen hei natierlech d'Ëmsetzung gemaach gi ronderëm de PAP, dee jo dann den 8. Dezember 2015 vum Inneministère gutt, guttgeheescht gouf nodeems mir de Vote hei den 18. September 2015 haten.

An et gëtt hei an dëser Konvention engersäits Travaux d'infrastructure ze regelen, natierlech

Travaux d'infrastructuren, dat heescht deen neien Accès an de PAP eran, respektiv d'Strooss an de Parking, respektiv an de Supermarché. Et geet awer och dorëms, d'Cession gratuite ze regelen, esou wéi dat en enger Convention d'exécution am Fong virgesinn ass.

D'Gesetz gesäit jo vir, dass dat 25 Prozent sinn.

Bon, hei si mir liicht driwwer mä mir sinn eis op alle Fall eens ginn, dass hei eng Cession gratuite wäert stattfannen och wa mir liicht iwwer deene 25 Prozent deementspriedend och sinn.

De Phasage gesäit ganz kloer vir, dass déi Travaux d'infrastructuren an enger eenzeger Phase gemaach ginn an, dass se am Fong zwielef Méint wäerten daueren. Natierlech, no dëser Convention d'exécution wäerte mir dann och e Permis de construire ausstelle fir déi Travaux d'infrastructuren ze maachen, duerno gëtt och nach e Permis de construire ausgeliiwert fir de Bau wéi gesot selwer, also et si wéi gesot zwee Momenter, an natierlech, éier déi Aarbechten stattfannen, muss natierlech d'Sociétéit LIDL déi néideg Autorisationen virleien och hunn.

Natierlech ass och virgesinn hei an der Convention d'exécution, dass Reunion-de-chantiers stattfannen an, dass natierlech alles wat ronderëm d'Salubritéit an d'Sécurité ugeet natierlech och hei de Maître d'ouvrage do déi néideg Precautionen muss och huelen an, dass och natierlech d'Sociétéit LIDL e Rückhaltebecken, e Bassin de rétention, hei muss maachen, och dat ass Partie intégrante deementspriedend vum PAP.

Déi Garantien, déi d'Sociétéit muss ofginn am Kader vun den Travaux d'infrastructuren, dat ass e Montant vun enger Millioun dräihonnertföfzengtausend Euro, dat fousst op engem Devis vum 7. Dezember 2018, och dee war jo Partie intégrante hei vun den Dokumenter, déi Dir jo och virleien hutt.

An natierlech ass déi Garantie néideg fir d'Gemeng am Fall wou déi Aarbechten net géife gemaach ginn oder net kéinte gemaach ginn, aus iergendwelche Grënn, dass d'Gemeng op dee Montant kann zréckgräife fir dann effektiv déi Aarbechten och ze maachen an déi Garantie gëtt natierlech liberéiert - wéi gesot - iwwer déi Phase wéi d'Aarbechten och



deementspriechend, d'Travaux d'infrastructure och am Fong exekutiert ginn.

Wat den Domaine public ugeet, déi Cession gratuite, do si mir hei bei 28,31%, déi an den Domaine public falen. Wéi gesot, d'Gesetz gesäit vir, dass et 25% Prozent sinn a wann et iwwer 25% ass, do kann natierlech de Maître d'ouvrage eng Indemnitéit bei der Gemeng ufroen, mir sinn eis hei eens ginn, dass effektiv bei deenen 3,3% wou et hei driwwer ass, dass mir am Fong hei effektiv keng Indemnitéit gefrot och kréien.

Wat d'Autorisatioun wéi gesot ugeet, hat ech virunner gesot, dass et hei em e Supermarché respektiv Bürogeet respektiv och e Bassin de rétention. Wat awer och natierlech mir hei festgehalten hu wier och en Impakt ze limitéiere vun Ufank un och vis à vis vun den Anrainer ronderëm d'Limité vum PAP, dass den Ecran anti-bruit, dass deen och direkt gebaut gëtt am Kader och vun den Travaux d'infrastructure an net an enger zweeter Phase réischt wann de Supermarché sollt gebaut ginn, dass mir am Fong dat am Fong virgezunn hu fir och dat deementspriechend och ze maachen.

Voilà, ech mengen, dat ass och hei d'Diskussioun ronderëm déi heite Convention d'exécution, ech mengen Dir gesitt jo och unhand vun de Pläng déi mir kritt hunn, dass effektiv dee Mur antibruit direkt och gebaut gëtt. Dat gesäit een och unhand vun den Dokumenter, dat gesäit een awer och wéi gesot unhand vun den Dokumenter wat effektiv och Zoufahrtstrooss ugeet, sief et vun der N31 eran an de PAP respektiv awer och vum PAP dann eraus op d'N31, dass dat och deementspriechend hei geregelt gëtt iwwer Lénks- a Rechtsabbieger respektiv, dass och hei par rapport zum PAP, dee mir 2015 gestëmmt hu jo och eng Encoche virgesinn ass fir deementspriechend och e Busarrêt kennen z'amenagéieren.

Alles dat sinn natierlech och d'Demanden, déi bestanen hu säitens vu Ponts et Chaussées well déi och eng Permission de voirie ginn, och déi ass jo deementspriechend och Partie intégrante hei vum Dossier well mir jo hei op enger Staatsstrooss jo och sinn, esou, dass natierlech och mat hinnen deen dote Volet och ofgestëmmt gouf am Kader vun dëser Convention d'exécution.

Voilà, dëst gesot mengen ech, engersäits hu mir hei d'Convention d'exécution virleien also näischt berauschend Neies well et eng Suite logique ass vun der Ex-

ecutioun vum PAP mä awer mengen ech hannert deem dote PAP e ganzen Historique ass an ech wollt awer och dee Kader nach eng Kéier hei kloer skizzéieren an ech mengen dat hunn ech probéiert ze maachen an ech mengen elo sinn d'Diskussiounen an d'Stellungen hei am Gemengerot op. Voilà, Merci.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci Här Buergermieschter fir d'Wuert. Wéi Dir gesot hutt, am September 2015 huet och d'CSV de PAP fir de LIDL mat approvviert.

Mir hunn ëmmer fonnt, mir misste proaktiv si fir nei Aarbechtsplazen op Diddeleng ze kréien, wat jo interessant war, dass den Impôt commercial dann och an d'Luucht geet, an et huet jo och geheescht, de LIDL géing säi Siège dann op Diddeleng verleeën. Dofir och meng Fro ob dat nach ëmmer esou ass?

Ech war elo e bëssen erstaunt ze héieren, dass d'Bürosraimlechkeeten, déi sollte geschaf ginn - deemools huet et geheescht, et wieren dann och nach Bürosraimlechkeeten op fir aner Interessente, well jo och e grouss Bedarf u Bürosraimlechkeeten hei zu Diddeleng besteet. Wéi ech awer elo aus Ärer Interventioun héieren hunn, ginn déi Bürosraimlechkeeten exklusiv vu LIDL benotzt. Dat ass dann natierlech e bësse méi schuet, mä bon, wéi gesot, wann se de Siège dann heihinner bréngen da wier dat jo eng ganz gutt Saach.

Mir haten awer och am September 2015 schon eis Suerge matgedeelt, wéi et da mam Traffic op der Lëtzebuergerstrooss sollt weidergoen. Wann nach Clienten, wann d'Personal, wa virun allem awer och d'Fournisseure sech vun deem Site vum LIDL an de Verkéier net integréiere mä an de stehende Verkéier derniewent stellen oder drastellen.

2015 ware mir och op engem ganz aneren Diskussionslevel, deemools stoung am Gespréich, dass d'Lëtzebuergerstrooss eventuell sollt véierspueg ginn an Dir hutt schonns ausgefouert, dass dat awer fale gelooss ginn ass, dass elo d'Lëtzebuergerstrooss esou bleift wéi se ass, et gi just zwee Beem ofgeholzt - wou mir och frou sinn, dass déi aner konten erhale bleiwen -, dass mir do och eng Zouso kritt hu fir, dass mir déi schéi Bamallee sollen erhalten, wat e wichtege Aspekt vun där schéiner Entrée an Diddeleng eran awer ass, dass déi behale bleift.



Ee Moment, e ganz neie Moment zënter 2015 ass, d'CFL multimodal war déi Zäit nach net voll operativ, de Rondpoint, d'Baustell war nach net do an en anere Moment ass e ganz neie Moment, dee kolum, wéi Dir virun e puer Sitzungen eis matgedeelt hutt, dass de Quartier A Bëlleg sollt erschloss ginn, op der Lëtzebuergerstrooss, de Quartier A Bëlleg mat 200 Wunnengen, wou de ganze Verkéier drainéiert gëtt op d'Lëtzebuergerstrooss an de stehende Verkéier, kann ech do nëmme soen zu de Spëtzenzäiten - eis Iddi vun der CSV war jo fir do en autofräie Quartier ze entwéckelen, dat gouf vum Schäfferot net opgegraff, bref, do kommen och nach eng Kéier honnert Autoen all Moien an all Owend derbäi.

Dat heescht, d'Lëtzebuergerstrooss, ech mengen déi Leit, déi se heiansdo benotzen, déi wëssen, dass wann s de an de Cactus op Beteberg akafe gees, muss du da genau iwwerleeë wéini, dass du gees, well soss brauchst du eng dräivéirel bis eng Stonn, dat ass net gelunn, vum Cactus bis viru meng Dier, déi op der Lëtzebuergerstrooss ass.

Voilà, dat dote gesot, zréck zum Projet LIDL: Eis Propos war deemools och schonns, firwat net déi Zoufaart bei de LIDL direkt vun der Autobunn ze verbanne mat der direkter Zoufaart, déi sollt fir d'Zon Koibestraachen gemaach ginn, firwat do net eng Kréngel maache vun der Autobunn erof fir bei de LIDL vun hannen erbäi ze fueren, well da kéinte mir wéinstens e groussen Deel vun den Accèsen oder vun de Leit déi wëlle bei de LIDL fueren, sief et liwweren, anersäits drainéieren.

Déi zweet Propose, déi mir jo schonns méi laang gemat hatten, dat war eng Stéchstrooss ze bauen, Koibestraachen - Näerzengerstrooss, do hätt een dann och kennen eng Kréngel bei de LIDL bauen, dat ass net geschitt.

Iwwer d'Lëtzebuergerstrooss komme wéi gesot d'Liwwercamionen, och Dir wësst wéi een Impakt dat huet. Dir wësst et enne beim ALDI, déi ginn och regelméisseg beliwwert. Dir wësst et wéi et ass mam Chaos mat de Camionen, déi bei déi berühmten Tankstell ennen op der Lëtzebuergerstrooss tanke ginn. Dir wësst wéi et ass mam Beruffsverkéier. Dir wësst wéi et ass mat de Leit, déi aus dem Statslabo krampfhaft versichen, do aus dem klengen Lach do erauszekomme wann se fäerdeg si mat schaffen, dat ass eng mer à boire, déi müssen och theoretesch mat erof fuere bis ennen hinner fir ze dréinen, bezéiungsweis, se probéieren dann awer sech

iergendwéi eranzedruddele fir lénks ofzebéien um fënnef Auer, also de Chaos, deen ass schonns do, dee brauche mir net ze kreéieren a mir fannen et momentan zu dësem Moment absolut net opportun, des Konventioun ze ënnerschreiwien.

Mir musse fir d'éischt d'Verkéisersituatioun, dee Verkéiserschaaos op der Lëtzebuergerstrooss an de Grëff kréien. An deen dierf net nëmme op engem Plang gezeechent ginn a mir dierfen net nëmme soen "Oh, wann elo de Rondpoint opgeet dann ass alles "Friede Freude Eierkuchen", dat ass net esou.

Wa mir net en Accès vun der Autobunn erof vun hanne bei de LIDL maachen, wa mir net eng Stéchstrooss hu vun deem Areal Richtung Näerzengerstrooss, wa mir dee ganze Verkéier op déi Lëtzebuergerstrooss drainéieren, fanne mir, dass dat inakzeptabel ass an net gutt ass fir elo dës Konventioun ze approvéieren.

Mir fannen, dass et d'Aufgab ass vum Schäfferot, an déi hätt schonns laang misse gemat ginn, am Dialog mam Transportminister, am Dialog mat Ponts et Chaussées, fir kloer ze soen "Hei, wéi gesitt Dir dat, wéi kréie mir dat Verkéiserskonzept wat eppes bréngt hei zu Diddeleng endlech op eng richteg Schinn?" An et ass net nëmme de Problem vum Verkéier, vum Autosverkéier, mä et ass e globaalt Konzept.

Eis feelt et u gesamte Léisungsvirschléi an och Léisungen, wéi mir dat ganz Verkéiserskonzept hei zu Diddeleng kënne regelen an dat gëllt och fir de Verkéier op der Schinn.

Wéi ass et do mat de Verhandlungen mat der CFL?

Wéi ass et mat de Verhandlungen mat enger Luxtram oder ähnlecher Firma, déi eis eng seriö Propos kënne maache fir eng Schinnnekonnexioun vu Wuermereng, respektiv vum neie Quartier Neischmelz mat Beteberg?

Mir hunn, et ass gerühmt ginn, jo dee Quartier A Bëlleg, dat gëtt e super Quartier well dat jo esou no bei Eisebunn ass, d'Leit huelen alleguerten den Zuch, bon, wéi gesot dat wäert wahrscheinlech net esou si well jiddweree mécht saï Stau selwer, Dir wësst et selwer, jiddwereen deen am Auto steet ass selwer Schold, dass en drasteet, mä et si vill Leit, déi hu keng aner Méiglechkeet a mir waarden hei nach ëmmer op konkret Proposen.



Fir elo op der Lëtzebuergerstrooss zu dësem Moment LIDL ze implantéieren ass an eisen Aen eng Idiotie.

Dir hutt lech schonn an de Knéi geschoss wéi Dir de Quartier A Bëlleg net autofräi gemaach hutt, elo schéisst Dir den zweete Bock andeems Dir dem LIDL just eng Opfahrt an eng Ausfahrt op d'Lëtzebuergerstrooss kritt, dat geet net, dat gëtt Chaos, d'Leit sinn onzufrieden, d'Leit gi granzeg, herno muss ee geschwënn d'Leit zëssen, dass se soe jo ech kommen net méi op Diddeleng wunne well du kënnst net méi dohinner an du kënnst net méi fort, an Dir wësst, d'Lëtzebuergerstrooss ass eng vun deene gréissten Zoufahrtstroossen an Dir sot ëmmer "Et ginn Etüde gemaach, et ginn Etüde gemaach", also ech weess net ob nach ni en sech eng Kéier mol dohinner gesat huet a moies gezielt huet, ab sechs Auer, oder véirel vir siwen allerspéitstens muss du vun der Lëtzebuergerstrooss fort si fir iwwerhaupt kënnen iergendwou aus Diddeleng erauszekommen, an owes, et ass onméiglech.

An ech weess net op Dir do einfach Scheiklappen unhutt oder einfach, mengt dat wier alles net esou schlëmm, oder wa mir lo de berühmte Rondpoint hunn dann ass alles besser, mä esou ass et net.

A mir sinn dofir der Meenung, dass et elo Mol Är Aufgab ass, d'Hausaufgaben ze maachen an de Bock bei den Haren ze huelen an dann ze soen, hei Diddeleng a speziell déi Lëtzebuergerstrooss déi ersaift am Verkéier a mir müssen elo Mol konkret eppes maache fir den ëffentlechen Transport, ech schwätze guer net vum Bus, well dee steet och am Stau, also ech mengen Dir wësst och ganz genau wéi et ass wann Dir mam 305 fuert, dat bréngt näischt, mä mir brauchen e Konzept an dat esou séier wéi méiglech musse mir dat hunn, Dir wëllt lo nach e LIDL dohinner bauen, Dir wëllt A Bëlleg dohinner bauen, d'Neischmelz wäert Dir lo frou sinn, dass déi rëm e neien Direkter hunn, elo wäert dee Projet schonn rëm no hanne geschibt ginn, do kommen dausend Wunnengen, 2.300 Awunner, gleeft mir, do sinn der och vill déi net den Zuch huelen, jee nodeem wéi hir Aarbechtszäite sinn, déi fueren och iwwer d'Lëtzebuergerstrooss an ech fannen oder mir fannen, dass et momentan zu dësem Zäitpunkt irresponsabel ass, hei eng Autorisatioun ze ginn, well dat bréngt nëmmen zousätzleche Chaos, Onzufriedenheet fir eis Bierger an dat wier jo och eppes wat mir wierklech net wëllen.

Wann de ganze Problem geléist ass, guer kee Problem, d'Konventioun u sech, de Projet, do sti mir nach ëmmer voll derhannert, mä zu dësem Zäitpunkt ass et net opportun, dës Autorisatioun ze ginn, dat ass eis Meenung. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, sinn nach weider Stellungnahmen? Normalerweis gi mir deenen anere Parteien d'Wuert, dofir géif ech der Madame Goergen fir d'éischt d'Wuert ginn, éier den Här Gangler seng Stellungnahm nach kann huelen. Madame Goergen, Dir hutt d'Wuert.

Romy Goergen (Déi Gréng): Gutt, Merci. Wéi mir 2015 iwwer de PAP vum LIDL diskutéiert hunn hei am Gemengerot hat ech am Numm vun deene Gréngen eng Rei Problemer opgeworf, déi mir mat dësem Projet haten an och nach hunn.

Mir haten deemools eis Bedenken net am Vote zum Ausdrock bruet, well de PAP duerchaus konform war zu deem wat eise PAG an och de Plang directeur vun Helper virgesäit.

Mir waren awer och der Meenung, dass en zweeten Discounter an der Entrée vun Diddeleng net ubruecht wär an, dass dës Supermarché mat sengem Zougang zu der Lëtzebuergerstrooss zousätzlech Verkéiersproblemer géif bréngen. Mir haten och deen net nohaltege Geschäftsmodell a Fro gestallt, wat zwar näischt mat engem PAP ze dinn huet.

Och dës Konventioun zwëschent der Gemeng an dem LIDL, grad esou wéi de Projet d'exécution sinn an der Rei. Et si Mesure-compensatoire virgesinn, e Waasser-Rückhaltebecken regelt d'Opfänke vum Reewaasser an esouguer nach eng gënschteg Beliichtung, eng Ofschirmung géint de Kaméidi si virgesinn.

Et sinn och zwee Beem an der Allee gerett ginn a mir si frou, gläichzäiteg ze héieren, dass keng Gefor ass fir d'Allee.

Wat de Fong vun eise Bedenken awer betrëfft, esou huet sech un der Situatioun net vill geännert an héchstens zum Schlechten.

Et kann een sech nach manner gutt virstellen, dass Autoen och nach vun do eran- an eraus en direkten Accès op d'Lëtzebuergerstrooss kréien.



Bon, d'Madame Kayser war esou konkret wéi et nëmme konnt sinn, fir ze erklären, wéi déi Lëtzebuergerstrooss an der Zwëschenzäit ausgesäit. Gläichzäiteg ass och nach, oder a leschter Zäit ass och nach e grouse LIDL op Féitz komm.

Mir kënnen eis vu klengen a grouse Supermarchéen an der noer Ëmgéigend geschwënn net méi retten.

Mir sinn also nach ëmmer net iwwerzeegt vun deem LIDL als zousätzlechen Discounter an der Entrée vun Diddeleng an deem zousätzleche Verkéier, deen e bréngt.

Dës Kéier wéilt ech dat awer och an engem Vote zum Ausdrock bréngen andeems ech mech am Numm vun deene Gréngen enthalten. Et ass also méi eng Enthaltung aus prinzipielle Grënn an net wéinst deem wat mir konkret virleien hunn. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci der Madame Goergen.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Meng Fro ass méi eng technesch. Obscho mir elo gëschter nach dee Plang nogeschéckt kritt hunn, war et mir onméiglech, erauszefannen, wou genoe dee Mur anti-bruit ass. Wann Dir eis dat vläit do op Ärem Plang kéint weisen.

An anerersäits froen ech mech: Firwat ass dann deen Ecran anti-bruit net an dem Devis dran? Wann ech richteg gekuckt hunn, sinn do all d'Infrastruktur-saarbechten dran, just den Ecran anti-bruit net.

Ech hunn awer iergendwou gelies, dee misst fir d'éischt gemaach ginn éier déi Infrastrukturearbechten iwwerhaapt ugefange ginn. Mä ech fannen an deem Devis néierens wat d'Käschte si vun deem Ecran anti-bruit. Dat heescht, de Moment ass jo nach guer net projezéiert wann ech dat richteg gesinn.

Dat war déi méi technesch Fro déi ech hat.

An eng aner déi ech hätt, wéi gesäit et aus wann de LIDL bis sollt funktionéieren, kommen do Luuchten hin, fir, dass d'Leit kënnen do erabéien an den Areal? Ech hat jo gemengt verstanen ze hunn dass eng zousätzlech Ofbéispuer net méiglech wier well mir wëllen eis Bamallee erhalen. Wéi soll dat do geregelt ginn? Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci. Sinn nach weider Stellungnahmen? Martine Bodry Kohn.

Martine Bodry Kohn (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Dir hutt eis elo scho ganz vill Explikatiounen ginn an och en Historique zu deem Dossier an ech géif elo gär am Numm vun der LSAP Fraktioun och nach eng Kéier soen, dass mir dës Projet begrëissen. E Projet, dee weist, wéi gewëssenhaft esou e wichtege Dossier hei zu Diddeleng traitéiert gëtt.

LIDL ass 2009 Propriétaire gi vun dëse véier Parzellen am Agang vun Diddeleng a säitdem lafen d'Diskussionen fir déi beschtméiglech Léisung fir eis Stad ze fannen.

Et ass Rechnung gedroe ginn, esouwuel de Besoine vu LIDL mä awer och a virun allem de Suerge vun den Diddelenger Leit a besonnesch hei den Nopere vun där heiten Zon.

E besonnescht Uleies war eis all net ze vill vun deene schéine Beem an der Baamallee ze verléieren. Mat elo zwee Beem, déi ewech komme fir d'Entrée ze maachen, ass hei de Schued op e Minimum reduzéiert ginn, wat eis alleguerte freet.

Wéi mir an der Konventioun nach eemol kënne liesen, gëtt och virgesinn, datt um Areal ronderëm de Parking vum LIDL nei einheimesch Beem rëm ugeplant ginn.

Diddeleng huet esou seng schéin Entrée a Richtung Betebuger erhalen an ech felicitéieren dem Schäfferot fir seng Hartnäckegkeet an dësem Dossier.

Eng Cellule d'évaluation huet all d'Aspekter vum Dossier ënnert d'Lupp geholl a Léisungen gesicht. Intensiv Gespréicher mam Wasserwirtschaftsamt a mat Ponts et Chaussées hunn dës Projet weiterentwéckelt. Och urbanistesche an architektonesche ass hei probéiert ginn, eppes Flottes ze schafen.

Net deen übleche Flachbau, mä e Gebai mat dräi verschiddenen Héichten, déi fléissend an de Wunnquartier iwwerginn an sech deem upasst.

Ausserdem ass och nach e Wall geschafe gi fir den eventuelle Kaméidi, dee beim Ofluede kéint entstoen, ze minimiséieren.



D'Entrée vum Parking wäert op der Haaptstrooss leien, bis dohinner wäert dann och de Statslabo geschwë seng eegen Entrée kréie vum Rondpoint aus, wat dann och rëm d'Haaptstrooss wäert entlaaschten.

Op enger Surface vu ronn engem Hektar entstinn esou eng Surface commerciale vun 2.320 Metercarréen a Bürosfläche vun iwwer 3.000 Metercarréen.

Schaffen, wunnen, akafen, Diddeleng ass eng lieweg Stad an ass trotzdem, dass mir kontinuéierlech wuessen, eng Stad vun de kuerze Weeër, an dat soll och esou bleiwen.

Dat bedeit Liewensqualitéit, dat bedeit manner Stress, mä dës Majoritéit huet och ëmmer en oppent Ouer fir berechtigt Forderungen a Suerge vun de Leit. Dat weist iwwerdeems erëm, wéi dësen Dossier gehandhaabt gëtt.

Mir ginn dobausse fir eis schéi Stad bewonnert a gelueft. Wann ech elo hei Wieder héiere wéi "Irresponsabilitéit" oder "Scheiklappen unhunn", da ka mech dat nëmme wonnere.

Well irresponsabel wier de Stéllstand, irresponsabel fir eng Stad wéi Diddeleng, mir hunn de Moment de Cap vun 20.000 Awunner geholl a verschidde Leit wëlle weiderliewe wéi wa mir um Duerf wieren. Dat geet net. Mir mussen eis deenen Erausforderungen stellen an datt dat Zäit brauch, datt dat Etüde brauch, déi elo hei erëm a Fro gestallt ginn, eleng de Fait datt Etüde gemat ginn, fannen ech komesch.

Ech mengen, hei gëtt mat ganz vill Soinen esou Dosieren ugeholl, hei gëtt sech ganz vill Zäit gelooss fir datt eng beschtméiglech Léisung fonnt gëtt fir alle guerten déi Problemer, dofir ass och dee Rondpoint geplangt, dofir gëtt dee Rondpoint gemaach, an dee wäert ganz vill Problemer léisen, well et ass fir en Dossier wéi deen heiten en idealen Emplacement well d'Leit keng wäit Weeër hu vun der Autobunn, och wat d'Belüftung ubelaangt, mä awer och d'Clientèle.

Dat heescht, d'Hausaufgaben, déi ginn hei gemaach hei zu Diddeleng, dat brauch och keen eis hei nach eng Kéier ze rappelléieren a fir dann och vun engem Quartier wéi A Bëlleg hei ze schwätzen, wou d'Leit hätte praktesch solle verbuede kréien en eegenen Auto ze hunn, ass och e bësse cocasse.

Ech mengen, dat ka keen engem Mënsch virschreiwen, mä et ass sécher och do d'Konzeptioun ass ganz am Detail gemaach, dat heescht, mir wäerten och do weiderhin drop oppassen, datt dat och ëmgesat gëtt, datt dat e verkéierreduzéierte Quartier gëtt.

A bis dohinner wäerte mir och eng Léisung mam Transport fannen. À propos Transport, dat ass ëmmer déi selwecht Leier, hei gi Saachen der Gemeng Diddeleng ugedroen, déi eng national Léisung mussen fannen, dat heescht, hei gëtt da gesot "Maacht Är Hausaufgaben", Dir schwätzt hei mam Diddelenger Schaffen- a Gemengerot, dat heescht, hei mussen déi Verkéiersproblemer, déi mir hautdesdaags hunn hei am Land, déi ginn net hei haut an dësem Raum hei geléist, dat wësst Dir grad esou gutt wéi ech, mä et gëtt ëmmer erëm widderholl, et gëtt ëmmer erëm dohinner geluet wéi wann hei schlechte Wëlle wär, wat definitiv net de Fall ass, also kënne mir eis déi Remarquë spueren. Irresponsabilitéit, dat wier hei Stéllstand hinze kréien, a Scheiklappen huet och dës Majoritéit sécher net un, Scheiklappe wär esou wieder ze maachen an sech de Problemer net ze stellen.

Dat heescht, mir felicitéieren dem Schafferot nach eng Kéier fir d'Ëmsetze vun dësem Dossier an en décke Merci geet och vun eiser Säit aus un déi Cellule d'évaluation, a besonnesch och hei un déi Verantwortlech vum Büro d'études Best, déi hei iwwer déi lescht Joeren eng kompetent a konstruktiv Aarbecht geleescht hunn an eis an deem Dossier hei begleet hunn. Villmools Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Martine Bodry Kohn. Sinn nach weider Stellungnahmen zu der Convention d'exécution? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da géif d'Claudia Dall'Agnol d'Stellungnahm vum Schafferot huelen an ech och nach.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schaffin): Jo, Merci fir d'Wuert, ech probéiere mech kuerz ze faassen. Och wann Dir et net gär héiert, Dir wësst, datt do nach ëmmer e Chantier ass, e Chantier fir e grouss Rondpoint. Dir wësst, datt duerch dee Chantier och d'Opfarten, zum Beispill op d'Escher Autobunn, geännert gi sinn, datt ee muss e ganzen Tour fueren a wa mir dee Chantier endlech mol hannendrun hunn, da wäert de Verkéiersfloss op der Lëtzebuergerstrooss och rëm vill besser si wéi dat haut de Fall ass.



Et ass scho vu menger Virriednerin gesot ginn, hei gëtt ëmmer gemat wéi wann dat eis, eng Gemengestrooss wär, Dir wësst ganz genau, datt dat eng Staatstrooss ass. Dir kënnt lech erënnere wat dat fir en, an ech soen et elo bewosst, wat dat fir en Cinema war fir iwwerhaupt eng Bushaltestell dohinner ze maachen, wou deen nämmelechte Ministère e Bus agefouert huet an deen aneren d'Autorisation net ginn huet fir iwwerhaupt eng Bushaltestell ze maachen.

Och do, wéi gesot, dat ass eng Stadsstrooss, mir sinn net Här a Meeschter.

Da gëtt hei vu Konzept a vu Léisungsvirschléi geschwat. Wat ass dat anesches wéi Etüde maachen?

Wa mir keng Etüde maachen, da kréie mir keng Léisungsvirschléi an d'Madame Bodry huet gesot, et géing esou higestallt gi vun der CSV wéi wann dat schlechte Wëlle vum Gemengen- a vum Schäfferot, haaptsächlech vum Schäfferot dann ebe war, ech nennen dat net schlechte Wëllen, ech nennen dat dote bëllege Populismus, well wann d'Léisung nämlech esou einfach wär wéi Dir et duerstellt, ech ka mech erënneren et gouf eng Kéier en dichtege CSV Developpementsminister an Infrastrukturminister, wann d'Léisung esou einfach gewiescht wier, dann hätt deen déi deemools scho fonnt an dat war keen LSAP-Minister mä dat war déi Zäit wéi gesot en CSV-Minister.

An déi Léisungen, déi et ginn, déi leien elo schonns um Dësch. Do fiert en Zuch, do ass eng Gare mat engem Quai wou s du op zwou Säiten erauskënns, do ass e Bus, deen all véirel Stonn fiert, den 305, an och de Citybus bënnt d'ganz Soibelkaul un. Mä kënne d'Leit net forcéieren en ze huelen. Wann emol eenzel Diddelenger déi op der Lëtzebuergerstrooss wunnen all Dag ze Fouss an d'Duerf kéimen, da wär schonn een Auto manner do.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir dem Claudia Dall'Agnol seng Stellungnahm. Ech wëilt vläit hei op e puer Punkten agoen.

Ech mengen, dass et ze begréissen ass, dass d'Sociétéit LIDL decidéiert, datt hire soziale Siège op Diddeleng kënnt. Ech mengen, dat schaaft och nei Aarbechtsplazen och hei zu Diddeleng.

An ech ka mir sécherlech virstellen, wann nach Büroer fräi bleiwe fir aner Sociétés, dass do sécherlech eng Disponibilitéit ass, dass och aner Sociétés sech kënnen hei usidelen.

Der CSV wëilt ech soen, dass, bon ech weess net wéi dann Är Prestatioun 2015 war, déi vun der Majoritéit déi war kloer, 2015 wousste mir, dass en CFL Multimodal do wär an sech géif entwéckelen a mir woussten, dass e Rondpoint, den Echangeur Bieréng am Bau wär respektiv géif geplangt ginn. Hei eng Duerstellung ze maache fir, an dem Sënn, vun enger Abstraktioun wéi wann dat wierklech vum Himmel gefall wier, ass komplett falsch.

Dann hätt Dir deementspreechend do Schaiklappen drop, well mir waren eis ganz kloer bewosst, dass dee Projet géif kommen, och mat deenen Impakter déi se hunn, an natierlech och do probéiert hu mat de staatleche Stellen deen Impakt ze reduzéieren.

An ech mengen, am Moment si mir och wieder do um Ball wat déi doten zwee Projeten ugeet.

Et ass och geplangt, dass den Echangeur Bieréng effektiv Enn 2020 wäert fäerdeg ginn, dass deels d'Abetribnahm ab September 2019 méiglech ass, sou datt natierlech och schonn e Changement och op där doter Achs wäert kënnen stattfannen.

Ech wëll awer hei kloer betounen, dass mir an enger legaler Prozedur sinn an ech fannen et irresponsabel, hei Abstraktioun ze maachen, esou wéi d'CSV, vun deem legale Kader, an deem mir eis hei befannen, zemools wa Stéchwieder wéi "Idiotie" falen.

Ech fannen et irresponsabel well och e Propriétaire vun engem Terrain, deen e Projet huet, huet eng Responsabilitéit an huet awer och d'Recht, dass sai Projet weidergedriwwe gëtt.

Am Kader vun der Responsabilitéit, déi hien huet, ech mengen dat war e Bestanddeel vun der Diskussioun déi mir haten, war natierlech ze kucke wéi een de Projet kann esou dréine fir saën Impakt ze minimiséieren, an esou hu mir eng Rei Diskussiounen déi mir jo haten, sief et mam Mur anti-bruit, sief et um Niveau vun der Architektur, mä mir befannen eis hei an enger legaler Prozedur an ech fannen et irresponsabel, datt hei iwwer deen Discours, deen d'CSV hei hat, déi einfach esou ausser Kraaft wëllen ze setzen.



An et schéngt anscheinend och fir d'CSV manner e Problem ze si fir an de Cactus ze goen, op Betebuerg, wéi LIDL an der Entrée vun der Stad Diddeleng ze hunn.

Dat zu Ärer populistescher Approche, ech mengen datt dat zwëschent den Zeilen, ech mengen, mir schwätze jo och vill vun Transparenz, ma ech mengen dat ass déi Transparenz, dat sollen d'Leit do-bausse wëssen, dass et manner problematesch ass fir d'Diddelenger CSV op Betebuerg an de Cactus ze goen ewéi e LIDL hei zu Diddeleng ze hunn.

Et war mengen ech dat wat sech hannert Ärem Discours sech deementspreechend och kaschéiert.

Hausaufgaben, déi goufen hei gemaach, vun 2015 un, well mir mat ganz vill Nosueg gekuckt hu wéi d'N31 sech kann entwéckelen, datt mir net onbedéngt déi Véierspueregkeet wëllen, dat déi Baamallee erhale bleift.

Ech mengen, dat war eis wichteg an et ass eis gelongen, dat awer an déi dote Richtung ze dreien, well eis grad déi Entrée wichteg ass, an ouni elo hei d'Diskussioun opzemaachen ronderëm den Tram. Ech mengen dat ass jo e Gesamtkonzept, mä dee kréie mir bei där heite Convention d'exécution net geléist an dofir wier et och irresponsabel de Projet hei ze blockéieren duerch Considérations, déi méi op engem supralokalen respektiv nationale Volet musse geléist gi mat enger ganzer Rei aneren Acteuren.

Ech mengen, et ass och eng Responsabilitéit vun dësem Gemengerot, wa mir Projeten hei virleien hunn, mat Leit déi hire Projet wëlle weiderdreien, och do den Aval ze ginn, natierlech och ze kucken, datt eng Rei Impakter reduzéiert ginn an ech kéint mir natierlech hei sécherlech och virstellen, wéi mir dat och schonn op anere Plaze gemaach hunn, dass wat zum Beispill eng Uliwwerung ugeet vun deem Supermarché selwer, datt een dat natierlech sécherlech och mat der Sociéité LIDL diskutéiere kann, zu wéi engen Zäitpunkter dass dat gemaach gëtt.

Mir hunn dat jo scho mat aneren Supermarchéen hei an Diddeleng gemaach, dat klappt och ganz gutt, an ech mengen, dass mir déi Diskussioun, déi mir bis elo mat der Sociéité LIDL haten och effektiv an déi doten Richtung kënnen weiderdreien.

Wann ech op där anerer Säit awer héieren, och verschidden Ausféierungen déi hei gemaach goufen, da kéint ee soen, da plädéiert Dir hei fir d'Veierspueregkeet, dass méi Fluiditéit hei an Diddeleng ka stattfannen, wann een dat zwëschent den Zeilen hei kann erausdeiten. Also muss een och mat enger kloerer Sproch hei schwätzen an net Saachen einfach esou am Raum stoe loossen. Dat zu der Transparenz, déi hei ëmmer mantraméisseg virgehale gëtt an och mat der Monstranz no vir gedriwwen gëtt.

Also, sot ganz kloer wat Dir wëllt, respektiv wat Dir net wëllt, fir dass engersäits d'Diddelenger Bierger dobaussen, respektiv awer och de Propriétaire vum Projet, deen et hei ze entwéckele gëllt, och weess wou e mat de Leit hei am Gemengerot drun ass.

Dës Majoritéit weess op alle Fall wéi hir Positioun ass a steet och dozou. Merci.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter. Bon, wat wëllt d'CSV, d'CSV ass net, ech hunn dat jo och gesot gehat, net géint d'Implantatioun vun engem Geschäft, mä mir fannen, dass d'Verkéis-situatioun misst fir d'éischt gekläert sinn, éier mir do nach zousätzleche Verkéier op Lëtzebuergerstrooss drainéieren an ech wollt awer elo do just eng zousätzlech Fro stellen: Ass dann dat wierklech vum Dësch, dass wa mir dann elo den Accès beim Koibestraachen kréien, vun der Autobunn, dass mir do net awer och e Passage eriwuermaache bei de LIDL?

Aus wéi enger Ursaach geet dat definitiv net?

Well ech denken, d'Madame Bodry Kohn huet zu Recht gesot, dass dat sécher e bëssen entlaascht, déi Leit, déi bei de Statslabo ginn oder esou, mä da kéint ee jo do awer wierklech, dat ass jo och eppes wat ech fir d'éischt scho gesot hunn, do esou eng Ausfaart oder eng Verlängerung maache fir bei de LIDL.

Wéi taff waart Dir do an de Verhandlung mat Ponts et Chaussées?

Oder firwat gëtt dat net gemaacht?

Well ech denke wa mir zwee Accèsen hunn, zwee verschidden Accèsen, dat géi jo och scho vill manner Traffic bréngen, quitte et ass wéinstens mol fir d'Livreuren oder wéi gesot och fir Leit déi aus den Nopeschgemenge ginn.



Och wann Dir elo mengt, all Bierger misst a senger Gemeng akafe goen, mä och vläit aus der Nopeschgemeng kommen och vläit Leit bei de LIDL.

Firwat geet dat net?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Jo, do drop sinn ech effektiv net agaang. Also et ass jo sou, wann de Rondpoint bis jo och fäerdeg ass, ass jo de Virdeel, och fir de Statslabo, dass se jo lo net méi brauchen deen aktuellen Accès ze notzen, mä et ass jo dann direkt den Accès ass an den Rondpoint eran an eraus.

Ech mengen, wat och en Avantage ass deementsprechend fir och déi leit déi do schaffen.

Bon, ech wollt och dat opgräife wat Dir och an enger éischer Interventioun gesot hutt, mat der Stéchstrooss, déi ass och net einfach esou ze realiséieren, wëssend, dass iwwer zéng Propriétaires do sinn, wat déi verschidde Parzellen ugeet. Wann een eng Stéchstrooss wëll maachen da brauch een och deenen hiren Accord. An eng Stéchstrooss déi baut een net einfach esou an der Pampa, do musse jeeweileg PAPe gemaach gi fir, dass och dann eng Stéchstrooss ka stattfannen.

Dann ass et natierlech esou, laanscht de Statslabo, do ass jo och engersäits de Grüngürtel, dee virgesinn ass, wou mir jo och Diskussiounen hei haten am Kader vun de Plan-sectoriellen, wou mir iwwer deen dote Grüngürtel jo geschwat hunn. Bon, do hutt d'Decisioun jo och geholl lech ze Enthalen am Kader vun de Plan-sectoriellen, mä hei geet et engersäits dorëms, dee Grüngürtel ze präservéieren, an dee géif natierlech duerch eng Stéchstrooss do laanscht den LNS och gebrach ginn, respektiv ass awer och laanscht den LNS jo och dee Projet, wou mir jo och hei am Gemengerot schonn driwwer geschwat haten, well jo och eng Fro dozou gestallt gouf vun engem Conseiller, jo och dat Erhuelungsgebitt do entsteet wou och Bâtiments publics jo e Projet wëlle maache mat erneierbaren Energien respektiv och en Erhuelungspark fir d'Mataarbechter vum LNS, respektiv awer och fir d'Diddelenger Bierger.

Wann een dat dote géif mat aller Konsequenz duerchspillen, géif dat natierlech heeschen, datt déi Projeten, engersäits de Grüngürtel respektiv dat Erhuelungsgebitt respektiv Amenagementen en tant que tels net kéinte gemat ginn.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schëffin): Ech hat nach eppes vergiess. Ech weess net méi, ech mengen et war awer och d'Madame Kayser wou gefrot huet, déi Diskussiounen Tram- Zuch, jo also effektiv, de Buergermeeschter wëll vläit och nach eppes domadder soen, also och déi lafen, och do si mir a stännegen Diskussiounen mam Ministère respektiv och mat der CFL an si dann ebe mat Lux Tram.

Dat leeft awer momentan elo mol nach op engem technesche Niveau nodeems mär also de politesche Niveau mol gekläert hunn, leeft dat op engem techneschen Niveau, dat heescht hir Experte mat eisen Experte fir Mol ze kucke wat ass iwwerhaapt méiglech a wat ka gemaach ginn.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Voilà. Jo also mat de Luuchten, den Ament si keng Luuchten do virgesinn. Et ass Accès lénks eraus riets eraus, respektiv wann ee vum PAP op d'Lëtzebuergerstrooss geet, respektiv en Accès vun der Lëtzebuergerstrooss aus, mä Luuchten sinn, à ce stade, keng virgesinn. Dat kéint deementsprechend nach zu méi Réckstau féieren. Voilà, ech menge mir hu probéiert, op all d'Punkten anzegoen.

Da géif ech hei dem Gemengerot proposéieren, dass mir zu Vote iwwerginn, wat de Projet d'exécution ugeet.

Wien ass mat deem Projet d'exécution hei avers-tanen ? D'Stëmme vun LSAP, Déi Lénk a eisen onof-hängege Verrieder, den Här Haas.

A wien ass dergéint? Wien enthält sech? Dat sinn d'CSV an déi Gréng. Merci fir dee dote Vote an ech soen och de Verrieder vu LIDL a vu Best Merci fir hir Präsenz.



6. AVIS IWWER D'DEMANDE FIR D'ATTRIBUTIOUN VUN ENGER KONZESSION FIR ENG ZOUSÄTZLECH APDIKT FIR D'STAD DIDDELENG

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géif ech proposéieren, dass mir zum nächste Punkt weiderginn. Dat ass d'Diskussioun ronderëm eng zousätzlech Konzessioun wat eng Apdikt hei zu Diddeleng ugeet. Ech wëll kuerz drop agoen.

Also, wéi gesot et ass esou, mir haten dat an der Schäfferotserklärung och stoen, dass mir hei zu Diddeleng eng véiert Apdikt wélten. Déi kritt een och net einfach sou, do sinn eng ganz Rei Gegebenheeten, déi een anhale muss, respektiv och am Kader vum Gesetz respektiv och déi néideg Règlement-grand-ducauxen, wat d'Konzessioun ugeet.

Et gëtt kee Gesetz, mä mir wëssen, dass et Usus ass, dass eng Apdikt pro 5.000 Awunner ugesidelt gëtt. De Moment si mir bei 21 135 Awunner hei zu Diddeleng an à ce stade hu mir jo hei zu Diddeleng dräi Apdikten, wouvunner der zwou och staatlech sinn.

Et ass esou, dass mir am Januar dëst Joer e Courrier un de Gesondheitsminister gemaach hunn an deen huet eis matgedeelt, dass virun allem een sech en Avis muss eranhuele vun der Direktioun vun der Santé a vum Collège médical.

Deenen hir Avisen si positiv ausgefall, an d'Gesetz natierlech vun 1973 iwwer d'Apdikten an iwwer d'Konzessiounen gesäit och vir, dass esou genannten Autorités locales, dat sinn der mir hei als Gemengerot, och eisen Avis dozou sollen ofginn. A mir hunn hei dann Ufank Abrëll d'Positioun kritt vum Gesondheitsminister, dass hien d'Intentioun huet, eng nei Konzessioun fir Diddeleng auszustellen. Dat seet nach näischt driwwer aus wou déi nei Apdikt kënnt.

Hei geet et drëm d'Opportunitéit ze schafen, d'Méiglechkeet ze schafe fir eng zousätzlech Konzessioun.

Wann elo hei de Gemengerot saïn Avis gëtt, da gëtt natierlech déi Konzessioun ausgestallt an da gëtt eng Publikatioun gemaach vun enger Vacance an doropshi

kënnen sech dann Apdikter mellen en fonction vun hirer Anciennetéit oder wann se gären e neien Challenge wëllen agoe fir sech nei ze etabléieren. Dann ass dat an der Hand vum Gesondheitsministère, dee mécht och dee ganze Recueil vun de Kandidaturen, dee mécht och dat ganz Classement, déi ganz Selektioun an Informatioun vum Kandidat.

Ech mengen, dat bleift dann an der Hand vum Gesondheitsministère. An natierlech muss dann och déi potentiell Persoun och schonn eng Virstellung hunn oder eng Iddi hunn, wou se sech hei zu Diddeleng wëll etabléieren.

Dat schreiwe mir elo net onbedéngt vir, do kann een eng Indikatioun ginn, mä wéi gesot, dee muss och mat engem Projet kommen, an dann och do gëtt de Gesondheitsministère de Feu vert, respektiv och alles wat d'Amenagement an och herno de Contrôle ass, dat ass alles an Hand vum Gesondheitsministère.

Ech mengen dat ëm wat et haut hei geet, ass unhand ebe vun der Entwécklung vun der Stad Diddeleng, unhand awer och vun der weiderer Entwécklung, déi dës Stad wäert kennen, dass mir hei d'Méiglechkeet schafen, am Intérêt vun der Diddelenger Bevëlkerung, am Intérêt vun den Diddelenger Bierger, hei eng zousätzlech Konzessioun ze hunn, déi ze schafen.

An dann elo natierlech, wéi ech erkläert hunn, wäert dat Ganz natierlech och saï Werdegang hunn, wat déi néideg Selektioun ugeet. Dat heescht, hei ass einfach emol de Kader ze schafe fir e Startschuss. Wéi gesot, dat heescht nach net, dass elo muer schonn déi Apdikt steet, mä einfach emol déi Conditions favorables schafe fir e Feu vert ze ginn zou enger zousätzlecher Konzessioun an ech géif et einfach mol bei den Explikatiounen heibäi beloossen an d'Diskussioun ass op.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Jo Merci Här Buergermeeschter. Virun zwanzeg Joer hat d'CSV och an hirem Walprogramm e Punkt fir eng zousätzlech Apdikt.

Et war awer eng komplett aner, eng aner Prämiss. Do hate mir nach e Spidol, wou nach Ambulanzen higefuer sinn, mir haten eng Maternité mat 350 Accoucheur pro Joer, mir haten zwou Salles d'opération, mir haten e Kannerstack, eng grouss Polyklinik.

Haut hu mir eng kleng Polyklinik, keng Akutmedizin méi an d'Spidol gëtt net méi ugefuer vun Ambulanzen.



D'Apdikten, déi gutt funktionéieren am Land, dat sinn déi Apdikten, déi ronderëm Spideeler sinn, déi Urgencen hu wou SAMUe kommen, dat ass ganz kloer, oder net nëmmen Samuen, mä Ambulanzen a wou eng grouss Activité médicale ass.

Also hu mir haut eng komplett aner Prämiss wéi deemools virun zwanzeg Joer.

A mir hunn hei zu Diddeleng dräi Apdikten, de Buergermeeschter huet et jo schonns gesot, déi si vun halwer aacht moies bis siwen Auer owes plus minus duerchgehend op, eng duerchgehend, déi aner hallef-duerchgehend, also eng kléng Mëttespaus, all Samschdeg Moien as hei zu Diddeleng eng Apdikt op, déi dräi Apdikten sinn och an der Niddeschgaass, no bei deene meeschten Dokteschpraxissen, well dat si jo och déi Clienten, déi dann, wann se vum Dokter kommen, direkt an d'Apdikt wëlle goen, hir Medikamenter sichen, dat ass déi Haaptclientèle, déi se hunn.

D'Apdikten sinn iwwer de Shared Space och ganz gutt z'erreechen, och fir Leit à mobilité réduite, bon Paranthèse, momentan mam Chantier geet et e bësse manner, mä bon et geet awer. An, op Nofro, eis dräi Apdikten hu genuch Aarbecht, mä ech menge wann Dir selwer an d'Apdikt gitt, se sinn net debordéiert, et ass net, dass Dir musst eng zwanzeg Minutte waarde bis Dir servéiert gitt.

An, et dierf een och net vergiessen, eng Apdikt dat ass e Geschäft, d'Margen an den Apdikten sinn immens geschrumpft, d'Chiffre-d'affaire bleiwe plus minus konstant, d'Apdikte mussen hautzedags aner Offere maachen. Paramedezin, Homeopathie, Soinen, Dir wësst selwer wat an den Apdikten ugebuede gëtt, dat mussen se maache fir einfach och nach zu engem gewësse Gewinn ze kommen.

An den Haaptkonkurrent vun allen Apdikten, wéi vun alle Geschäfte, ass den Internet. Online-Shopping kanns de och maache mat denge Medikamenter, dat wësst dir, dat ass e grouss Problem.

Dofir ass eis Fro: Ass momentan eng véiert Apdikt opportun hei zu Diddeleng? Wou setze mir se hin? Wann Dir elo sot, den Apdikter, dee potentiellen Apdikter, dee mécht eis eng Offer, dee wëllt natierlech och an d'Niddeschgaass, dat ass ganz kloer, dee geet sech net op d'Lenkeschléi setzen.

Wat awer wichteg ass, wa mir elo géife soen, mir decidéieren definitiv eng Polyklinik an eng Maison médicale op Neischmelz ze maachen, do wier et absolut sënnavoll natierlech, do eng Apdikt derbäi ze plangen. Mä vum CHEM hate mir awer, wéi déi Reunioun hei war am Abrëll, op déi Fro wéi et mam Site Diddeleng weidergeet, keng konkret Proposen.

Et ass éischter sech referéiert ginn op déi Zesummenaarbecht vum bestehende Spidol mat der ALA, wou dann dee gréissten Deel vum jëtzege Spidol sollt der ALA, der Alzheimer Associatioun, zur Verfügung gestallt ginn. Et sollt nach eng kléng Polyklinik bleiwen, Röntgen, Labo eventuell och, mä bon, den Drainage duerch esou eng Polyklinik, déi keng Akutmedezin méi nuets mécht, déi nëmmen op ass am Dag, wéi soll ech soen, dat ass elo och net e grouss Clientspotenzial fir eng zousätzlech Apdikt.

Dofir eis Propos: Kommt, mir lafen net virun de Won, eng Apdikt brauche mir eréischt, eiser Meenung no, wann déi 2.000 Leit op Neischmelz kommen a wa mir do eng medizinesch oder paramedizinesch Struktur och opriichten oder, mir hate jo och schonn déi zweet Alternativ schonn e puer Mol proposéiert, eng kléng Polyklinik an eng Apdikt op Koibestraachen hinzesetzen.

Bon, wéi gesot, ech hat déi zwou Proposen och nach eng Kéier dem CHEM, de Leit vum CHEM gesot, do kuum awer guer keng kloer Ausso, et huet just geheescht, mir wäerten déi medizinesch Primärversuergung zu Diddeleng assuréieren.

Dofir, ech froe mech ob et elo momentan opportun ass, eng Konzessioun auszuschreiwen, well wann elo en Apdikter kënnt, et kënnt ganz sécher en Apdikter, dat ass kloer, wou wëll deen sech etabléieren?

Mir kënnen deem och net verweigere, nach eng véiert Apdikt an d'Niddeschgaass ze bréngen, mä dann hu mir herno de Leit vun Neischmelz och keen Déngscht gelescht.

Solle mir net awer villäicht éischter waarden an de Projet e bëssen no hanne verleeën?

Oder kommt mir verpflichten eis, carrément ze soen: Hei lauschtert, déi Apdikt geet dann eréischt op, ech weess net ob dat méiglech ass gesetzlech, da maache mir déi op d'Neischmelz wa mir wëssen, sécher sinn,



dass den CHEM eis och do eng Struktur hisetzt. Dat ass eis Positioun.

Och nach dozou ze soen, et ass jo kee Gesetz, Dir hutt et genau richtig gesot, dass ee muss pro 5.000 Awunner eng Apdikt hunn, ech denken dat sinn och esou Ofkommes, déi si fréier geschaf hunn, wou wéi gesot och eng komplett aner Mobilitéit och war vun de Leit.

Also, ech mengen, och vill Diddelenger, wann se an d'Urgence op Esch ginn, da ginn se och zu Esch direkt niewendrun hir Medikamenter sichen oder sou, oder wann se an d'Stad ginn.

Dofir, ech mengen, et huet sech och einfach alles e bësselche verännert zu där Positioun, déi mir och wéi gesot virun zwanzeg Joer haten an et muss een dem och Rechnung droen.

Wéi gesot mir wieren, ganz averstane fir eng Apdikt z'intégréieren op d'Neischmelz wa mir do den Accord och kréie vum CHEM fir do och eng Polyklinik oder e Centre médical opzeriichten.

Mä zu deem Zäitpunkt, froe mir eis ob dat opportun ass. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Madame Kayser. Sinn nach weider Stellungnahmen? D'Madame Oliveira.

Emilia Oliveira (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Also, ech wëll lech just soen, virun zwanzeg Joer hate mir keng 21.000 Awunner, also war dat jo och net néideg fir nach eng Apdikt ze hunn.

Mä beim CHEM zu Esch, do steet keng Apdikt, dat heescht wann d'Leit erausginn, mussen se awer an Esch oder an Diddeleng oder wou se wunnen hir Medikamenter siche goen.

Mä ech wëll lech just soen, also mir als LSAP begréissen dat ausdrécklech, well no där laanger Demande, bei 21.000 Awunner, fannen ech awer eng véiert Apdikt, - ech weess jo lo net ob se gutt schaffen oder net gutt schaffen d'Apdikter, et ass mir am Fong - denken ech - egal, well jiddweree muss jo no sech kucken a mir kucken no eisen Awunner. 21.000 Awunner hu mir, also mir hunn eng véiert Apdikt zegutt.

Säit dem Zweete Weltkrich hu mir der nëmmen dräi an d'Awunner hu konstant zougeholl, déi Zäit hate mir 12.000 bis 14.000 Awunner, an an deene leschte Joeren hu mir eben de Cap vun 21.000 Awunner kontinuierlech ugekräizt, wat eis berechtigt fir eng véiert Konzessioun an Apdikt ze hunn.

Dës erméiglecht eis effektiv spéiderhin, wéi der sot, an deenen neie Quartieren, déi bäikommen, déi medezinesch Versuergung ofzeséchere a fir eis als LSAP ass déi véiert Apdikt prioritär. Do sti mir dozou. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci och der Madame Oliveira fir hir Stellungnahm an ech begréissen d'Approche, dass mir hei sollen am Intérêt vun den Diddelenger Bierger schaffen an ech mengen och, dass et opportun ass eng véiert Apdikt hei ze hunn.

Ech mengen awer och, ech maachen net déi selwecht Lektür oder just deels déi selwecht Lektür wéi d'Madame Kayser, ech mengen schonn, dass wa mir dee Projet ëmsetze mat der Polyklinik an och mat der ALA, och wann se um nämmlechte Site ass, dass mir grad mat Leit, déi demenzkrank sinn och natierlech vill méi sollicitéiert ginn ewéi dat nach de Moment de Fall ass, respektiv awer och, an ech mengen, do sinn ech net Ärer Meenung, grad awer och mat dem Projet Neischmelz, ech mengen dausend Wunnengen à terre, dat sinn 2.300 bis 2.400 Awunner, dass do ganz kloer de Besoin besteet fir effektiv - dofir sinn ech och deels do bei lech an deels och net - dass mir do dann och eng véiert Apdikt deementspriedend brauchen.

Et ass normalerweis och um Minister deelweis och en Avis ofzegi wat de Perimeter och ugeet. Ech mengen, hie kann do deelweis och, esou vill wéi mir d'Informatiounen kritt hunn, matschwätzen. Ech hunn awer kee Problem, dass een hei seet, dass am Kader vun engem vun deene véier PAPen, et muss een net elo einfach festleeën, dass et lo an engem PAP ass. Also Dir sidd an engem vun deene véier PAP an och do ass jo Phasage ronderëm d'Ëmsetzung vun Neischmelz, mir maache jo net déi véier PAPen zesummen.

Et ass an engem vun deene PAPen, mir sinn déi amgaange jo effektiv auszeschaffen, déi wäerte mir och demnächst an d'Prozedur schécken an deenen nächste Wochen, dass an engem vun deene véier PAPen, an d'PAPE gi jo vum Zentrum bis bei Grenz, wéi gesot déi véiert Apdikt usidelen. Ech mengen, do hu



mir och en Zäitkader, deen och ganz realistesch ass. Engersäits gëtt hei d'Prozedur lancéiert, an et huet een och den Avantage, dass, wann en Interessent sech hei zu Diddeleng wëll usidelen, dass en och direkt vun Ufank u wat d'Gebailchkeete ugeet an d'Konfiguratioun vun der Apdikt deementspreechend wéi de PAP och ass, dass hien do effektiv ka mat an d'Gestaltung erageholl ginn.

Ech mengen, et ass ëmmer méi einfach bei der Creatioun vun engem neie Lokal, ëmmer méi einfach wéi beim Bëstand, ech mengen, do komme mir op déi selwecht Diskussioun zréck, déi mir virdrun haten, dass een effektiv do eng gewësse Volontéit setzt mä da seet Neischmelz mä an engem vun deene véier PApé kann sech dann effektiv déi véiert Apdikt usidelen, mä einfach elo schonn emol awer d'Konzessioun fräigi gëtt an dat Ganzt dann natierlech an d'Rulle kënnt. Jo.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Jo, Merci Här Buergermeeschter. Dat do klénkt jo ganz intressant, dat ass jo och e bëssen esou wéi mir gesot hunn, wa mir op d'Neischmelz d'Garantie kréien do déi Apdikt dann engem vun deene véier PApé kéinten opriichten, mä et ass esou, wann Dir déi Konzessioun ausstellt, do steet direkt muer een op der Matt, dee géif dat maachen an dee geet sech lo net an d'Pampa setzen. A wat och ass, wann deen dann déi Apdikt kritt, den Apdikter, dat ass e mega Invest, dee muss dat jo da selwer stemmen.

Mir schwätzen do net vun 100.000 Euro Invest, gell dat gëtt e mega Invest an dee kann seng Apdikt net méi plënnere. Dat ass och eppes wat ee vläit muss wëssen. Et ass net fir elo ze soen, mir huelen deen elo Mol hei op Diddeleng, da kann den an engem Container am Match oder hei um Schlakentipp ufänken an dann herno plënnert en, dat geet net, dee muss genau op där selwechter Lokalitéit bleiwen, dat och vläit eppes wat awer vläit net oninteressant ass.

Dofir, wann Dir eis d'Garantie gitt, dass Dir herno d'Apdikt wierklech an de Quartier Neischmelz integréiert, dann ass dat absolut fir eis tragbar. Well soss gesi mir elo e bësschen e Problem, mä wéi gesot, dofir war eis Propos, dass mir einfach nach sollen e bësse waarde fir déi Demande ze maachen, well deen aneren Dag steet een do. Dat ass esou sécher wéi d'Amen am Gebiet, gell, also ech weess wéivill Apdikter déi gamse ganz laang drop, eng eegen Apdikt ze kréien, ech mengen dat wësst Dir selwer, a mir kënnen deem awer net soen "Jo jo, du kanns dann

elo Mol, fänk do Mol un um Schlakentipp", do ass jo nach guer kee Projet PAP gemaacht. Dofir ass d'Fro, wéi kënnt Dir eis dat garantéieren, dass mir soen "Hei dee kënnt an de Quartier Neischmelz"?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Okay. Also ech wollt just nach präziséieren, dass och eng véiert Apdikt oder eng Konzessioun, an eng véiert Apdikt, Sënn mécht och ouni eng Activité extra-hospitalière. Well schonn nëmmen Neischmelz, 2.400 Awunner, mengen ech ass schonn e Poids genuch fir eng véiert Apdikt, dat wëll ech hei nach eng Kéier ganz kloer präziséieren.

Wéi kenne mir dat festhalen?

Ma ech géif lech ganz einfach proposéieren, dass mir an eiser Deliberatioun dat esou drasetzen, dass mir hei effektiv der Meenung sinn, fir eng véiert Konzessioun, mä, dass am Fong déi nei Apdikt an engem vun deene véier PApé wat de Projet Neischmelz ugeet, soll sech kënnen usidelen. Dann hu mir dat och iwwer déi doten Deliberatioun, well et ass jo den Avis vun den Autorités locales an dann, bon zäitlech, kréie mir jo da steieren an engem vun deene PAPen, mä dann hu mir awer do de Kader gesat.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Voilà. Ma dat fanne mir eng ganz gutt Approche an dat ass och, dat kënne mir och absolut matdroen. Dat fanne mir och ganz gutt, dass Dir do eis Iwwerleeung wéi Dir gesot hutt deelweis awer gedeelt hutt, dat fanne mir ganz positiv. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Gutt, da mengen ech präziséiere mir dat esou an der Deliberatioun, da setze mir dat esou dran.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Dann hu mir och den zäitleche Kader gesat gell, dass mir net wa mir d'Konzessioun lassleeën, dass dann direkt muer een do steet. Well wa mir bis d'Konzessioun ginn, wann de Ministère d'Konzessioun gëtt, dann huet den Apdikter den Droit fir sech ze mellen. An da kanns du net soen "Ma Neen, Männi, hei dat gëtt näischt". Wa mir dat kloer an der Deliberatioun festhalen, dann ass dat Okay. Fanne mir ganz gutt. Tipptopp.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Kee Problem. Da géife mir proposéieren, dass mir dat nach eng Kéier esou an der Deliberatioun proposéieren.



Voilà, an da géif ech dann och dem Gemengerot proposéieren, dass mir mat der Consideratioun dann och de Vote géife maachen. Wien ass mat där doten Deliberatioun, mat der dote Reformulatioun avers-tanen? Dat ass **unanime**. Majo, da soen ech do dem Gemengerot Merci fir déi konstruktiv Diskussioun, dass mir erëm zu geregeltem Buedem fannen.

7. APPROBATION VUN DER KONVENTIOUN “NATUR GENÉISSEN” MAT DEM GEMENGESYNDIKAT SICONA SUD-OUEST

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Bei dësem Punkt geet et ëm d'Approbatioun vun der Conventioun “Natur genéissen” mat dem Gemengesyndikat SICONA Sud-Ouest an do schwätzt d'Josiane Di Bartolomeo-Ries.

Josiane Di Bartolomeo-Ries (LSAP): Majo, villmools Merci. Kuerz zur Konventioun mam SICONA, ech mengen, Dir hutt se all virleien. Do ass et esou, dass si de Projet op d'Been gestallt hunn ‘Natur genéissen’, de Projet heescht ënner anerem och “Mir iesse regional, Bio a fair”.

Bon, de Moment si schonn 13 Gemengen, déi déi Konventioun ënnerschriwwen hu mam SICONA.

Ëm wat geet et an dem Projet?

Et geet dorëms, eng besser Verbindung ze schafen zwëscht de Produzenten an deenen, déi am Fong an de Maison Relais herno fir d'Kanner kachen. Et bréngt natierlech absolut ganz vill Verbesserung wat d'Produkter ubelaangt, well deen, deen d'Soumissioun herno kritt, dee muss dann déi Oplagen erfëllen, dat heescht dee kuckt méi regional Produkter ze kafen, méi Bio-Produkter, méi fair an och méi saisonal.

De Moment hu mir an der Soumissioun zum Beispill bei Bio-Produkter nëmmen 25% dra stoen, mir géifen am Fong elo duerch des Konventioun da schonn op 30% Bio-Produkter, déi musse verschafft ginn an eise Kichen, eropgoen.

Bon, wat bréngt et och de regionale Produzenten?

Et ass esou, dass wann si op d'Qualitéit setzen an d'Produiten usetzen, dat heescht, dass se am Fong och d'Garantie kréien, dass déi Produiten herno och verschafft ginn, net dass se soss rëm villäicht usetzen an d'Produiten herno net lass ginn an da ginn se einfach, wéi gesot, ewechgehait oder wéi och ëmmer.

Bon, gëtt et méi deier? Dat ass natierlech och eng Fro, dat ass direkt déi éischt Fro wahrscheinlech déi elo hei wäert gestallt ginn. Neen, et gëtt net méi deier wéi mir bis elo waren. Firwat? Well am Fong en extrem gudden Austausch zwëscht dem Produzent an deem wou et verschafft ass. Dat heescht, do kann ee vill méi optimal schaffen, d'gëtt manner ewech geheet, ech hat gesot, doduercher geet am Fong de Präis net an d'Luucht.

Wéi géif dat virgoen? Bon, wéi gesot, mir hunn déi Konventioun déi mir mam SICONA gemaach hunn. Mir maachen eemol d'Joer eng Soumissioun fir d'Restauratioun scolaire, wou mir d'Ausschreiwunge maachen, an do géife mir am Fong zu deem zu wat mir eis verpflichten an der Konventioun, géife mir dat an de Cahier de charges mat erabrëngen an da misst deen, deen d'Soumissioun dann ebe gewënnt oder kritt, dee muss sech dann un déi Oplagen halen déi am Cahier de charge drastinn.

Mir fannen et eng optimal Léisung, ech fannen et eng gutt Léisung, ech mengen de SICONA huet och d'Kontakter zu deenen eenzelne Produzenten, et ass einfach vir eis, fir eis Kanner wéi fir d'Produzenten eng Win-win Situatioun, dofir géif ech mengen, dass mir dat sollen ënnerstëtzen. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ries: fir déi doten Erklärungen. Här Gangler.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci. Mir haten den 24. Oktober 2018 eng Presentatioun vum SICONA Ouest an der Ëmweltkommissioun, do war och an zwee Slidë gewise ginn iwwer den Intérêt vun deem Projet “Natur genéissen”.

Do war an der Versammlung gesot ginn, dass mir mat eiser Gemeng anscheinend just zwee bis dräi Produiten an deem Cahier de charges hätten an do stellen ech mir dann d'Fro, wie stellt dann dee Cahier de charges op?



A wien definéiert dann, wéivill Produiten datt do dra-kommen? A gëtt et dann do eng minimal Quantitéit vu Produiten, déi mir mussen an dee Cahier de charges setzen oder kéinte mir eis esou an der Konventioun duerchmogelen, dass mir just zwou, dräi Saachen drasetzen? Oder muss et de ganze Menü sinn, deen ugebuede gëtt, dee muss am Cahier des charges stoen? Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Här Gangler. D'Madame Goergen an dann den Här Zuang.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Merci. Also de Projet "Natur genéissen" fanne mir scho méi laang gutt. D'Madame Kutten huet scho viru Joeren drop opmierksam gemat, well dës Approche hëlleft d'Bau-eren aus der Emgéigend ze ënnerstëtzen an de Kan-ner vun der Maison Relais gesond a frësch Produkter unzebidden, an och Bio-Produkter. Dat Schéint drun ass, dass de Cahier des charges scho vum Syndikat SICONA ausgeschafft ass an d'Gemeng dat also direkt iwwerhuele kann.

D'Bestëmmunge ginn och schonn an enger Rei Ge-mengen applizéiert, wéi zum Beispill och zu Käl an zu Rëmeleng. Et gëtt also keen all ze grouesse Risiko, wann een deene Gemengen dat nomécht an eise-m Prestataire vun de Schoulkantinen dës Bedingunge virschreift.

Et huet jo vläit méi laang gedauert bis dass de Schäfferot vun dëser Iddi iwwerzeegt war an och bereet war, se ze ënnerstëtzen, mir si jiddefalls frou, dass déi Konventioun elo zustane komm ass. Wierklech frou, ouni Hannergedanken an ouni domm Remarquen, wéi laang et gedauert huet.

Ech wollt awer vun der Geleeënheet profitéiere fir op aner Aktiounen vum SICONA, dem Ëmweltsyndikat, op-mierksam ze maachen.

Mat der Aktioun "Päiperlek" probéieren d'Leit ze sensibiliséieren, Gréngflächen unzeleeën, déi och Pimpampelen unzéien. Virun allem proposéiere bei SICONA och de Membergemengen eng Berodung fir d'Uleeë vun naturnoe Gréngflächen an dozou och eng Brochure als "Praxisratgeber für Gemeinden".

Et ass just eng kleng Suggestioun, déi hoffentlech op en oppent Ouer fällt. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Madame Goergen fir Är Stellungnahme a Suggestioun. Här Zuang.

Romain Zuang (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Bon, ech géif mengen, dass ech nach e puer Präzi-siounen ginn. Saachen, déi vläit elo net ganz kloer hei erauskomm sinn.

Also, et ass net lo egal wéi wat fir ee Producteur oder Bauer sech do hinggëtt. Et ass effektiv, déi hunn och, déi gär fir dee Label do schaffen an do matmaachen, déi mussen emol alleguerten selwer e Cahier de charge respektéieren an dësen am Sënn vun Ëm-welt, Natur a Klimaschutz op regionalem Niveau.

Sou muss also zum Beispill en Naturgeméis-Betrieb beispillsweis op 5% vu senger Produktiounsfläsch, Weieren, Bongerten, Hecken usetzen oder einfach brooch leie loossen, an awer och e Maximum op Pes-tizidie verzichten.

Also, dat ass eng ganz wichteg Viraussetzung an ech ginn elo net op dee ganze Cahier de charges nach vun de Produkteuren an, wéi gesot, also dat ass net ier-gendeen, deen dat dote kann decidéieren, déi mussen effektiv de Cahier de charges respektéieren.

Bon, den Här Gangler hat do eppes gesot mat deenen Diddelenger zwee PRO-SUDen oder esou, dat muss ech éierlech gesot, kann ech net novollzéien, ech weess ech lo net wat Dir domat mengt. Ech kann lech just nëmmen soen also déi Konventioun hei gesäit vir datt mir an der schoulrestauratioun, also den Akaf vu Produkter, do mussen 30% mussen Bio-Produkter sinn, respektiv aus fairem Handel, a 70% normal kon-ventionell Produiten.

Vun deenen 30% Bio-Produite sinn zum Beispill elo 20% Produiten aus dem "Natur genéissen" Label. Dat heescht, et ass net fir ze soen, elo liewe mir ex-tensiv just nëmmen nach vun hinnen, vun deene Pro-duiten, vun deene Baueren do, dat ass onméiglech.

Dat heescht, si wëssen dat och, datt si am Moment duerch déi héisch Nofro well vill Gemengen elo op dee Wee matginn, kënnen si déi Quantitéiten elo net ipso facto assuréieren. Dofir also mussen 20% vun deenen 30 Prozent also Bio-Produiten sinn, da vun deene konventionéierte Betriber mat hinnen. Dat heescht, si sinn och permanent elo op der Sich fir nei Produc-



teuren, nei Produzenten, nei Baueren ze fannen, fir d'Offer ebe kënne besser ze saturéieren.

Bei deene konventionelle Produiten, do mussen et zum Beispill nëmmen 10% vun de Produiten sinn, déi vun "Natur genéissen" Betriber.

Dat heescht also, wat si méi Producteure fannen, wat och wahrscheinlech deen Taux do wäert ëmmer méi eropgoen. Wat ganz interessant ass bei der ganzer Geschicht hei, dat ass effektiv deen Audit, dat hutt Dir vläit gelies gehat an der Konventioun, dass iwwer den Ökozentor Pafendall en Audit gemaach gëtt pro Trimester eng Kéier, dat elo net esou ass, dass si d'Kichen inspizéieren, et ass net sou, et ass effektiv fir ze kucken ob den Akaf vun deene Produiten, ob dat genau deem entsprécht wat also de Soumissionnaire elo hei als Dokument annexéiert kritt huet, dat heescht also d'Anforderunge fir den Akaf vun nohaltege produzéierte Liewensmëttel, ob deen dat respektéiert.

Dat heescht, op Basis vu Liwwerbongen, op Basis vu Rechnunge gëtt dat kontrolléiert.

Et gëtt doropshin e Gespréich gemaach, eng Concertatioun tëscht der Gemeng an der Maison Relais, dem Chargé vun der Maison Relais, plus eiser Prestataire a plus dem Auditeur. Dat heescht also, d'Gemeng gëtt do och ëmmer permanent am Bild gehalten, dat heescht, all déi Rapporte ginn och un d'Gemeng. Käschte wäeren effektiv ugefall.

Also dat enzezt wat mir lo mat Käschten ze rechnen hunn, dat si 5.000 Euro am Ufank fir d'Formatioun fir de Prestataire, fir d'Käch an dann och natierlech fir eist Personal aus de Maison Relais.

Et geet dorëms also och fir do déi Iddi eriwuer ze bréngen also och, dass d'Personal aus de Maison Relais dat och de Kanner erkläert iwwer d'Saisonalitéit, dass een net muss zu all Moment Äerdbier hunn oder dass ee Grompere muss aus Algerien hunn.

Et geet effektiv dorëms fir de Kanner och dat ze erklären, dass vläit och a gewëssene Saisone mol ee Geméis oder eng Uebstzort méi oft virkënnt, mä ebe just fir ze weisen, dass een domadder evitéiert laang Strecken an esou weider. Also d'Nohaltegekeet muss do gemaach ginn.

De Recht kascht eis jo den Ament näischt, well dat leeft iwwer e Subsid mat dem Ministère, a fir de Label do opzebauen an dann ass dat elo Mol fir zwee Joer garantéiert an et gëtt och geduecht, dass dat souwiesou weidergefouert gëtt.

Voilà, an deem Sënn also hu mir e Méiwäert, mengen ech. Also, et gëtt e bësse méi deier, dat wësse mir allegueren. Wann een alleng vun deene 5% Bio schwätzt, déi mir elo méi hunn, vis-à-vis vum leschte Joer, ass et kloer, dass et eng Hausse gëtt vum Präis.

Mee wat mir awer och nach hunn, dat éischt, mir maache vun elo u nëmmen nach eemol Dessert pro Woch, als Beispill e séissen Dessert, loosse mir esou soen, dat heescht do fält dann och eng Aarbechtskraaft vum Prestataire aus gesinn, e Pâtissier, deen ewech fält. Och do, iwwer dee Wee, kréie mir dann awer och Sue quasi net erëm, awer wou mir der aspueren. Voilà.

Also mir begréisste jiddefalls, dass mir déi dote Konventioun elo hei hunn, dat ass am Interessi vun eiser Qualitéit an awer och eng gutt Kontroll, déi mir am Fong geholl awer als Responsabel vun der Gemeng ëmmer Schwieeregkeet hate fir dee groussen Iwwerbléck ze halen.

Hei muss de Prestataire seng Rechnungen op den Dësch leeën an et gesäit een, vu wou datt et kënnt an den Dénge muss erfuerdert ginn, soss kréie mir de Label net accordéiert.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Här Zuang. Här Gangler.

Jean-Paul Gangler (CSV): Wann ech nach vläit dierft eng Fro noschéissen zum Finanziellen, ob ech dat elo richtig verstanen hunn.

Also, do gëtt déi Formatoun gemat fir 5.000 Euro, ech hat gemengt, ech hätt am Text gelies, déi géif vum SICONA gedroe ginn. Gesinn ech dat richtig oder falsch?

An déi zweet Saach, Dir schwätzt do vun engem Subsid, dee mir kréien. Vu wat fir engem Ministère?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Jo, da gitt déi néideg Erklärungen.



Romain Zuang (LSAP): Bon, also wéi gesot, SICONA schafft ënner dem Subsid vum Ministère de l'agriculture a vum Ministère de l'environnement.

Dat heescht, den Obbau hei, also all déi Fraisen, déi ufalen, leien an deem Subsid vum Staat op SICONA, dofir hu mir keng Méikäschten.

An déi aner Saach, déi 5.000 Euro Formatoun, dat ass déi eenzeg Saach, déi mir droen, déi d'Geméng bezillt.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Jo, Madame Kayser.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Jo, ech hunn och nach eng Fro. Also, wann ech dat richteg verstanen hunn, 30% Bio oder Fairtrade muss si fir dee Label "Natur genéissen" ze kréien a vun deenen 30% sinn 20% Bio-Produite vun deene SICONA-Bauern, wann ech dat elo richteg verstanen hunn. Wat kréie mir dann elo konkret, also wat liwweren si eis?

Romain Zuang (LSAP): Also, prinzipiell Geméiss, Uebst a Fleesch. An dann zum Beispill, et ass och een Hingerziichter derbäi, deen dann och Pouleten assuréiert, awer wéi gesot d'Quantitéiten, dee Mann schluecht dräi Mol am Joer 4.000 Hinger, da muss ee grad dee Moment do sinn, wann en da weess, dass mir her- no 148.000 Menüer hunn, well mir d'Crèchè jo och bäikritt hunn a esou weider a esou fort, da weess een ebe wat fir en Impakt dass dat gëtt an dass dat natierlech net iwwert d'ganzt Land kann ofgedeckt ginn. Dat heescht, si mussen och do eng Suite drabrénge, si hëllefen dann och dem Kach fir eventuell och d'Recherche ze maachen an och fir aner Produiten an esou weider, fir d'Menüen och ze komponéieren.

E lescht Wuert dann och just well d'Madame Goergen geschwat hat vun, datt den SICONA nach aner Aktivitéite géng maachen. Jo mir maachen dat sou wéi sou scho säit, ech weess net wéi laang, zéng Joer an sou wieder, dass mir dee pädagogesche Volet méi vun hinne beusprocht hunn.

Dat heescht, mir hunn effektiv ëmmer, ech géif net soen am Wochentakt, awer ganz oft hu mir si heiniden sëtze mat hier pedagogeschen Aktivitéiten. Also dat ass e Volet, dee mir jiddefalls als Gemeng haaptsächlech beusprocht hunn an natierlech den Entretien vun den Hecken.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Voilà, da géif ech proposéieren, dass mir zur Ofstëmmung komme vun dëser Konventioun mat SICONA "Natur genéissen". Wien ass mat dëser Konventioun averstanen? Dat ass dee ganze Gemengerot, **unanime**. Villmools Merci an da gi mir op den nächste Punkt.

8. AUTORISATION FIR DE GEMENGESYNDIKAT STEP FIR DÉI NÉIDEG DATEBANKE FIR D'GESTIION VUN DEN ZOUGANGSKARTE FIR DE RECYCLINGSPARK ZE KONSULTÉIEREN

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): A bei dësem Punkt geet et ëm d'Gestioun vun de Kaarte fir op de STEP am Kader vun deem neie Gesetz iwwer den Dateschutz an do ginn ech d'Wuert dem René Manderscheid, President vum Gemengesyndikat STEP.

René Manderscheid (LSAP – Schäffen): Merci fir d'Wuert. Ganz kuerz, an der Vergaangenheet war et esou, datt wann een an eng vun deene fënnf Membersgemenge vum Syndikat plënnert, da kritt een eng Kaart fir op de STEP.

Dat ass ëmmer esou gaangen, datt een op de Büro vun der Populatioun sech umelle gaangen ass, da sinn déi Donnéeën un de STEP weidergereecht ginn an de STEP huet déi Donnéeë weidergereecht un eng extern Privatfirma, déi dann déi Kaarte geliwwert huet. Dat huet dann ongeféier dräi Méint gedauert, bis dann dee Bierger oder déi Biergerin déi Kaart hat.

Mat deem neien Dateschutzgesetz huet d'Situatioun sech awer geännert. Mir waren der Meinung, als fënnf Membergemengen, datt mer net méi kënnen déi Donnéeë vun eise Bierger enger externer Firma zur Verfügung stellen, fir kënnen déi Kaarten ze liwweren, sou datt mer op dee Wee gaange sinn als STEP, datt mer en eegene Service wäerten an d'Liewe ruffen, wou mer och eng Persoun astellen, deen sech dorëms bekëmmert, mä dee brauch awer Accès op GESCOM fir d'Donnéeë vun de Gemengen anzekucken, dat heescht, d'Gemengen, respektiv de



STEP kënne selwer déi Kaarten drécken, sou datt de STEP dann an Zukunft de GESTCOM wäert kënne benotzen an dofir musse mir d'Autorisatioun vum Gemengerot hunn.

Dat war schonn an de Gemenge Réiser, Käl, Téiteng a Rëmeleng, do hunn se dat scho votéiert, haut ass Diddeleng um Tour an och Beetebuerg.

Et ass och esou, datt dat e Service gëtt vum STEP ganz alleng, dat heescht, d'Gemenge bekëmmere sech net méi ëm déi Kaarten, et ass just de STEP, deen sech ëm déi Kaarte bekëmmert, mä dofir muss em Accès hunn op dee GESTCOM fir d'Donnéeën ze kréie vun de Bierger. Déi Donnéeën, dat ass reng den Numm an d'Adress, net méi an net manner. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem René Manderscheid. Här Martini.

Claude Martini (CSV): Ech hu just eng kleng Fro: Wann deen dann déi Gestiou mécht, gesäit hien dann och wann d'Leit aus der Gemeng erausplënnere? Muss hien déi Kaarten dann desaktivéieren? Well dat war bis elo net de Fall.

René Manderscheid (LSAP – Schäffen): Mam GESTCOM ass et jo elo esou, dass eise Mataarbechter um STEP gesäit d'Entrée an d'Sortie vun deene respektive Gemengen, sou datt en och, wann hien eng Sortie feststellt vun engem Bierger, an eng Gemeng, déi net eng vun deene fënnef STEP-Gemengen ass, kann hien se direkt desaktivéieren.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ass de Gemengerot mat dëser Autorisatioun averstanen? Dat ass **unanime**, da soen ech lech Merci.

9. APPROBATION VUN DE CHANGEMENTER AN DER ZESUMMESETZUNG VUN DE BERODUNGSKOMMISSIONEN

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géife mer weidergoen op d'Zesummesetzung vun de Berodungskommissionen an do ass d'Propositioun vun der LSAP, dass an der Subsidekommission fir Secondaire- a Postsecondaire-Studien den Här Eric Antoine den Här Guy Dentzer ersetzt an an der Kulturkommission den Här Joël Reisdorf den Här Marc Dany.

Ass de Gemengerot mat dëser Autorisatioun averstanen? Dat ass **unanime**, da soen ech lech Merci.

10. FROEN UN DE BUERGERMEESCHTER A SCHÄFFEROT

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Froen un de Buergermeeschter a Schäfferot hu mer keng virleien, sou dass mer um Schluss ukomm si vun der Séance publique an de géife mer elo an de Huis clos iwwergoen.

HUIS CLOS

LES PARENTS DONNENT L'EXEMPLE !

- Je marche toujours du côté sûr du trottoir, loin des voitures.
- Je traverse la rue au passage pour piétons : rouge je dois m'arrêter, vert je peux marcher mais je reste attentif. S'il n'y a pas de feux de circulation, je regarde à gauche, à droite et encore une fois à gauche avant de traverser la rue.
- S'il n'y a pas de passage pour piétons, j'attends à la ligne de vue où je vois bien la chaussée et où les automobilistes m'aperçoivent. Ensuite gauche, droite, gauche...

- Expliquez à votre/vos enfant(s) les règles élémentaires de la circulation.
- Sensibilisez votre/vos enfant(s) aux dangers de la route.
- Faites plusieurs fois le chemin de l'école ensemble.
- Respectez vous-même les règles du Code de la route : ne stationnez pas sur les passages pour piétons ou sur le trottoir.
- Faites en sorte que votre enfant monte et descende de la voiture toujours du côté du trottoir.



JE SUIS VISIBLE !

Pour que les automobilistes m'aperçoivent plus aisément dans le noir, je porte :

- des vêtements clairs,
- des bandes réfléchissantes sur mes vêtements et sur mon cartable,
- un gilet de sécurité.

CEINTURE DE SÉCURITÉ ET SIÈGE POUR ENFANTS !

Même pour des trajets courts !

- En voiture, il faut toujours être attaché, soit avec la ceinture, soit dans le siège pour enfants.
- Un enfant âgé entre 3 et 17 ans accomplis, dont la taille n'atteint pas 150 cm, doit être transporté dans un siège pour enfants ou un rehausseur qui correspond à sa taille et son poids.



Attention accrue à la rentrée des classes

Surtout les enfants plus jeunes ne connaissent pas encore les dangers de la route et sont moins visibles à cause de leur petite taille. S'y ajoute une certaine agitation lors de la rentrée scolaire qui peut leur faire oublier les règles élémentaires de la circulation. Une attention particulière est donc requise de la part de tous les usagers de la route :

- Soyez attentif et faites attention aux enfants.
- Adaptez votre vitesse aux abords des écoles.

